

Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011 (suite)

- Discussion générale: M. Lucien Thiel, M. Claude Meisch, M. Lucien Lux, M. François Bausch

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État; MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf et Mme Octavie Modert, Ministres.

(Début de la séance publique à 09.03 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.*- Neen, Här President.

► **M. le Président.**- Dat schéngt net de Fall ze sinn.

(*Hilarité et brouhaha*)

Da komme mer elo zréck bei d'Budgetsdebatten. D'Riedezäit ass nom Modell 6 festgeluecht. Mir géifen dann de Moien ufänke mat deem éischte Riedner, nämlech dem honorablen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011 (suite)

Discussion générale

► **M. Lucien Thiel** (CSV).- Här President, Kolleginnen a Kolleegen, e schéine gudd Moien op deem verschneiden, wäissen Dag, deem offensichtlech derfir gesuergt huet, datt d'Reien och e bëssen hell hei gi sinn. Mä dat soll eis net drun hënneren, eis awer och e puer seriö Gedanken ze maachen.

D'Gesetz iwwert de Budget ass aus zwee Grënn eppes Besonnesches. Fir d'Éischt ass de Budget emol deem an Zuelen, an eng Hällewull Zuele gefaasste politesche Programm fir dat anert Joer. Wann och eng Rëtsch vu Gesetzestexter wéi zum Beispill all déi, déi méi e gesellschaftspolitesche Charakter hunn, näischt direkt mam Statshaushalt ze dinn hunn, ginn dach mam Budget net nëmmen ekonomesch, mä och sozial jalone gesat, an dat ganz dacks souguer iwwert dat rengt Budgetsjoer eraus.

Zweetens gëtt d'Budgetgesetz och all Joer erëm deem dofir designierte Rapporteur aus deem Haus d'Geleeënheet, fir sech e bësse méi intensiv mat deem Gesetz auserneezen, wéi dat bei deenen anere legislativen Texter hei am Haus de Gebrauch ass. Iergendwéi soll d'Envergnung vum Budgetsrapport och d'politescht Gewiicht an d'Bedeutung vum deem Gesetzesprojet erëm pigelen. Wat da mat sech bréngt, datt d'Roll vum Rapporteur net nëmmen als eng Eier, mä virun allem als eng Verflüchtung emfonnt gëtt, aus deem Rapport e politeschen Highlight mat e sëllegen Déifgang an enger Kuerbel voll Denkestéiss ze maachen.

Ech muss soen, dat ass dem Kolleeg Alex Bodry als Rapporteur vum 2011er Budget nawell ganz gudd gelongen. Dir konnt lech dovunner déi lescht Deeg iwwerzeegen. Hien huet eng regelrecht Benediktineraarbecht geliwwert mat engem ausféierlechen Zuelewierk an engem nach méi ausféierlechen Iwwerbléck iwwert déi aktuell Problemer vum deem Land. Souwuel déi Problemer, iwwert déi mir eis méi oder weiniger all eens sinn, well se sech einfach

net leegne loossen, wéi och déi, déi wuel kaum manner evident sinn, mä iwwert déi trotzdem d'Meenungen nawell gehéierg auserneegoe kënnen, well se iergendwéi net an d'Virstellung vum deem engen oder aneren erapasse wëllen.

De Kolleeg Alex Bodry huet mat sengem 170-Säite-Rapport - dat sinn der ëmmerhin, ech weess et ze apprécieren, 50% méi wéi säi Virgänger fäerdeg bruecht hat - de Fanger op all déi Wonne geluecht, mat deene sech d'Land haut an och an der Zukunft erëmklappe muss. Sief et am Beräich vum de Gemeengefinanzen - dat ass jo e Sujet, deem hien als Buergermeeschter gudd kennt -; am Zesummenhang mat der Beschäftegung hei am Land; mat dem Budgetscorselet, an dee Bréissel déi eenzel EU-Staten an domat och eis eraquëtsche wëllt, oder mat deem kruzialen Thema iwwert d'Zukunft vum eisem Pensiounswiesen.

Och déi heibannen, déi nach net de Plésier haten, de Budgetsrapporteur spillen ze därfen, wäerte ganz bestëmmt dem Kolleeg Bodry seng Fläissaarbecht apprécieren a mat mir d'accord sinn, fir him ze félicitieren an him Merci fir seng Denkestéiss ze soen.

Här President, Kolleginnen a Kolleegen, Här Finanzminister, ganz einfach war et jo net, fir mat deem Budget eens ze ginn, weder fir de Rapporteur nach fir d'Auteure vum Projet, virop de Finanzminister, deem eis jo geschter hei nach ewell an d'Gewësse geriet huet, wéi hie säi Budget fir 2011 an dee vill méi breede Kontext vum der Zukunft vum eisem Land gestallt huet.

De Budget, un deem jo spéitstens vum Fréijoer un intensiv an de Verwaltungen an an deenen eenzelne Ministère gestréckt gëtt, huet missen zu engem Zäitpunkt opgestallt ginn, wou sech d'Émfeld, dat internationalt an domat forcément och dat nationalt, bal vun Dag zu Dag geännert huet. Wat d'Saach net grad méi einfach gemaach huet!

Am Fréijoer, wéi d'Regierung hir Budgets-virstellungen op Bréissel huet schécke missen, stounge mir nach ëmmer ënnert dem Schock vum der weltwäiter Wirtschaftskris a vun hiren Auswirkungen och op eist Land. Mä iwwert de Summer huet de Konjunkturwand gedréit. An zwar zum Gude. Hien huet en Opschwung, besonnesch bei eisen däitschen Noperen a wichtigsten Handelspartner bruecht, vun deem och mir eppes mat ofkritt hunn.

Mir hate jo scho virun enger Woch d'Geleeënheet, eis mat de Konsequenze vum deem Konjunkturklimawissel fir eis Politik auserneezen, wéi mir an deem Haus iwwert d'Häerzstéck vum deem Spuerpak diskutiert a sträppweis och gestriden hunn, mat deem d'Regierung versicht, déi entgleiste Statsfinanzen erëm op d'Schinnen ze kréien. Well sech op der Recettësäit d'Situatioun gebessert huet an d'Joer enger 700 Milliounen Euro méi wäerten erakommen an d'Statskeess, konnt d'Regierung hir Kriseschrauf e bësse méi labber dréien an déi eng oder aner Spuermoosnam erëm aus dem Pak sträichen.

Mä et soll een elo beileiwen net mengen, mir wiere mat eise Statsfinanzen domat aus dem Schneider! Et bleift nach ëmmer

e gehéierg Lach. E Lach, aus deem mir nach esou bal net erauskomme wäerten. Amplaz e Budgetsiwwerschoss vun op d'mannst 1% erauszeschloen, wéi et laut den Experte Joer fir Joer néideg wier, fir d'Land iwwer Waasser ze halen, kludere mir bis op Weideres am Defizit a mussen eis mat enger bis viru kuerzem ongewinnter Statsschold erëmklappen.

Deen ekonomesche Klimaëmschwung, deem am Summer iwwer eis eragebrach ass, huet dozou bäigedroen, datt jiddweren duerjerneekomm ass an och esou muncheree sech iwwert deem Zuelen-Hin-an-Hier vum de Konjunkturpropheten opgereeget huet, deem net nëmmen d'Leit dobaussen dronke gemaach huet. Natierlech muss dee Computer nach erfionnt ginn, deem engem d'Wirtschaftsentwécklung mat leschter Präzisioun virausseet an domat och verlësslech Zuelen iwwert déi ze erwaarde Recettë fir de Stat ausspäize kann.

Et ass nun eemol esou, datt am Contraire zu den Dépensen, iwwert déi een un a fir sech jo méi oder weiniger selwer Meeschter ass, d'Recetten hirersäits net esou einfach virauszegesi sinn. Duerfir bleift et och bis op Weideres eng Konscht, fir d'Akomes vum Stat méi oder weiniger exakt virauszeschätzen, ier een et dann an de Budget abaut.

Grad duerfir muss eng Regierung all méiglech Instrumenter asetzen, fir datt si hir Budgetspolitik op e méi oder manner zolidd Fëllement opbaue kann. Dat, wat mir grad hei am Land an deene leschte Wochen a Méint erlieft hunn, huet eis jo méi wéi d'äitlech virun Ae gefouert, wéi geféierlech dee Pilotage à vue si kann, zu deem d'Previsiounen een zwängen, déi op Zuele berouen, déi all gudd Broutdag änneren.

Wéi wëllt een och d'Leit dobausse vum der Noutwendegkeet vum enger bestëmmter Politik iwwerzeegen, wann Onkloerheet iwwert d'Ausgangsdonnéeë besteet, a jiddwer sech aus der Zuelenzalot vum de Konjunkturauguren dee Menü zesumme stelle kann, deem him grad an de Krom passt?

Wa mir säit der Tripartite am Fréijoer net méi esou richtig vum Fleck komm sinn, an dat, obwuel d'Zäit eis fortleeft, dann eenzeg an eleng, well eng fundamental Oneneegkeet doriwwer besteet, wéi dann elo wierklech d'Situatioun bei eis ass.

Déi eng mengen, net fir d'Lescht, well se op auslännesch an domat éischer onbefaangen Experte lauschteren, eist Land stéing viru ganz gehéiergen Erausforderungen, well déi gudd Viraussetzung vum der Vergaangenheet lues awer sécher ëmschloen. Eng Prognos, déi sech dann och méi oder weiniger duerch Projektione beleet léisst. Déi aner beruffe sech och op Zuelen, an zwar déi, déi grad am Moment ustinn, a fannen, datt alles a Botter ass, well jo neierdengs d'Recettë vum Stat besser ausfale wéi erwaart, an duerfir ass fir si mam Konjunkturëmschwung einfach all Spuermoosnam iwwerflësseg ginn.

Esou ee Gestreits kënn eben dobäi eraus, wann ee sech schonn iwwert d'Ausgangssituatioun net eens ass. Ouni eng kloer Diagnos ass nun eemol keng eendeiteg Prognos méiglech an domat och keng verstänneg Therapie.

Well mir eis awer net iwwert den Diagnostik eens waren, ass d'Tripartite am Fréijoer schifgaangen, wouropshi mir mat eisem Redressementsfahrplang an d'Kluddere gerode sinn. An och nach elo leie mir eis weinst, wéi de Finanzminister en nennt, sengem Budgetsdefizitreduzéierungspang - dat ass d'Wuert vum Joer! - an den Hoer.

Wa mir et iwwerhaupt emol fäerdeg bréinge géifen, de Leit dobaussen d'Situatioun esou virun Aen ze féieren, wéi se wierklech ass, da géif d'Saach fir d'Politik och e bësse méi einfach ginn. An da wier et schonn net méi gradesou schwéier, fir sech och iwwert d'Rezepter eens ze ginn, mat deenen een d'Land op seng Zukunft virbereede kann. Mä dat geet natierlech nëmme Chiffres à l'appui. An ebe mat

deene Chiffren hapert et - nach ëmmer.

Neierdengs gëtt et dann e weidere Grond, firwat mir eis Gedanken driwwer maache mussen, wéi mir méiglechst exakt an och aktuell Zuele beieneekréien. De Grond heescht „Semestre européen“.

Wat verstoppt sech hannert deem e bësse rätselhafte Begrëff, deem neierdengs duerch d'EU-Gremië geeschtert? Et ass eng Notioun, déi besonnesch de Nationalregierungen etlech Kappzerbrieche an der nächster Zäit bereeden däreft, wann et ëm d'Preparatioun vum hire Budgete geet. Well mat deem u sech harmlose Wuert „Semester“ sinn net nëmmen déi sechs éischt Méint vum Joer gemengt, mä virun allem, wat d'Bréisseler Kommissioun an och den EU-Ministerrot an de Conseil européen vum de Stats- a Regierungschefen an zu gudder Lescht och nach d'Euro-paparlament sech an deene sechs Méint alles u Budgetsdirektive fir d'EU-Memberen zesummereime wäerten. Déi gudd Rot-schléi sollen dann an deenen nationale Reform- a Stabilitéitsprogrammer - elo heescht dat esou, virdrun huet et GOPE (Grandes orientations des politiques économiques) geheescht - hiren Nidderschlag fannen, déi dann hirersäits um Enn vum Fréijoer erëm op Bréissel geschéckt ginn, fir dann do de Segen ze kréien - oder och net.

Sou ganz harmlos ass déi Prozedur nach laang net, well op déi Aart a Weis wëllt d'Bréisseler Zentral zimlech d'äitlech déi national Budgete besser an d'Gitt kréien. An dat schonn am Virfeld, dat heescht, nach ier se vum de Regierungen opgestallt ginn. Et läit op der Hand, datt domat also erëm eng Kéier e Stéck national Autonomie verschwénnt an d'Entscheidungsgewalt nach e bësse méi bei d'EU-Instanze rutsche wäert.

Datt dat allerdengs och Sënn maache kann, léisst sech net ofstreiden, wann ee gesäit, zu wat déi zimlech lax Budgetsdisziplin vum eenzelnen EU-Länner féiere kann a wéi geféierlech dat Auserneendrifte vum deenen nationale Budgetspolitike gi kann, och a besonnesch fir déi gemeinsam Währung. Um Enn muss deene liichtfankege Länner da mat Milliarden ënnert d'Aerm gegraff ginn, fir datt si net an d'Faillite rutschen an domat den Euro geféierlech an d'Schliddere bréngen.

Kee Wonner, datt et neierdengs Stëmme gëtt, an net där mannst, déi um Fortbestand vum Euro zweifelen a sech offen derfir ausschwätzen, datt déi EU-Memberen, déi sech an e chroneschen Defizit manövréieren oder manövréiert hunn, aus der Eurozon einfach erausgehait ginn. Dobäi ass déi geplangte Quasi-Tutelle mam „Semestre européen“ fir déi national Budgetspolitiken eigentlech soss näischt wéi e Behëllef, fir Uerdnung an Disziplin an deen europäesche Finanzbuttek ze bréngen, wa sech déi 27 schonn net iwwer eng ekonomesch Gemeinschaftsféierung eens ginn.

Et gëtt jo scho laang vum engem Genre EU-Wirtschaftszentralregierung geschwat, wéi si säit jeehier de Fransouse virschwief, fir déi den Zentralismus nach ëmmer dee richtege Wee war. Datt een do elo als Nationalregierung de Kieler ugedoe kritt an an e Kalenner eragequëtscht gëtt, deem engem kaum méi Sputt fir eng eegestänneg Budgetspreparatioun léisst, leeft dann och scho méi oder weiniger op esou eng Wirtschaftsregierung eraus, déi allerdengs nëmmen da Sënn mécht, wann all Memberstaten deem Organ sengen Uweisung follegen, an net gläich, wéi dat alt emol schonn an der Vergaangenheet geschitt ass, aus der Rei danzen, wann et eemol kriddelech gëtt.

Op jidde Fall setzt den „Semestre européen“ eppes viraus: nämlech datt een als Nationalregierung méiglechst fréi iwwer méiglechst exakt Chiffre verfügt, op déi een da seng Budgetspolitik ënnert de strengen Ae vu Bréissel opbaue kann.



Et si sech an der Finanz- a Budgetskommissioun vun dësem Haus an och an där fir d'Iwwerwaachung vun der Budgets-exekutioun zoustänneger Kommissioun nawell e sëllege Gedanken driwwer gemaach ginn, wéi mir dat mat deene méiglechst prezise Prognose ronnbrénge kéinten.

Wat bei deenen Iwwerleeungen, un deenen och eis Cour des Comptes bedeelegt war, erauskoum, hutt Dir jo selwer d'lescht Woch ofgeseent hei, wéi d'Chamber d'Regierung an enger Motioun invitiert huet, fir eng nach besser Zesummenaarbecht vun all deene Gremien ze suergen, déi sech bei eis mat de Nationalkonte befaassen.

Do kéint ee sech esou e Genre Thinktank mat de Spezialisten aus de Verwaltungen, dem Statec, der Zentralbank an esou weider virstellen, deen d'Regierung an natierlech och d'Parlament mat ofgekachtem an eenheetlech Zuelematerial versuerge géif, fir datt d'Décisioungremië vun eise Stat en connaissance de cause hir Politik modelléiere kënnen a sech net a widder-spréchlechen Diagnosen an ineffikasse Recepture verléieren.

Här President, d'Regierung huet sech bei der Opstellung vun hirem 2011er Budget net vun deem Wee ofbrénge gelooss, dee se sech viru Méint als mëttelfristegen Auswee aus hirer Finanzkris virgeholl an och op Bréissel gemellt huet. Wuel ass si e bëssen a Verzoch mat hirem Zäitplang gereden, well op eemol d'Konjunkturzuele sech besser entwéckelt hu wéi erwaart a si duerfir d'Spuerschrauf liicht labbere konnt, mä un der Grondausrichtung vun hirer Spuerpolitik kann dat näscht änneren.

Ech wëll mech elo net mat deem Stëppchesspill amüséieren, dat domat gedriwwegëtt, datt d'Konten eemol am Liicht vun der Maastricht-Method, dann erëm nominal System vun eiser nationaler Kontabilitéit bewäert ginn, jee nodeems, wat fir e Resultat hanne soll erauskommen. Mir wëssen all, datt déi Maastrichter SEC-95-Method, déi och d'Konten vun de Mengen an der Sécurité sociale berücksichtegt, eis Situatioun an engem bessere Liicht erschénge léisst, wéi wa mir nëmmen déi vum Zentralstat a Betruucht zéien. Mä et ass kengem gehollef, wa mir op déi Aart a Weis probéieren, eis an d'eegen Täsche ze léien an d'Situatioun méi rosa ze molen, wéi se a Wierklechkeet ass.

Duerfir sollte mir eis esou séier wéi méiglech op eng eenheetlech Budgetsmethod a -presentatioun festleeën, eleng schonn nëmme wéinst der Transparenz vum Budget, och a grad fir de Bierger.

Eis Haaptsuerg awer ass a bleift bis op Weideres, datt eise Stat sech mat deem Defizit erëmklappe muss, an deen hien 2009 duerch d'Auswierkung vun der Kris gerutscht ass, en Defizit, deen iwwregens och souguer an där méi gënschteger Maastricht-Presentatioun opdaucht.

Wann een elo nëmmen eleng den Zentralstat, dat heescht alles, wat direkt vun der Regierung ofhänkt, kuckt, dann hunn 2009 schonn eng Milliard Euro gefeelt, an da feelt dëst Joer trotz de 700 Milliounen méi Recetten erëm eng gutt Milliard, an 2011 laut Budget nach eng Kéier 500 Milliounen. Natierlech dréckt dee Konjunkturprogramm vun 1,2 Milliarden op d'Konten vun dësem Joer, mat deem d'Regierung probéiert hat, géint d'Kris virzegoen. Dee Programm huet sécherlech derfir gesuergt, datt sech d'Auswierkung vun der Kris souwuel bei den Haushalter wéi och beim Handwierk an am Handel hei am Land a Grenze gehalten hunn.

Wann elo dat Lach am Budget, dat duerch deen Antikriseprogramm nach méi grouss ginn ass, dat anert Joer wéi erwaart erëm e bësse méi kleng wäert ginn, dann dierft dat an éischter Linn de Spuermoossnamen zouzeschreiwe sinn, déi entre-temps vun der Regierung an d'Wee geleet gi sinn, quitte datt si deenen engen nach net wäit genuch an deenen anere scho vill ze vill wäit ginn.

Effektiv ginn am Budget fir dat anert Joer dem Stat seng Dépenses nëmme méi ëm knapps 5% an d'Luucht, derbannst d'Recetten ëm bal dat Dräifacht, nämlech ëm 14% klammen. A wa mir domat nach laang net aus dem Defizit eraus wäerte kommen - am klassesche Budget ass ëm-

merhin nach e Lach vu 684 Milliounen fir dat anert Joer virgesinn -, maache sech d'Spuereffortë bemierkbar, déi, wa se och entre-temps ëm eng 120 Milliounen zrëckgeschrauft gi sinn, awer derfir suerge wäerten, datt den „Defizit-gap“ erëm lues zougeet.

Mat e bësse Chance kéint do dem Finanzminister seng Rechnung opgoen, déi esou opgestallt ass, datt dank Aspierungen tëschent 300 a 500 Milliounen am Joer säi Budget bis un d'Enn vun dëser Legislatur erëm am Équilibre ass. Virausgesat natierlech, hien hält duer a säi Spueräifer gëtt net, wéi elo, duerch Konjunkturproklamationen oder duerch de politeschen Drock ofgebremst, dee vun deene kënnt, déi partout net der Realitéit an d'A kucke wëllen, mä dofir nëmmen eleng op hiren eegene Portmonni fixéiert sinn.

Mir schwätzen hei wuelgemierkt vun engem Retour zum Budgetsgläichgewicht, wat awer nach laang net bedeit, datt dann och eis Statsfinanzen erëm am Équilibre wäeren. Dem Stat seng Verschëldung läit am Ablack bei siwe Milliarden an dierft bis 2014 op 14 Milliarde klammen. Trotz alle Spuermoossnamen, vun deene jo eng Partienëmmen zwee Joer, dat heescht bis Enn 2012 programméiert sinn.

Do si mer also bis op Weideres nach wäit vun enger ausgeglachener Situatioun ewech, och wann eis Verschëldungsquot, mat manner wéi 30% vum PIB, verhältnisméisseg räsonnabel schénge. Et kann ee jo bekanntlech laut Maastricht-Vertrag, Dir wësst et, mat senger Dette publique bis op 60% eropgoen, oder ënner besonneschen Ëmstänn souguer nach e bësschen driwwer, an dat gëtt jo am Moment och vu ville Länner ausgenotzt, inklusiv vun eisen dräi Nopere. An Einzelner leie souguer ganz gehéireg iwwert där Limite!

Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, esou eng Verschëldung belaascht natierlech och de Budget, well d'Schulde mussen mat Zënse zrëckbezuelt ginn. Eleng am Exercice 2013 wäerten 2,2 Milliarde fir d'Statsschuld fälleg ginn. Duerfir hu mir all Interessi drun, de Scholdebierg esou séier wéi méiglech ofzebauen, oder op d'mannst derfir ze suergen, datt en net nach weider klëmmt. Dat awer geet nëmmen, wann een um Joresenn ënnert dem Stréch eppes Rescht huet. An dat wäert, wéi mer gesinn hunn, bis op Weideres net de Fall si bei eis.

Déijéineg, déi scho Luucht um Enn vum Tunnel gesinn oder souguer mengen, mir wiere schonn aus dem Tunnel eraus, déi ire sech. Si schlësse vun enger momentaner Konjunktursituatioun op d'mëttelfristeg Zukunft a leeë sech keng Rechenschaft of iwwert déi Hypothéiken, déi op d'ärselwechter Zukunft laaschten.

Eng vun deenen Hypothéiken ass natierlech dee beschwéierleche Wee aus deem elo grad beschriwwene Scholdelech, dee schonn eleng duerfir riskéiert laangwiereg ze ginn, well mir einsteilen nach rout Zuelen am Budget schreiwen an net déi Iwwerschëss erausklappe kënnen, déi ee brauch, fir iwwert de Scholdebierg ze kommen.

Déi aner schwéier Hypothéik ass eise Pensionssystem, vun deem mer wëssen, datt hie méi séier kippe wäert, wéi dat bis elo ëmmer ugeholl ginn ass, an un deem seng inévitable Reform mir eis trotzdeem nach ëmmer net esou richtig erugewot hunn.

An déi drëtt Hypothéik ass déi, datt mir eis op e mëttelfristeg Wuesstum astelle mussen, dat ënnert dem gewinnten Niveau leie wäert an dat eis forcément Upassungen an eise Train de vie ofverlaange wäert. Wuel verstanen: Upassungen no ënnen! A grad do dréckt eis natierlech elo de Schong am meeschten. Mir géifen am léifsten dee ganze Laascht, deen do op eis zoukënnt, op déi drécken, déi no eis kommen, fir datt mir eis nëmmen net der Decken no strecke mussen.

Esou eng „Après nous le déluge“-Astellung ass net nëmme liichtfankeg a kuerzsiichteg, mä virun allem irresponsabel...

► **M. Claude Meisch (DP).**- Alt nach eng Oppositionsried.

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Ma da maacht Är Ried och!

► **M. Claude Meisch (DP).**- Jo, jo, ech maache se och.

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Ma da waart, bis datt et un lech ass!

► **M. Claude Meisch (DP).**- Mir wäerten eis do eens sinn.

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Majo, da Merci, an dann haalt Der..., da sidd Der roueg, wann ech gelift.

(Hilarité)

► **M. Claude Meisch (DP).**- Merci fir d'Frëndlechkeet!

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Also, esou eng...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- ...säi Gebuertsdag...

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Esou eng... Ah, Här Bettel, ech hunn lech nach net héieren haut. Dat ass awer...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- ...si schonn zou...

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Esou eng „Après nous le déluge“-Astellung ass net nëmme liichtfankeg a kuerzsiichteg, mä virun allem irresponsabel vis-à-vis vun den nächste Generatiounen, fir déi et da ganz schwéier dierft ginn, d'Kéier ze kréien. Vill méi schwéier, wéi mir et haben!

Dobäi sollte mir och net vergiessen, datt mir och nach d'Verantwortung droe fir d'Virbereedung vun deem Ëmfeld, an deem eis Kanner a Kandskanner hire Match maache mussen. Déi al Generatiounen kruten eng vun deene beschte Stolindustrien an d'Wéi geluecht. A spéider, wéi et domat méi lues gaangen ass, hate klug Käpp fir eng Finanzplaz hei zu Lëtzebuerg gesuergt, déi eis erëm eng Kéier am Spëtzeploton vun deene räichsten Natiounen positionéiert huet.

A wat maache mir elo fir déi, déi no eis kommen?

► **Plusieurs voix.**- Scholden!

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Ech weess, ech weess. Ech weess viles, mä ech weess op alle Fall, datt mir...

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieden, dem Här Thiel nozelauschteren!

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Hie lauschtert gär op d'Opposition, Här President, loosst e rieden.

Ech weess awer, a bestëmmt eise Wirtschaftsminister och, datt nei „Top-Nischen“ sech net aus dem Stee schloe loosse. Awer si loosse sech mat e bësse Fantasie a mat nach e bësse méi Asaz opbauen, wéi mir dat jo zum Beispill am Beräich vun der digitaler Ekonomie scho virexercéiert hunn.

Dobäi sollte mir och net vergiessen, datt eis Exportlokomotiv Finanzplaz nach laang net um Enn ass. Souguer wann déi rezent ECOFIN-Décisioun, déi vu gëschter, déi oui - dat soll och gesot ginn - d'Verhandlungsgeschéck vun eise Finanzminister wuel net esou gutt fir Lëtzebuerg ausgefall wier, elo vun der Konkurrenz als en Enn vum Bankgeheimnis verkaaft gëtt. Wat se guer net ass, éischter de Contraire!

Well mir bis op Weideres op d'Banken- an op d'Fongenindustrie ugewise sinn, mussen mir alles drusetzen, fir déi Finanzplaz ze konsolidéieren. Op där anerer Säit mussen mir awer eis gradesou verbasse fir d'Diversifikatioun vum Rescht vun eiser Ekonomie an d'Geschier leeën, fir net ze vill ofhängeg vum Finanzsektor ze ginn.

Wann et och net onbedéngt un eiser Generatioun eleng ass, derfir ze suergen, datt déi, déi no eis kommen, an e méiglechst mëllt Bett falen, si mir hinnen et awer op d'mannst schëlleg, datt si gutt virbereet op déi Erausforderunge ginn, déi si erwaarden. Dat heescht, datt mir hinnen déi beschtméiglech Ausbildung mat op de Wee mussen ginn. Eigentlech dierft dat jo net esou schwéier sinn, wann ee bedenkt, wéi vill mir eis scho säit jeehier d'Éducation vun eise Nowuess kaschte loosse! Mä déi lescht PISA-Analys huet alt erëm bewisen, datt d'Qualitéit vun eiser Éducation éischter an engem ëmgekéierte Verhältnis zum finanziellen Opwand steet. Dat misst net nëmmen de Politiker ze denke ginn!

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, virun annerhallwem Mount kouw e Bréif vu Bréissel, wou allerhand Wourechten

iwwer eis Land an eis Ekonomie stoungen. Si ware begleet vun enger Rëtsch gutt Rot-schléi, wat mir alles ënnerrhuele missten, fir eis héicht Wirtschaftswuesstum aus der Vergaangenheet och an Zukunft eriwwezeretten.

Vun deem Bréif huet een, ausser an der Ried gëschter vum Finanzminister, nach net vill heiheem héieren. Mä dat hänkt wuel domat zesummen, datt dee Bréif alt erëm vun engem vun deenen Ausländer kouw, déi jo eis Lëtzebuerger Verhältnisse net esou richtig kennen an déi net wëssen, datt bei eis heiheem aner Regele gëlle wéi am Rescht vun der Welt.

► **Une voix.**- Vu wem kouw dee Bréif?

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Den Absender housch iwwregens Didier Reynders,...

► **Une voix.**- An a wem sengem Numm huet en ënnerschriften?

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- ...senges Zeechens belsche Finanzminister, an hien hat dee Bréif a senger Qualitéit als Vizepresident vum Eurogroup geschriwwen.

Ech soen lech villmools Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dir hutt nämlech elo grad gesot, et géif vun engem Ausländer kommen.

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Jo.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ass den Här Juncker dann net méi Lëtzebuerger?

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Neen, et ass den Här Reynders.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Wien ass da President vum Eurogroup?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Wien ass da President? En huet...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Neen, wien ass de President vum Eurogroup?

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Thiel. Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Meisch (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären...

► **Une voix.**- ...d'Lëtzebuerger eng primitiv Ried halen...

► **M. Claude Meisch (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et huet een an der Ried vum Finanzminister gëschter, et huet een an der Budgetpresentatioun vum Rapporteur, deem ech fir seng Aarbecht wëll félicitéieren, well et ëmmer eng Fläissaarbecht ass, e Rapport wéi deen doten ze maachen, a well et ëmmer d'Ambitioun vun all Budgetsrapporteur ass, fir e puer nei Iddien dann an dee Pak vu Säiten do mat eranzepaken, wat dem Alex Bodry sécherlech hei och nees eng Kéier gelongen ass.

Mä et huet een an deenen Diskussiounen, déi mer bis elo héieren hunn, a sécherlech och nach iwwert den Dag wäerten héieren, erausfonnt, wat dann de Minimalkonsens an dëser Regierung ass, wann et dann ee gëtt. Dat, wat dës Regierung eent, do, wou d'Regierung sech eens ass, dat ass d'Erliichterung, datt et dann elo 2010 vum selwen e Stéck besser gaangen ass, an et ass d'Hoffnung, datt et och an Zukunft esou wäert weidergoen.

Mä geet et eis dann iwwerhaupt esou gutt, wéi et Eenzelner wëllen duerstellen? Si mer eigentlech schonn iwwert de Bierg? Hu mer dat Schlëmmst vun där Kris do schonn hanner eis gelooss? Effektiv, d'Steierrecetten 2010 si besser wéi geduecht, ëm en zolitte Pak vu 700 Milliounen Euro. De Wirtschaftswuesstum huet nees eng, vläicht fir Lëtzebuerger Verhältnisse nach niddreg, mä awer dach schonn zolidd Gréisst vun 3% erreecht. Den Emploi, dee klëmmt am Joresrhythmus vun annerhallwem Prozent.

War et also dat, war et dat mat der Kris? Hu mer eigentlech net am Häerz vum Tornado déi Kris do erlieft, mä vläicht just e klengen Ausleefer vun deem Wierbelsturm sech iwwer Lëtzebuerg ewechgemaach? Nun, d'Demokratesch Partei ass



der Meenung, datt et net de Moment ass, fir Entwarnung ze ginn, well et ganz vill aner Indicateure gëtt, déi eis Suerge maachen, déi eis musse Suerge maachen.

Allem virop den Aarbechtsmaart, wou de Chômage op Rekordniveau klëmmt, emol net op héijem Niveau stagnéiert, mä weider an d'Luucht geet. Wann ee gesäit, datt op der Finanzplaz d'Beschäftegung erofgeet, also an deem Wirtschaftssektor, deen de Motor war fir eis gesamt Ekonomie, fir eise gesamten Aarbechtsmaart, da muss dat eis Suerge maachen - well mer virun allem wëssen, datt mer do déi lescht Restrukturatioun bestëmmt nach net gesinn hunn -, wa mer dee Budget hei virun eis leien hunn a wa mer gesinn, datt d'nächst Joer, 2011, e Budgetsdefizit vun 1,4 Milliarde soll gemaach ginn, dat trotz steigenden an onerwaart héich steigende Recetten, dat trotz säftege Steiererhéijungen, déi ab dem 1. Januar 2011 wäerte gräifen.

Laut den eegene Prognosen an der eegener Ambitioun vun dëser Regierung wëllt d'Regierung dann och bei engem Null-Maastricht-Defizit herno 2014 an enger Situatioun sinn, datt se Joer fir Joer awer nach muss knapp eng Milliard Euro léine goen. An 2011 - an dat sollt eis besonnesch Suerge maachen - läit den Defizit méi héich wéi dat, wat dës Regierung d'nächst Joer wëllt investéieren.

Wa mer emol kucken, déi Situatioun do, wa mer déi bei eis doheem géifen erëmfannen, da fanne mer et normal, datt mer fir en Haus eis Schold maachen. Mer fanne et vläicht och nach normal, datt mer Schold maachen, wa mer en Auto kafen. Mä bei der Vakanz, do gëtt et dann awer richtig bedenklech, a wa mer eis dann och nach mussen d'Pizza iergendwann eng Kéier de Weekend virfinanzéiere loosse, dann ass d'Enn ganz, ganz no.

Mä et ass dat, wat dës Regierung jo eigentlech hei mécht, wa méi Defizit an engem Joer gemaach gëtt, wéi op där anerer Säit an d'Zukunft investéiert gëtt. Da kann e Land net laang duerhalen. Investitiounen si gutt, Investitiounen sinn noutwendeg, wichteg Investitiounen kënnen och duerch eng Verschëldung finanzéiert ginn, mä et kann awer net esou sinn, datt herno d'Defizitfinanzéierung derzou gebraucht gëtt, fir lafend Käschten ze couvréieren.

Da gëtt et eng ganz Rei vun anere Problemer, vun anere Risiken. Dir kennt se alleguerten: Den Ausstieg aus dem Tanktourismus hu mer nach ëmmer net bewältigt. Mir wëssen net, wéi mer et solle maachen. 2015 wäerten d'TVA-Recetten dramatesch erofgoen, well mer dat, wat iwwert de Commerce électronique bis ewell erakomm ass, net méi wäerten erakréien. Mir wëssen net, wéi d'Zukunft vun eiser Finanzplaz ausgesäit. Dir wësst, datt ech optimistes sinn, datt mer kënnen déi Finanzplaz an eng nei Logik erakréien, wa mer déi richtig Entscheedungen haut huelen. Mä mir hu se nach net geholl, a munch Fragezeiche stinn nach am Raum.

De Klimawandel, ee Politikdomän, deen eis extrem deier ka ginn déi nächst Joren! A wa mer gesinn, wat fir eng Zensur mer nees dës Woch do ausgestellt kritt hunn - wou mer eigentlech bei deene Leschte sinn, déi do déi richtig Décisiounen an der Vergaangenheet geholl hunn -, da muss och dat eis Suerge maachen.

Mir wëssen zënter Joren, datt de Renteesystem esou, wéi en haut fonctionnéiert, net oprechterhale ka ginn. Mir wëssen och, datt mer mat der Gesondheetsfinanzéierung eis eng Zolidd mussen afale loosse, a mer wäerte jo net mengen, datt deen zesummegerupfene Gesondheetsprojet vum Minister Mars Di Bartolomeo elo nach all den Erausforderunge vun der Zukunft do wäert Rechnung droen. Den Alex Bodry huet a sengem Rapport op e wichtige Phenomeen higewisen, dee Lëtzebuerg wäert ze schafe maachen déi nächst Joren - virun allem der Finanzpolitik an der Sozialpolitik wäert ze schafe maachen -, nämlech ganz genau d'Alterung vun eiser Gesellschaft. Dat wäerte mer och mierken, wann et ëm d'Finanzéierung vun der Gesondheet hei zu Lëtzebuerg geet.

Neen, Lëtzebuerg ass nach laang net iwwert de Bierg, a wa mer näischt maachen, wa mer weider nokucken, da wäerten d'Konsequenzen dramatesch kënnen ginn. Mir riskéieren, an eng Verschëldungsspiral eranzegeroden, wa mer Joer fir Joer nei Emprunten ophuelen, wou mer haut nach net wëssen, wéi mer se zrëckbezuelen, wou mer awer wëssen, datt duerch déi Zënslaascht do de politesche Spillraum däitlech wäert erofgoen déi nächst Joren.

Mir wëssen, datt mer dausende Leit méi wäerten am Chômage hunn, deene mer keng Perspektiv méi kënnen bidden, hei zu Lëtzebuerg of eegene Féiss ze stoen, duerch eegen Aarbecht kënnen fir hiert Brout an hir Famill ze suergen. Mir wäerten net méi déi noutwendeg Moyenen hunn an eise Budgeten, fir déi Infrastrukturmoossnamen ze finanzéieren, déi noutwendeg sinn, zum Beispill noutwendeg sinn, fir eis Mobilitéit zu Lëtzebuerg oprechtzeerhalen. An haut hu mer jo anscheinend schon net méi genuch Geld, fir noutwendeg Schoulen, déi awer gebraucht ginn - wou d'Regierung selwer dokumentéiert huet, datt se gebraucht ginn -, ze realiséieren.

Mir wäerten am Klimaschutz deier musse bezuelen an et op där anerer Säit net fäerdeg bréngen, déi wirtschaftlech Chance kënnen ze notzen, déi och an deem dote Paradigmewissel leien, dee virun eis läit. Mir wäerten, wat d'Sozialsystemer ubelaangt, dann ëschter an eng Ofbaulogik erakomme wéi an eng Émbaulogik, déi haut eigentlech noutwendeg wier.

Dat ass Lëtzebuerg vu muer, wa mer näischt maachen. Dat ass Lëtzebuerg vu muer: Et ass e Land, dat mer esou net méi wäerten erëmkennen! An ech leie ganz no beim Finanzminister, wann e grad gewarnt huet gëschter. Mir sollten eis emol déi kleng Länner ukucken doruechter, kleng Länner, déi ganz besonnesch ofhängeg waren och vun engem Wirtschaftssektor, an dat muss eis un eppes erënneren, nämlech un d'Situatioun, wéi Lëtzebuerg se erlieft, d'Situatioun, wéi Lëtzebuerg se och eventuell riskéiert an Zukunft. Et dierf net dat dote sinn, wat mer deene künftige Generatiounen fir hir Zukunft hei an eisem Land reservéieren.

Wéi reagéiert d'Regierung bis ewell op déi doten Erausforderung? D'Regierung erhéicht den 1. Januar 2012 (veuillez lire: 2011) d'Steiere fir d'Privatpersounen, d'Regierung erhéicht den 1. Januar 2012 (veuillez lire: 2011) d'Steiere fir d'Betribler, d'Regierung erhéicht d'Loungkäschte fir sämtlech Betribler hei am Land. Et gëtt dann zwar vun enger anerer Aarbechtsmaartpolitik geschwat, déi kënnt dann och vläicht muer, vläicht awer och net. Et gëtt vun enger Rentereform geschwat, vläicht kënnt se muer, vläicht kënnt se awer och net. Nun, mir sinn der Meenung, dat doten ass déi falsch Äntwert!

Et ass net déi adequat Äntwert op déi wirtschaftlech a sozial Situatioun, an där eist Land sech momentan befënt. Doduercher - duerch déi dote Politik - wäert kee Betrib méi op Lëtzebuerg kommen. Duerch déi dote Politik, do wäert keng eenzeg Aarbechtsplaz ofgeséichert ginn. Duerch déi dote Politik, do gëtt kee Problem am Fong geregelt. An där doter Politik ass net den Usaz vun enger konkreter Wirtschaftswuesstumsstrategie erëmfannen. Et ass eng kuerzsiichteg Budgetpolitik, déi derzou wäert féieren, datt déi Laaschten, déi mer haut net de Courage hunn, fir se op eis ze huelen - wou mer haut net de Courage hunn, fir dat ze maachen, wat ze maachen ass -, datt mer déi Laaschten op déi künftige Generatiounen ofwälzen. Domadder ass d'Demokratesch Partei net d'accord!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Meisch (DP).** - Ech si frou, hei zu Lëtzebuerg ze liewen. Et geet eis gutt, an dat verdanke mer ganz besonnesch dem Asaz vun eisen Elteren an eise Grousselteren. Si hunn dëst Land, dëst klengt Land am Häerz vun Europa opgebaut. Si hunn d'Äerm eropgestrëppt, si sinn duerch schwéier Zäite gaangen, mä si hunn ni oppginn. An ech wëll, datt mir eise Kanner, eisen Enkelkanner genausou en houfregt Land kënnen hannerloossen, wéi mir, wéi eis Generatioun et virfonnt huet.

Wann eis Grousselteren nom Krich, a wann eis Elteren an der Stolkris gradesou kuerzfristeg reagéiert hätten, wéi d'Regierung dat haut mécht, jo, da wier Lëtzebuerg haut en aarmt Land, mënschlech a finanziell. Mir erliewen haut eng vun deene schlimmste Krisen zënter dem Zweete Weltkrich. A mir sinn net bereet, op eng Indextranche ze verzichten! Mir sinn net bereet, e Mechanismus wéi den Ajustement emol eng Kéier ze iwwerdenken! Mir sinn net bereet, den Train de vie vum Stat ze iwwerdenken! Mir sinn net bereet, kohärent Strukturreformen op de Wee ze bréngen!

Jo, a mir sinn net bereet, op e Stéck, haut op eppes ze verzichten, fir muer vläicht e Stéck méi vun eppes kënnen ze hunn. Da froen ech mech, wéi mer et solle fäerdeg bréngen, muer nees eng Kéier feste Buedem ënnert de Féiss ze hunn. Ech sinn eigentlech e gebuerenen Optimist, mä dach gëtt et mer baang, wann ech déi dote Politik gesinn!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Meisch (DP).** - Mä wat wier ze maachen, wat ass d'Alternativ? Ech wëll eng Rei vu Punkten opzielen. Mir sinn der Meenung, datt effektiv méi hätt kënnen agespuert ginn, datt effektiv beim Fonctionnement vum Stat nach Efforten ze maache gewiescht wieren.

Bei 34 Milliounen vu Gesamtausgabe vu bal zwielef Milliarde mécht dat jo knapps emol dräi Promille aus, déi d'nächst Joer - déi nach net emol gespuert sinn, mä déi d'nächst Joer sollen - agespuert ginn. Aus eegener Erfahrung aus enger Gemeng, déi net zu deene klengste gehéiert, der Gemeng Déifferdeng, weess ech, datt méi dran ass. Ech weess, datt mer do zënter Jore probéieren, all Joer den Euro zwee- an dräimol ëmzedréien, ouni datt dat op d'Käschte geet vun enger lieweger Stad, vun enger dynamescher Stad, vun enger zukunftsorientierter Stad.

Et gëtt mat Sécherheet honnerte vu konkrete Spuerméiglechkeeten och nach beim Stat. Dat hu mer erfuer an dokumentéiert duerch déi Spuercompagne, déi mer am Ufank vun dësem Joer als Demokratesch Partei lancéiert hunn, wou mer eng sëlliche Propose kritt hunn, déi extrem sënnavoll waren an derwäert gewiescht wieren, se méi am Detail ze analyséieren. A virun allem hunn do d'Bierger bewisen, datt et hei am Land eng Spuerbereitschaft gëtt, datt Versteesdemech do wär, fir et aneschtters ze maachen.

Nun, vun der Säit vun de Majoritéitspartei gouf eigentlech just déi doten Initiativ belächelt, kritiséiert. Ech wëll just drun erënneren, datt se duerno jo och kopéiert ginn ass, nämlech vun der neier englescher, der neier britescher Regierung, déi eigentlech genausou eng Initiativ geholl huet, fir Iddien ze kréien, mä fir awer gläichzäitig op där anerer Säit och d'Leit mat anzebannen an déi noutwendeg Spuermoossnamen.

An ech hunn am Laf vun deene leschte Méint mat ville Leit, Beamten, déi fir de lëtzebuergesche Stat schaffen, geschwat, déi mer soen: „Jo, et wär nach méi dran, mä eigentlech spiere mer keen Drock. Eigentlech kréie mer net gesot, wat muss gemaach ginn, wat d'Spuerefforten da wierklech herno sollen zesummebréngen. A mir wësst schon, wat ze maache wär, wann et da wierklech mat Nodrock géif gefrot ginn.“

Et gëtt virun allem do eng Method ze definéieren, wéi de Stat Joer fir Joer fir säin eegene Fonctionnement net méi Geld muss ausginn, wéi dat da wierklech noutwendeg ass. An ech mengen, datt dat sech och emol net nëmmen op de Stat applizéiert, datt dat sech och op dee ganze parastaatleche Sektor muss applizéieren, an datt mer froe mussen, klären: Wien initiéiert esou Initiativen? Wien décidéiert? Wie kontrolléiert? An eigentlech muss mer eis ganz Logik an eng nei Approche erafaassen, fir Verwaltungen, fir aner staatlech a parastaatlech Strukturen an Institutiounen do eranzekréien.

D'Demokratesch Partei hat 2006 hei d'Propos gemaach vum sougenannten „zero-based budgeting“. Eng Propos, déi eigentlech virgesäit, datt Joer fir Joer sollte sämtlech Budgeten op null gesat ginn an net einfach automatesch sollte weiderge-

schriwwen gi mat darselwechter Héicht oder, wéi et jo oft de Fall ass, gläich sollten ëm e gewëssene Prozentsaz Joer fir Joer eropgesat ginn; neen, mä datt Joer fir Joer nach eng Kéier ze justifiéiere wär, wat da wierklech vu Geld misst, fir déi eenzel Ziler ze errechen, reservéiert ginn.

De Jean-Claude Juncker, eise Premierminister an deemolege Finanzminister, huet gemengt, dat wär alles Kabes, dat doten, dat géif näischt hëllefen. Den dës-jährige Budgetsrapporteur, den Alex Bodry, huet et nach eng Kéier opgeworf. Ech géif also dem Här Bodry „bonne chance“ wënschen, fir d'Regierung vun deem dote Wee da wëllen ze iwwerzeegen.

Op jidde Fall, no zwee Joer Konjunkturpäck, wou mer jo der Meenung waren, datt een d'öffentlech Ausgaben elo net bewosst sollt matzen an der Kris zrëckféieren, a wat e grouse Konsens och hei am Haus gemaach huet, no zwee Joer esou enger Ausgabepolitik da just heihinner ze kommen a 34 Milliounen, dräi Promille vum Gesamtbudget vum Stat, hei wëllen d'nächst Joer anzespueren, dat op jidde Fall geet net duer.

Mir ware mam Prinzip vu Konjunkturpäck d'accord. Mir hätte se sécherlech aneschtters op eenzelne Punkten ajustéiert. Mir ware jo eigentlech hei am Land 2009 lauter Keynesianer, déi gesot hunn: „Jo, et ass gutt an der Kris Defizit ze maachen“, mä de Prinzip vum Keynes war jo net nëmmen deen. De Prinzip vum Keynes war, fir dann, wa keng Kris méi ass, an no der Kris - a mat dräi Prozent Wirtschaftswuesstum kënnen mer jo net méi behaupten, mir wäeren haut an der Kris - dann och erëm en Iwwerschoss ze erwirtschaften, fir doduercher d'Defiziter aus der Vergaangenheet kënnen ofzebauen an ze finanzéieren.

(Interruption)

An hei ass d'Lëtzebuergesch Regierung genau amgaangen, dee Feeler ze maachen, wéi sämtlech westlech Regierungen an de 70er Jore schon emol gemaach hunn. Well hei wäerte mer dat erliewen, datt Kris fir Kris, Konjunkturabroch fir Konjunkturabroch de Sockel vun der Statsschold wäert an d'Luucht goen.

Da wëll ech dem Här Finanzminister soen, wann ech och streckeweis mat deem ganz gutt konnt liewen, wat e gëschter hei virgedroen huet, datt ech awer eng Rei vun Interpretatiounen esou jo net kann deelen. Wann hei gesot gëtt: „Mir spueren andeems mer manner investéieren“, da bréngen ech et ganz schnell fäerdeg, ganz vill ze spueren. Dann huelen ech mer nämlech elo vir, ech géif mer all Joer en neien Auto kafen. An da géif ech mer awer erëischt am siwente Joer effektiv en neie kafen. Dann hätt ech an aacht Joer siwen Autoe gespuert.

(Interruption)

Dat ass... Neen, dat ass d'Logik, déi de Finanzminister hei exposéiert huet.

Wa gesot gëtt: „Mir spueren, well mer manner investéieren, wéi wéi op där anerer Säit geplangt war vläicht eng Kéier ze investéieren“, dat ass keen Erspuernis. Well ech gi jo emol op där enger Säit dovunner aus, datt alles dat, wat geplangt war, awer iergendwann eng Kéier muss gemaach ginn, datt mer et also just vläicht an der Zäit strecken, mä et ass keen Erspuernis, wou eppes agespuert ginn ass, wou eng Dépense guer net wäert ufalen. Déi doten Interpretatioun kann ech jo wierklech net deelen. Ech gleeven drun, Här Finanzminister, datt Dir se am Fong vun Ärem Häerz eigentlech och net esou richtig deelt.

Déi richtig Politik ass, fir bei de lafenden Ausgaben op d'Brems ze drécken, fir do nach just e vernünftege Wuesstum op jidde Fall kënnen zouseloossen, fir op där anerer Säit bei den Investitiounen eben dat kënnen ze realiséieren, wat nun eben emol noutwendeg ass. Well investéieren heescht eben net nëmme Geld ausginn, investéieren heescht an d'Zukunft investéieren. An investéieren heescht och eng Kéier eppes erëmkéien. A wa mer a wichteg an noutwendeg Infrastructure fir dëst Land investéieren, da kréie mer och eng Kéier dofir eppes erëm.

Mir hunn den Här Frieden och bei enger anerer Zuejonglerei do ertappt. Heihinner ze kommen an ze soen, de Budget,



d'Ausgabe géife just ëm 3,6% wuessen, dat stëmmt. Et muss een awer kucken, wat ee matenee vergläicht. Wann een d'Ausgaben, déi geplangt sinn am Budget 2011, mat deenen Ausgaben, esou wäit se reell elo geschat gi fir 2010, vergläicht, da komme mer op eng Croissance vun 3,6%. Nun awer, dat hunn ech als jonke Conseiller zu Déifferdeng an der Gemeng geléiert, dat soll een net maachen!

Et kann een net de Budget initial mat engem Budget rectifié vergläichen! Et muss een e Budget initial mat engem Budget initial vergläichen. A wa mer dann emol kucke ginn, wat am initiale Budget 2010 stoung a wat vun Dépenses am initiale Budget 2011 virgesinn ass, dann ass dat eng Croissance vu bal 6%. A wann ech dann do nach d'Inflation ofrechnen, wou ech dermadder d'accord wär, jo da kann ech awer net méi behaupten, dass eigentlech ënnert dem Stréch do gespuert gi wär, esou wéi de Luc Frieden eis dat gëschter wollt kloermaachen.

Hei gëtt probéiert, mat enger Rei vun Niwwelwolen déi ganz Diskussioun e bëssen ze verschleiern, dass herno keen am Land méi esou richtig weess, wat dann elo wierklech gëllt a wat da wierklech d'Enjeux sinn a wat hei wierklech gemaach gëtt a verursaacht gëtt vun där doter Regierung.

Da wëll ech awer gradesou kloer soen, bei aller Spuerdynamik, déi mer nach mussen entwéckelen, dass mer op där anerer Säit mat Spueren eleng de Problem net wäerte regelen, dass mer op där anerer Säit eng konsequent Wuesstumsstrategie brauchen, well Lëtzebuerg muss wuessen. D'Lëtzebuerger Economie muss wuessen, fir aus deem dote Lach erauszekommen.

Duerfir ass d'Demokratesch Partei bereet, mat op de Wee ze goen, fir d'Lounkäschen e Stéck ze bremsen an doduerjer déi Steuererhéijungen, déi d'Majoritéit vun der Chamber hei d'lescht Woch decidéiert huet, iwwerflësseg ze maachen.

D'Majoritéit schéngt do eng aner Lecture ze hunn. Ech hunn, et se Wieder vum Budgetsrapporteur, deen awer d'lescht Woch hei Spriecher vun der LSAP-Fraktioun war, an och aus dem Mond vum Finanzminister héieren, dass et der Regierung e bëssen drëms geet, fir mam Index, dee se dann do accordéiert huet, op där anerer Säit déi Steuererhéijungen ze kompenséieren.

Ma dat gëtt jo awer esou eent géint dat anert opgerechent. Da gëtt gesot: „D'Leit verléieren nâischt. Se bezuelen zwar méi Steuern, mä si kréien duerch den Index erëm eng Kéier méi.“ Wat, mengen ech, jo eigentlech net déi initial Lwwerleeung vum Index war, an op gewëssene Borden, mengen ech, dat och sécherlech net esou kann, kéint oder dierft guttgeheescht ginn.

Ech wëll gläichzäitig och nach soen, bei där Rechnung, déi do gemaach ginn ass, dass keen eppes géif verléieren, dass d'Leit dat jo duerch den Index géife kompenséiert kréien, wa mer déi Rechnung richtig maachen, da mussen mer jo awer emol an d'Steuererhéijungen d'Netupassung vun der Steiertabell nach mat arechnen.

Well bei déi 230 Milliounen, déi méi u Steiere bezuelt ginn duerch dat, wat d'Chamber d'lescht Woch decidéiert huet, kommen op d'mannst nach eng Kéier 100 Milliounen duerch dat, wat d'Chamber net decidéiert huet, nämlech fir d'Steiertabell un d'Inflation unzepassen. An dann ass dat sécherlech a ganz besonnesch fir d'Privatpersounen eng ganz aner Rechnung, déi do misst gemaach ginn, wéi déi, déi hei vun der LSAP an och vum Finanzminister virgerechent ginn ass.

Op jidde Fall, déi dote Politik, déi féiert derzou, dass d'Käschte fir d'Betriber wäerten an d'Luucht goen, dass d'Kompetitivitéit wäert erofgoen, dass Aarbechtsplaze wäerten a Gefor geroden. An dat hu mer jo erlieft. Mir erliewen et eigentlech all Dag. Et ass e schläichende Prozess, dass, och wa gesot gëtt: „Eis Chiffere si gutt a mir risikéieren eigentlech elo net ganz vill doduerjer“, d'Betriber wäerte reagéieren. A se wäerten och duerch déi doten Indexpolitik hir Décisiounen huelen. An d'Demokratesch Partei huet jo ganz genau bei mëttelstännegen Entrepreneuren emol eng Kéier nogefrot, wou derbäi erauskomm

ass, dass déi éischt Reaktioun op déi Indextranche do an op déi Lounpolitik do ass, dass manner Leit wäerten agestallt ginn an dass éischter wäerte Leit ofgebaut ginn.

Et geet eis an där doter Fro virun allem ëm d'wirtschaftlech Dynamik. Et geet eis ëm d'Sécherheet vun den Aarbechtsplazen. Duerfir huet d'Demokratesch Partei en anere Modell proposéiert. Mir wäere bereet gewiescht, déi Indextranche auszusetzen, well mer dat an eise Wahlprogramm proposéiert hunn, well mer gesot hunn: „Mir stinn zum Index als e wichtegt soziaalt Instrument, dat fir de soziale Friden hei am Land och ka suergen, mä dann, wa mer a wirtschaftlech schwierige Situatiounen sinn, mussen mer awer och bereet sinn, am Land doriwwer ze schwätzen an d'riwwer nozedenken.“

Mir hätten dann, nieft dem Ausfalle vun enger Tranche, proposéiert, fir op den nothaltegen Index iwwerzegoen, deen, wou mer gesinn, wou mer wëllen, dass d'Energiepräisser e manner staarkt Gewiicht am Wuerekerf sinn, fir wierklech och en Ureiz ze schafen, sech méi ökologesch a méi nohaltig kënnen ze verhalen.

Da wäere mer och bereet gewiescht a mir sinn et, fir de Mindestloun ze adaptéieren. An deem Package do wiere mir der Meinung, dass et e sozial équilibréierte Package gewiescht wier, well déi ënnescht Léin méi kritt hätten. Et wier fir de Stat op jidde Fall eng Situatioun gewiescht, wou en däitlech manner Dépense gemaach hätt, wéi dat elo de Fall ass, well den Index heescht eben och fir jiddwereen, dee beim Stat schafft an iwwert de Statsbudget säi Gehalt a seng Pai kritt, dass dat 2,5% méi ausmécht.

Et wier eng Politik gewiescht, déi d'Inflation gebremst hätt, fir eng Kéier aus där Inflationodynamik erauszekommen, déi hei zu Lëtzebuerg nun awer vill méi staark ass, däitlech méi staark ass wéi an den Nopeschlänner. Mir hätten d'Lounkäschte gebremst kritt; d'Entwécklung vun de Lounkäschen net inverséiert, mä op d'mannst d'Entwécklung gebremst kritt. Mir wäere méi kompetitiv ginn doduerjer.

Mir hätten eppes Guddes gemaach fir eis Economie a fir eis Aarbechtsplazen. An doduerjer wier finalement dann och erëm eng Kéier méi Kafkraaft an de System erakomm. Et wier neie Wirtschaftswuesstum erakomm, et wieren nei Steuerrecetten och an d'Keess vum Stat erakomm.

Mir si jo net déi Eenzeg, déi dat doten esou gesot hunn. Et gëtt der, an et sinn d'Finanzministere vun den Eurolänner, déi hunn eis dat geschriwwen. Dat heescht, den Här Juncker, den Här Frieden, déi hunn eis dat eigentlech geschriwwen. An iergendwou verstinn ech awer elo net méi, dass op där enger Säit de Finanzminister an de Premier vun eiser Regierung eis mat den europäesche Kolleegen e Brëif schreift, wou se soen: „Maacht eppes beim Index“, an dann déiselwech Regierung, wou de President vun där Regierung dat seet, wou de Finanzminister vun där Regierung dat seet, genau de Contraire do mécht.

Also, entweder ass den Här Juncker an ass den Här Frieden an der falscher Regierung, oder ech sinn an engem falsche Film, mä dat doten,...

(Interruptions)

...dat kann et net sinn!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Musse mer ofstëmmen? Oh Gott!

► **M. Claude Meisch** (DP).- Wann d'Regierung haut géif ofstëmmen, da wiert Der net zu ganz vill, Här Di Bartolomeo.

(Interruption)

Also proposéiert Dir haut keng Basisdemokratie.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Kuckt emol hei!

► **M. Claude Meisch** (DP).- Proposéiert Dir haut keng Basisdemokratie. An ech géif mengen,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Ech mengen, hien huet haut de Moien duerch d'Vergrößerungsglas gekuckt.

► **M. Claude Meisch** (DP).- ...datt, wa mer d'Luuchten hei géifen ausmaachen

am Sall a mer géifen iwwer munches ofstëmmen, Här Di Bartolomeo, da weess ech net, ob Dir bei deene wiert, déi ëmmer Recht hätten.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Hohoho!

► **M. Claude Meisch** (DP).- Ech verstinn...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Waart Dir och op der Autobunn stieche bliwwen?

► **M. Claude Meisch** (DP).- Ech verstinn also eigentlech hei net méi, wie wat wëllt, wie wat seet a wien dann och wat finalement wëllt maachen. De Jean-Louis Schiltz, de Fraktiounspräsident vun der CSV, ass d'lescht Woch hei op d'Tribün komm kuerz virum Vote zu dem Steuerpak an huet ugefaangen iwwer eng attraktiv Steuerlandschaft fir Lëtzebuerg ze schwätzen. An do hunn ech gehofft: Elo kënn Asiicht op. Endlech huet d'CSV et begraff a mécht déi dote Steuerpolitik net méi mat.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Dir iert lech, Här Meisch.

► **M. Claude Meisch** (DP).- Mä den Här Schiltz ass sech sëtze gaang, a mat senger gesamter Fraktioun stëmmt e genau de Contraire vun deem, wat en hei fénnef Minutte virdrun op der Tribün gesot huet, nämlech e stëmmt fir eng massiv Steuererhéijung fir d'Privatpersounen a fir d'Betriber hei am Land.

An den Här Frieden stoung gëschter hei. En huet eis vu Spuere geschwat. En huet eis dovunner geschwat, dass och hien der Meinung ass, dass een eigentlech méi misst investéieren, wéi een Defizit hätt. En huet eis och geschwat vu wichtege Strukturereformen an dass e scheitert mat einzelnen Lwwerleeungen um Widerstand. Wien en dann do wuel gemengt huet, sief jiddwerengem selwer fräigestallt. Nun, op där anerer Säit proposéiert en awer dem Parlament, dee Budget hei ze stëmmen, wou eigentlech just de Contraire drasteet.

Dës Regierung huet kee Konzept an hiert eenzegt Konzept, dat féiert derzou, dass d'Lounkäschen eropginn, dass d'Steieren eropginn, dass Lëtzebuerg manner attraktiv gëtt an der Realitéit, dass d'Kompetitivitéit vun eise Betriber doduerjer erofgeet, dass Aarbechtsplazen a Gefor sinn, dass d'Ekonomie ofgewiergt gëtt, dass d'Kafkraaft erofgeet.

An där schlëmmster Kris, un déi mir eis alleguerten heibannen nach selwer kënnen erënneren, dat war déi 2008/2009 a wou mer elo nach net ganz eraus sinn, wa mer et do net fäerdeg bréngen, dach iwwer Mechanismen wéi Index oder Ajustement sënnvoll kënnen mateneen ze schwätzen a vläicht emol eng Kéier dat auszusetzen, wa mer dat net méi fäerdeg bréngen, da gëtt et mer wierklech baang, wéi ee Lëtzebuerg aus där Situatioun do kann erauszéien.

Ech hunn den Ajustement ugeschwat an ech wëll lech soen, dass och mir deen nächsten Ajustement, deen d'nächst Woch um Ordre du jour steet, net wäerte stëmmen, an dat sécherlech net aus Mangel u Respekt un der Liewensleeschung vun all deene Leit, déi do betraff sinn. Well grad meng Generatioun, mengen ech, muss an huet deen noutwendige Respekt. An ech hunn et virdru gesot: Mir profitéieren dovunner, dass mer e Land virfonnt hunn, wat déi, déi virun eis waren, opgebaut hunn, oft mat vill Effort opgebaut hunn, mat vill Schweess opgebaut hunn.

Mä trotzdem muss ee jo awer kënnen iwwer e puer Saachen nodenken. Ass den Ajustement dann en Element vu selektiver Politik? Selektiver Politik, déi, mengen ech, jo och am Koalitionsaccord vun der Majoritéit festgehalten ass. Well do kritt jo jiddwereen deeselwechte Prozent d'nächst Joer.

Et geet eis hei net ëm déi kleng, ëm déi Minimalrenten, ëm d'Hongerrenten. D'Hongerrenten, déi eigentlech dank dem fréiere Sozialminister Carlo Wagner jo definitiv ofgeschafft gi sinn. Et geet eis hei ëm e selektiivt Element an där doter Diskussioun.

An dann diskutéiere mer, dass mer eng Rentemauer hunn. De Premierminister huet den Term vun der Rentemauer geprägt, a Joer fir Joer reegt e sech selwer doriwwer op, dass mer et net fäerdeg

bréngen, do eng Solutioun erbäizeféieren, mä op där anerer Säit drécke mer elo nach eng Kéier op de Gas, fir eigentlech méi schnell an d'Rentemauer herno ze rennen.

Dat an engem Kontext, wou déi Aktiv an der Populatioun jo däitlech belascht ginn duerch déi Steuererhéijungen, déi d'Majoritéit vun der Chamber d'lescht Woch hei decidéiert huet. An da gëtt gesot: „Jo, iergendwann kënn jo eng Kéier eng Rentereform.“ Dat heescht, mir maachen hei Politik, dass mer de Leit elo emol nach eppes ginn, fir hinnen et mat der nächster Reform esou schnell wéi méiglech erëm ewechzehuelen. Dat kann et awer net sinn! Dat ass op jidde Fall keng Politik, déi de Prädikat „generatiounegerecht“ verdénkt huet, an duerfir wäerte mer se do och net matmaachen.

Mir hu proposéiert als Demokratesch Partei zënter 2006 en neie Rentendesch ze maachen, wou mer grad iwwert d'Nohaltegkeet vum Rentensystem géifen diskutéieren a probéieren en nationale Konsens do erauszueschelen, well ech fest der Meinung sinn, dass mer grad an deem dote Politikberäich e parteiwwergräifende Konsens brauchen, dee méi laang d'Strooss hält wéi eng oder zwou Legislaturperioden, well de System méi laang d'Strooss muss halen, well et e Generatiounensystem ass.

Well deen, deen haut an de System eraklëmmt, dee muss wëssen, dass herno, no deem leschten Dag vu senger aktiver Carrière, dann de System och nach dréit. An duerfir dierft et keng Saach vun der Parteipolitik sinn. Mä leider wollt dës Majoritéit net op deen dote Wee matgoen, fir en nationalen Konsens ze sichen. A leider, muss ech soen, hu mer deesen Hierscht déi ugekléngelt Reform vum Minister Di Bartolomeo och net gesinn.

Den Här Bodry huet hei d'lescht Woch gesot, d'Demokratesch Partei géif sech et einfach maachen. Mä da kommt, mir kucken emol, wéi einfach dass mer eis et maachen a gemaach hunn an der Vergangenheet! Maache mer et eis als Oppositionspartei esou einfach, well mer zum Beispill virun enger Rei vu Joren hei géint de Kannerbonus gestëmmt haten, wat jo emol e gewëssene Courage gebraucht?

Mä et ass eis Politik gewiescht dee Moment schonns, fir ze soen: Kommt, mir maache manner Geldleeschungen a méi Sachleeschungen, well dat bei de Kanner finalement besser ukënn a vill méi bréngt. Mir hunn 2006 an elo och erëm ganz vernünfteg Indexpropositionen gemaach, aus der Opposition eraus. Mir hätten alles aneschter kënnen maachen an eis ech weess net wien kënnen uschlëssen an hannendrunlafen. Mir hunn et net gemaach.

Mir hunn déi Wahlcadeauen, déi virun der leschter Wahl nach verdeelt gi sinn, wéi d'Chèques-services, op d'Heftegst kritiséiert, well mer der Meinung waren, dass se vill ze vill en administrativen Aufwand géife mat sech bréngen. Mir hunn de Statut unique, wou de Leit jo och versprach ginn ass, dass, wa se en aneren Titel géifen droen, dann hir Situatioun däitlech besser wär, net matgedroen, well mer net gesinn hunn, wou en da wierklech ee vun deene fundamentale Problemer géif léisen. A mëttlerweil gesi mer och, dass et kee vun deene fundamentale Problemer geléist huet.

Mir hunn hei virun e puer Wochen net matgestëmmt, wou et ëm déi nei Studebäihëllefe gaangen ass, well mer der Meinung sinn, dass se eben net selektiv sinn, well mer der Meinung sinn, dass do weider Politik mat der Géisskan gemaach gëtt. Mir hätten eis et sécherlech méi einfach kënnen maachen, wa mer gesot hätten: „Ma neen, elo gitt do nach e bësse méi.“

Mä d'Demokratesch Partei, déi huet eng Linn. Se huet eng Meinung. Se huet eng Lwwerzeegung. A mir drécken eis och an der Opposition net virun der Verantwortung. Mir hätten alles vun deem kënnen matstëmmen. Mir hätte kënnen fuerderen, dass et nach méi misst sinn an dass nach



eng säfteg Schëpp misst bäigeluecht ginn. Neen, Här Bodry, neen LSAP, d'Demokratesch Partei, déi ass eng Partei, déi sech net virun der Verantwortung dréckt.

Mä ech mierken awer virun allem, datt d'LSAP hei net de Courage hat an der Regierung, an der Verantwortung hir Verantwortung ze iwwerhuelen, well si huet sech vun hirer Basis diktéiere gelooss, wat dann nach als Regierungspolitik dierft gemaach ginn. D'LSAP, déi kritt de Schnapp, wann den Här Reding eng Kéier néizt. D'LSAP huet hei eenzeg an eleng no hirer Partei gekuckt, no de Parteiinteresse gekuckt, a ganz hannen um Wupp sinn eréischt Interesse vum Lëtzeburger Land komm.

All Expert huet gesot, wat ze maachen ass, nationaler, internationaler. An et sinn eenzel Leit an der Regierung, déi hunn et der eegener Regierung och nach eng Kéier schréftlech matgedeelt. Neen, d'LSAP, déi fuerdert ganz genau de Contraire dovunner. An dann hält se och nach hire Koalitionspartner als Geisel doranner a probéiert sech dann op all eenzelnem Punkt géint deen och nach duerchzusetzen, wat hinne finalement net schlecht gélingt. Dat muss ech awer unerkennend soen. Mä finalement ass et eng onverantwortlech Politik vun der Lëtzeburgergescher Sozialistescher Aarbechterpartei.

D'Demokratesch Partei iwwerhëlt d'Verantwortung a mir wëssen, wat ze maache wär. An ech wëll eng Rei vu Politikberäicher vläicht nach eng Kéier kuerz uräissen.

Am Klimaschutz. Ma mir hunn e Programm do, wéi mer als Lëtzebuerg de Klimaschutz als Chance kënne gesinn, wéi mer doduerjer wirtschaftlech Aktivitéite kënne generéieren, wéi mer och mat neie Modeller eigentlech de Budget kënne hëllefe sanéieren. Andeems mer eben d'Investitiounen an erneierbar Energien, an d'Isolatioun vun den Haiser net méi nëmme subventionéieren, mä andeems mer se virfinanzéieren an d'Leit et duerno rembourséiere mat deem, wat se reell Aspierungen op hirer Energiefactory, op hirer Gasfactory an op hirer Mazoutsfactory hunn.

Mir proposéieren d'Schafung vun enger Klimabank, déi genau dat dote géif maachen. An ech verstinn net, datt eng Regierung, wou jo awer och Leit drasetzen, déi sech nach e bësse fir d'Finanzplaz interesséieren, net mat op deen dote Wee geet, well dat dote kéint en neie Créneau gi vun der Lëtzeburgergescher Finanzindustrie.

A mengt net, datt déi aner et net amgaange sinn ze maachen, well déi konservativ-liberal Regierung ganz genau dat doten amgaangen ass fir d'Londoner City op de Wee ze bréngen. Kuckt emol eng Kéier dohinner an da liest Der emol eng Kéier, wat d'Demokratesch Partei dozou gesot huet, an dann inspiréiert Der lech eng Kéier dorunner. Mä inspiréiert lech geschéckt dorunner!

Maacht et net esou, wéi Der et mat eiser Propos vum Wunnegeld gemaach hutt, wou mir jo virun de Wahle proposéiert hunn, d'Kannergeld generell e Stéckelchen erofzesetzen an e Wunnegeld fir déi Leit, déi hei am Land wunnen, amplaz ze setzen. Et wär e Systemwiessel gewiescht, dee sech iwwer eng Generatioun en place gesat hätt, well mer gesot hunn: „Mir huele kengem eppes ewech. Mir maachen dat dote fir déi neigebuer Kanner.“

Mir si vill kritiséiert ginn dofir. An d'Regierung huet et finalement awer iwwerzeegt a si huet et kopéiert. Mä si huet et schlecht kopéiert, andeems se gesot huet: „Mir gi kee Kannergeld méi fir Kanner ab 21 Joer. An op där anerer Säit maache mer da fir déi Jugendlech, déi am Land wunnen, déi studéieren, méi generéis Studiëbäihëllefen.“

Eise Modell wier besser gewiescht, soen ech lech, well eise Modell, dee wär sozial selektiv gewiescht. Eise Modell, dee wär bedarfsorientéiert gewiescht. Bei eise Modell hätt keen eppes verluer, dee bis ewell eppes kritt hätt. An eise Modell hätt et zu Lëtzebuerg erlaabt, fir finalement nach wunnen ze bleiwen als Famill mat Kanner, wou mer wëssen, datt dat ëmmer méi schwéier gëtt.

Wann Der also d'Propose vun der Demokratescher Partei kopéiert, dann, wann ech gelift, maacht et uerdentlech an net esou stümperhaft, wéi Der et an deem dote Fall gemaach hutt!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Très bien!

► **M. Claude Meisch (DP).**- Mir hu Propositionen zum Aarbechtsmaart, déi Der net bereet sidd opzegräifen, fir ze aktivéieren, fir aus der ADEM eng Weiterbildungs-agence ze maachen, fir Kompetenzen ze vermëttelen, fir eben net nëmmen op en zweeten Aarbechtsmaart ze setzen, a virun allem och déi jonk Leit do méiglechst laang dann dran ze parken, fir datt se iergendwéi nach sollen iwwert d'Ronne kommen. Déi Aarbechtsmaartpolitik vun där doter Regierung, déi féiert derzou, datt se finalement ganz vill Geld kascht, mä awer de Misär vun deenen Eenzelnen net wäert behiewen.

Wéi ass et mat der Wunnungsbaupolitik, wou de Premierminister hei virun dräi Joer jo de kompletten Échec constatéiert huet. Du kouw de Pacte logement, an et ass nach alles schlimmer ginn. Well trotz der Kris, trotz enger Situatioun, datt eigentlech vill manner Haiser an Appartementer kaaft ginn doruechter, sinn d'Präisser a leschter Zäit nees an d'Luucht gaangen.

An d'DP huet do ganz kloer deemools scho gesot, wat misst gemaach ginn. Mir mussen eis Prozedure straffen, fir datt méi schnell ka gebaut ginn, fir datt d'Offer um Wunnungsmaart kann der Demande nokommen. Mir mussen dat 2004er Gesetz entrümpelen, wou mer elo schonn iwwer fënnf Joer domadder amgaange sinn an eigentlech nach ëmmer net un d'Zil komm sinn.

Mir mussen dat Gesetz esou nei schreiwen, datt net d'Affekoten, mä finalement dann awer d'Urbanisten dat lescht Wuert behalen, wann et drëms geet, fir eis Stied an eis Gemengen, eis Dierfer kënne weiderzeentwëckelen. Well haut ass d'Situatioun esou, datt, wann iergendwann eng Kéier gestridde ginn ass ëm konkret Wunnungsbauprojeten, da gëtt nach ëmmer net gebaut.

Zur Simplification administrative. Dat ass och Chefsaach gi virun annerhallwem Joer. Mä och do ass et zënterdeem eigentlech just schlimmer ginn. Schwätzt emol eng Kéier mat de Betriber hei am Land. Mir hunn als Demokratesch Partei zu all deenen dote Sujete genuch Propositionen um Dësch leien. Mir hunn als Demokratesch Partei gëschter nach eng Kéier der Öffentlechkeet kloergemaach, op wat fir engen zéng Punkte mir aneschtens Politik hei zu Lëtzebuerg géife maachen.

An engem bloe Brëif, wou mer zéng Impulser dokumentéiert hu fir Lëtzebuerg, wou mer eng Alternativ zu där Steuererhéijungspolitik vun CSV an LSAP skizzéiert hunn, wou mer nach eng Kéier drop agaange sinn - an ech hunn et grad gesot -, wéi mir et gemaach hätten, wéi mer déi Steuererhéijung vun 230 Milliounen Euro plus dat, wat nach duerch d'Netupassung vun der Steiertabell - soe mer nach eng Kéier ronn 100 Milliounen - derbäikënn, hätte kënne évitéieren, a mer mer doduerjer, duerch eis Politik, d'Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg méi sécher gemaach hätten.

Den Här Bodry huet déi Steuererhéijungen do verteidegt, andeems e gesot huet, eigentlech all aner Länner, déi géife momentan d'Steieren eropsetzen. Ech kann dat net feststellen. Ech weess net, mat wat fir engen anere Länner den Här Bodry eis amgaangen ass do ze vergläichen. Natierlech Länner, déi mam Réck zur Mauer stinn, deene bleift vläicht näischt aneschtens méi iwwreg. Mä ech hat gemengt, Lëtzebuerg wär an enger anerer Kategorie vu Länner bis ewell ugesiedelt. Dat schéngt fir den Här Bodry hei net méi esou kloer ze gëllen.

Den Här Bodry huet hei déi Steiersätz, déi dann elo zu Lëtzebuerg gëllen, mat deene vun der Belsch verglach. Nun, ech wëll eis net mat der Belsch vergläichen. Ech wëll net, datt mer zu Lëtzebuerg belsch Verhältnisser kréien. A wien dat wëllt verstoen, dee soll eng Kéier op Athus, op Messancy an op Aubange kucke goen.

Den Här Bodry huet och eis jëtzege Steiersätz mat deenen...

► **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Här Meisch, et wier dach awer schéin, wa mer keng Regierung hätten.

(Hilarité)

► **M. Claude Meisch (DP).**- Ah, et wär net schlimmer wéi elo, jo!

(Hilarité et interruption)

Den Här Bodry huet hei déi jëtzege Steuerpolitik verteidegt mat de Steiersätz, déi Lëtzebuerg an den 80er Jore kannt huet. Nun, ech wëll net, datt Lëtzebuerg zrëck an d'80er Jore geet. An ech wëll do awer emol vläicht nach eng Kéier drun erënnere, datt mer deemools vläicht méi héich Taux bei der Akommessteuer haten.

Mir haten awer och nach méi en niddregen Taux bei der TVA, deen eis jo duerch déi europäesch Harmoniséierungsbewegung vun 12 op 15% dunn eropgesat ginn ass. An duerfir si mer erofgaange mat der Akommessteuer, fir do de Leit d'Geld an der Täsche ze loosse. Dat war d'Ursaach. Duerfir solle mer eis, wann ech gelift, net un den Akommessteiersätz vun den 80er Joren hei orientéieren.

Jo, d'Politik vun CSV an LSAP, déi ass gescheitert. D'Regierung ass desorientéiert. Si dréit d'Verantwortung, datt eng Tripartite ausenanergaangen ass, ouni datt se Solutiounen proposéiert huet. Den Erfolgsmodell, de Lëtzeburger Modell ass doduerjer staark beschiedegt. Ob déi Schierbelen do erëm eng Kéier kënne zesummegekleeft ginn, dat wësse mer nach net.

An d'Regierung dréit d'Verantwortung dofir. An et ass et sech e bëssen einfach gemaach, fir heihinner ze kommen an ze soen: „Jo, déi aner, d'Sozialpartner, d'Regierung, d'Patronat an d'Gewerkschaften, si si sech net méi eens.“ Et hätt missen eng Regierung dohinner goe mat ganz konkrete Propositionen.

Eng Regierung, déi preparéiert ass. An dat soe jo net mir, datt d'Regierung net preparéiert war, fir an déi Tripartite eranzugeen, dat soen déi Leit souwuel aus dem Gewerkschaftslager wéi och aus dem Patronatslager, déi mat derbäi waren. D'Regierung hätt sech net dierfen do op d'Situatioun, op d'Fonction vum Modérateur beschränken. Si hätt missen eng aktiv Roll spillen. Si hätt mat Propositione missen dohinner goen, mat enger Meinung, mat Zilsetzungen.

Ech ka mer net virstellen, datt de Gaston Thorn oder de Pierre Werner esou an d'Tripartitë gaange sinn. Ech mengen, dat ware Leit, déi sinn dohinner gaangen, déi wossten, wat se wollten. Déi haten eng kloer Position. Déi wossten och, wou se eraus sollte kommen. An déi hu probéiert, d'Land an d'Représentantë vum Land, déi ronderëm den Dësch vun der Tripartite do souzen, ze iwwerzeegen...

(Interruption)

...dovunner.

Haut mécht d'Regierung eigentlech nach just dat, wat d'Gewerkschaften hir zouléisst, wat déi hir diktéiert. An duerfir gëtt et keng kohärent Regierungspolitik méi an et gëtt och keng kohärent Regierung méi. D'Regierung huet d'Flemm, an d'Ministere soen, datt, wa se sech da selwer nach géifen eescht huelen, jo dann, da misste se zrécktrieden.

D'Regierung, déi proposéiert hei e Pak vu Mesuren, dee se sech selwer zerfleddere léisst vun den eenzelne Ministeren erëm respektiv vun de Majoritéitsparteien. Eng Mesure kënnt op den Dësch, da gëtt se erëm zréckgezunn. D'Halbwertszeit vun de Regierungsproposen, déi hält dramatesch of, an dat mécht mer Suergen.

Dat mécht mer Suergen, well et och kee kohärent Bild no baussen ofgëtt. Et schaaft kee Vertrauen. Et schaaft kee Vertrauen an des Regierungspolitik. Et schaaft dann awer och kee Vertrauen an de Standuert Lëtzebuerg. An dat ass eent vun deem grouse Kapital, dat Lëtzebuerg huet, datt Leit, déi an der Vergaangenheet vu bausen op Lëtzebuerg gekuckt hunn, egal wie regéiert huet, datt se wossten: „Et ass eng gewësse Stabilitéit do. An dat, wat haut gëllt, dat gëllt och nach muer.“ Esou e Bild gëtt des Regierung op jidde Fall net of.

CSV an LSAP: Jo, si hu keng gemeinsam Linn. A besonnesch fir d'CSV gëllt, datt den Usproch an d'Wierklechkeet dach ganz wäit ausernecklaafen. Wann et drëms geet, den Index ze reforméieren, seet d'CSV jo; d'Décisioun ass awer neen. Wann et drëms geet, eng attraktiv Steuerlandschaft ze assuréieren, da seet d'CSV jo; d'Décisioun ass awer neen. Wann et drëms geet, aus der Verschëldungsspiral erauszekommen, da seet d'CSV jo; d'Décisioun ass awer neen.

► **Une voix.**- Ouh?

► **M. Claude Meisch (DP).**- Wou gesitt Dir dann, datt mir aus der Verschëldungsspiral erauskomme mat engem Defizit vum nächste Joer vun 1,4 Milliarden?

An ech deelen déi Ambitioun, déi de Finanzminister gëschter hei presentéiert huet, fir genau dat doten net ze maachen. Jo, mä da muss een et awer och ganz konkret dokumentéieren am aldeegleche Regierungshandelen.

Wann op där enger Säit gesot gëtt: „Mir wëlle Lëtzebuerg net an d'Verschëldungsfal erandriewen“, an op där anerer Säit genau dat gemaach gëtt mat deem Budget, deen haut hei zur Debatt steet an deen haut hei wäert mat de Stëmme vun der Majoritéit gestëmmt ginn, dat ass dat, wat eben net kohärent ass, an dat ass dat, wat d'Vetrauen an des Finanzpolitik dobaussen daitlech wäert schwächen. Wéi wëllt d'Regierung d'Bierger vun dësem Land vun hirer Politik iwwerzeegen, wa si et selwer net ass?

Wann Dir net méi kënnt, wann Der net méi weider wëllt a wann Der net méi eens gitt ënnereneen, wann Der keng nei Idien, keng Konzepter méi hutt, op déi Der lech gemeinsam kënnt verstännegen, jo dann, da maacht dësem Land ee Gefalen, ech menge souguer, maacht lech ee Gefalen a maacht de Wee einfach fräi fir eng aner Politik. Well et gëtt eng Alternativ zu dësem Gewurschtels.

Et gëtt e Politikentwurf mat Courage, mat Wäitsicht a mat Kohärenz. E Politikentwurf, deen e gesond Émfeld fir Aarbechtsplaze schaaft. E Politikentwurf, dee méi gerecht ass. E Politikentwurf, dee méi nohaltig ass. E Politikentwurf, deen déi nächst Generatioun mat abënn. Mat Politiker, déi maachen, wat se soen. Eng Equipe, déi sech eens ass, déi selwer u sech gleeft, déi d'Mënsche mathëlt a motivéiert an iwwerzeegt fir Reformen a Verännerungen.

CSV an LSAP si vläicht ze laang zesummen, fir dat doten nach hinzeckréien. D'Gemeinsamkeete sinn opgebraucht an et huet laang gutt fonctionnéiert, wou Geld do war, dat konnt verdeelt ginn. Mä des Regierung huet kee gemeinsame Projet méi, fir déi schwierig Zäiten, do wou net méi ka verdeelt ginn, mä do wou muss vläicht zréckgeschrauft ginn, ze bewältegen.

An d'DP? D'Demokratesch Partei mécht sech net zum Kompliz vun enger Politik, déi wirtschaftsfeindlech ass, déi Aarbechtsplazen op d'Spill setzt. D'Demokratesch Partei mécht sech net zum Kompliz vun enger Verschëldungspolitik, wou mer haut dat Geld ausginn, wat eigentlech déi nächst Generatiounen eréischt müssen erschaffen.

D'Demokratesch Partei mécht sech net zum Kompliz vun enger Politik, déi déi Generatiounen vun haut, déi haut aus de Schoule kommen, matzen an d'Rentefal wäert lafe loosse. D'Demokratesch Partei wäert esou eng Politik net matdroen, well d'Demokratesch Partei steet fir en anere Politikentwurf.

Eng Politik, déi e gesonden Ausgleich schaaft tëschent de Generatiounen. Eng Politik, déi den Dünger ass vun enger dynamescher Economie. Eng Politik, déi e kloeren Zukunftsmodell am A huet. Wien dëse Budget stëmmt, dee mécht sech zum Kompliz.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Meisch. Als nächste Riedner ass den Här Lucien Lux agedroen. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Huel lech Zäit, Här Lux.



► **M. Lucien Lux** (*LSAP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollee-ginnen a Kolleegeen, ech wëll am Ufank vu menger Interventioun dem Kolleeg Alex Bodry Merci soe fir déi exzellent Aarbecht, déi en an deene leschte Woche gemaach huet. Ech mengen, en huet der Chamber an - ech mengen dat kënnen ze soen - och eiser Fraktioun Eier gemaach an der Aart a Weis, wéi en an deene leschten Deeg a virun allem en Dëschdeg hei eng Be-truechtung vum Budget virgeluecht huet, ouni iergendeppes ze beschéinegen an ouni awer och an d'Fal ze tappen, fir Schwaarzmlerei ze maachen.

An et war virun allem - an dat sollte mer vläicht alleguerten zrëckbehalen - e Weck-ruf, fir an Zukunft d'Budgetsprozedur méi eescht ze huelen, net nëmmen an der Ver-zahnung mat den europäesche Prozedu-ren, déi op eis zoukommen, mä iwwer-haupt vläicht méi Zäit a méi Disziplin ze hunn, fir déi eenzel Secteuren, déi eenzel Ressorté méi genau ze analyséieren.

Ech brauch duerfir och haut net vill méi an d'Analys vun den Zuelen ze goen. Ech kann dat mat zwou Hänn ënnerschréien, wat de Budgetsrapporteur en Dëschdeg hei virgeluecht huet, souwuel schrëftlech wéi och mëndlech.

Dee Budget hei verfollegt dräi grouss Zil-setzungen, déi mer ënnerschréien. Éisch-tens déi, zur Sanéierung vun den öffentle-che Finanzen an zu hirer Konsolidéierung kuerz-, mëttel- a laangfristeg bäizedroen. Bei deem Exercice, fir de Budget an den Équilibre ze kréien, souwuel dee vun der Ge-samtstat wéi och dee vun dem Zentralstat, opzepassen, dass mer eis net doutspueren an déi kleng Plänzchen, wéi et genannt gëtt, vu Wuesstum, déi mer kennen, nach erwiengen; an op där anerer Säit och derfir ze suerge bei deem Spueren, dass mer net e schwache Stat kréien an zur Paupérisa-tioun vum Stat bäidroen.

Well och do gëllt d'Regel, dass virun allem déi Mannerbemëttelt sech vill wéineger wéi anerer kënnen e schwache Stat mat schwache Leeschtungen, mat schwache Service, zum Beispill am schoulesche Be-räich, am Beräich vun der Vereinbarkeet vu Beruff a Famill, leeschten.

Zweetens ass dat och e Budget, deem der-fir suergt, dass d'Kafkraaft erhale bleift - an ech wäert herno op e puer Zuele kommen, fir dat ze dokumentéieren - an zu enger gerechter Verdeelung vun de Laaschte bäi-dréit. An ech kann där Regierung do, wéi ech elo grad héieren hu vu mengem Vir-riedner, wierklech net de Virwurf maachen, dass se sech an deem Joer während Wo-chen, bal Méint Suerge gemaach huet, fir d'sozial Kohäsioun, de soziale Fridden, de sozialen Dialog ëmmer erëm ze privilegiéieren, fir zu Accorden ze kommen.

Dat war eng Stärkt an deene leschten 20, 30 Joer, och a Bedeelegung vun der libera-ler Partei an der Regierung, dass mer ëm-mer erëm versicht hunn - an dat ka kee Virwurf sinn -, dass de Premier, all déi een-zel Ministere sech d'Suerg ginn hunn, sech Zäit ginn hunn, sech wierklech investéiert hu bis an dee leschten Dibbelchen eran, fir derfir ze kucken an enger Zäit, wou d'Mee-nungen an d'Ausenannersezungen iwwert d'politesch Ziler an Inhalter auserneeginn, fir derfir ze suergen, dass déi Tromp do vum soziale Fridden och hei am Land nach ka gespillt ginn.

Jiddweree weess et, an ech mengen, den Alex Bodry hätt dat gutt fäerdeg bruecht, fir den Ënnerschied tëschent deenen ze weisen, déi eis de Weltënnergang viraus-soen - wann een eenzel Aviséliest, muss een dat éierlech soen -, an op där anerer Säit deenen, déi mengen - an dat steet och an eenzelen Avisen -, wéi wann alles a Botter wier, wéi wann et iwwerhaupt kee Problem hei am Land géif ginn, wéi wa mer eis net wierklech all Dag och an der Fro vun der Kompetitivitéit missten han-nerfroen an d'Äerm eropkrepelen an derfir suergen, dass mer virukommen, dass mer Aarbechtsplaze schafen, dass mer fir en Ëmfeld suergen, wou och an Zukunft Solidaritéit an Entfaltung an de Familljen a bei de Leit dobausse ka stattfannen.

Ech mengen, dass déi Suerg do war, de Mëttelwee ze fannen tëschent all deenen Aspiratiounen do, dass dee vun der Regie-rung gesicht ginn ass, mat Schwieeregkee-ten oft fonnt ginn ass, mä ech mengen, et

ass keen anere Choix, wéi dat och an Zu-kunft ze versichen.

Deen drëtten Punkt ass ouni Zweifel deem, fir bei där Sortie de crise derfir ze suergen, dass et keng Belaaschtung vun den Entre-prisë gëtt. Ech mengen, dass mer - an ech kommen herno op e puer Zuelen - am fis-kaleschen Ëmfeld an an anere Punkten derfir musse suergen, dass déi Belaasch-tung vun den Entreprises net stattfënnt an domat och keng Gefährdung. Zum Beispill iwwert den Investitiounsvolumen, dee jo awer mat 1,689 Milliarden nach e ganz héijen Investitiounsvolumen ass, musse mer derfir suergen, dass och de Stat, dass och d'Gemengen derfir suergen, den En-treprises dobäi behëlleflech ze sinn.

De Kolleeg Claude Meisch huet et elo grad gesot, an do si mer eis jo emol net oneens, an deenen Défien, déi mer unzepaken hunn: Mir haten en Défi gehat um Niveau vun der Kompetitivitéit. Mir hunn ënner schwierigen Ëmstänn - an ech kommen nach dorobber - e Kompromëss beim In-dex fonnt. Mir haten en Défi: deem um Ni-veau vun der Sanéierung an der Gesond-heetskeess, eiser fréierer Krankekeess, a mir wäerten d'nächst Woch hei e Projet stëm-men, wou een dem zoustännege Minister jo wuel net ka virwerfen, dass en an deene leschte Wochen net de Courage hat vis-à-vis vun deene Konflikter, déi dobaussen entstanen sinn, fir eng Reform duercheset-zen. Mir hunn den Défi vun der Rentere-form: De Minister ass säit dräi Joer - ech betounen: dräi Joer - amgaangen, un där Reform ze schaffen a wäert eis am Ufank vum nächste Joer e Projet de loi hei vir-leeën, wou mer dat kënnen diskutéieren.

Mir si säit Laangem amgaangen ze disku-téieren iwwer eng Strukturreform um Ni-veau vun der ADEM. De Minister huet d'lescht Woch de Projet de loi vun där Re-form vun der ADEM virgeluecht. Mir sinn amgaangen an investéieren eis och do, mam zoustännege Minister Franz Biltgen, fir ënner schwierigen Ëmstänn eng Reform an dem öffentlichen Dëngscht fäerdeg ze bréngen, fir eng Rei vu Saachen do ze bewegen.

Ech muss och soen, Här Meisch, deem Ta-bleau, deem Der zeechent, ass jo net deem - an ech ginn lech herno eng Rei vun Zue-len -, dat ass jo net deem, dee mer dobaus-sen erliewen. Dëst Land ass an der Europä-escher Unioun dat eenzegt Land, wat am Laf vun deene leschte Méint Aarbechts-plaze geschaf huet: tëschent 1,5% an 2% hu mer e Plus...

(Interruption)

...par rapport zu deenen aneren, an Dir wësst ganz genau, wann Der emol eng feinfühleg Analys maacht vun eiser Aar-bechtsloseproblematik, da wësst Der ganz genau, dass mer och haut nach ëmmer lei-den ënnert deemselwechte Problem, ën-nert deem mer säit Jore leiden, nämlech der Inadéquatioun vun der Formatioun vun eise Leit - et ass do, wou mer musse schaffen -,...

► **Une voix**.- Ganz d'accord!

► **M. Lucien Lux** (*LSAP*).- ...awer eise Problem net deem ass...

► **M. Paul Helminger** (*DP*).- Wie schafft dann dorun?

► **M. Lucien Lux** (*LSAP*).- ...an eise Pro-blem, Här Helminger, dass eise Problem net deem ass, dass mer keng Aarbechtspla-zen... Dat war jo virdrun de Virwurf, dass mer géifen eng Politik maachen, déi dozou géif féieren, dass d'Betribler massiv géife fortlafen, dass se massiv géifen ofbauen. Dat mierke mer jo net! Dat ass jo net d'Realitéit, déi mer am Moment...

(Interruptions)

...um Niveau vun den Zuele feststellen!

Ech géif dofir och mengen, dass de Finanz-minister, deem eis gëschter dräi „guide-lines“ ginn huet, wéi Budgetspolitik, Finanzpolitik an deenen nächste Jore soll stattfannen... - woubäi ech d'Gefill hat, Här Finanzminister, dass dat, wat Der eis gëschter gesot hutt, dat huet geklongen, wéi wa mer an eng nei Ära géifen eragoen. Ech hat d'Gefill, dass dat, wat Der gesot hutt als déi dräi Prinzipien, dass dat déi Prinzipien sinn, déi eis Finanzpolitik schonn an deene leschte Joren, an deene leschte Jorzéngte guidéiert hunn. Ech mengen, dat ass näischt Neies!

Éischtens hutt Der gesot: Budgetsdisziplin. Dat kann ee Budgetsdisziplin nennen, Konsolidéierung, Sanéierung vun den öf-fentleche Finanzen, Suerg droen, dass mer wierklech d'Geld esou asetzen, effikass an effizient asetzen. Ech mengen, dat ass evi-dent, an et gëtt heibanne keen - mengen ech -, deem an d'Verschëldungsfal géif wëlle goen.

Dat Argument, fir ze soen, dass e Land wéi Lëtzebuerg, e klengt Land, dass dat vill méi vulnérabel ass a vill manner Ofwie-kräften huet, fir net an eng Ver-schëldungsspiral vu 40%, 50% oder 60% vum PIB ze goen, ech mengen, dass dat heibanne säit Joren - an op jidde Fall och an deene leschte Méint - vu jiddwerengem heibanne gedeelt gëtt. Dat ass net nëmmen eng Fro vun der Hypothéik, déi mer op déi zukünftige Generatiounen leeën. Ech mengen, dat ass och eng Fro, awéiwäit dass mer an eng Spirale - Irland oder anerer loossen do gréissen - géifen erakommen, déi eist Land sech net kann erlaben.

Dat Zweet ass d'sozial Kohäsioun. Ech mengen, och dat ënnerschrëift heibanne jiddwereen, fir ze soen, dass mer, ouni de Sozialstat brauchen ze ënnerhiechen, ouni brauche wierklech mat der Aaxt drun-zegoen, eng Rei - an ech kommen op eng Rei vu Beispiller herno zrëck -, eng Rei also vu Schrauwe mussen dréien, fir de Sozial-stat net ofzebauen, mä fir de Sozialstat méi staark ze maachen, fir derfir ze suergen, dass e mëttel- a laangfristeg sengen Défië ka gereicht ginn.

Dat Drëtt, mengen ech - d'Wirtschaftsent-wëcklung -, schéngt mer evident ze sinn. An deene leschte Joren a Jorzéngten géif ech och mengen, dass d'sozialistesche Wirtschaftsministeren dozou bäigedroen hunn, dass mer e seltene Rekord vun Aarbechtsplazen an deem Land hei ge-schaf hunn. Ech mengen, mir gëlle wierklech als de grouss Motor innerhalb vun der Groussregioun, sief dat am Handwerk, sief dat bei de klengen Entreprises, an na-tierlech och bei de Service.

Dat sinn also, Här Finanzminister, säit Laangem d'Aggregater vun där Politik, déi mer an deenen dräi Beräicher do musse maachen. Ech sinn och mat lech d'accord - an ech mengen, heibannen deelt dat jiddwereen -, fir ze soen, och wann d'Kri-täre vu Maastricht eis géifen erlaben, bis zu 3% Defizit ze goen oder bis zu 60% Verschëldung ze goen, dass et wierklech keen Zil, dass et kee Sënn vu Politik ka sinn, fir Schuld ze maachen oder fir Defizi-ter ze maachen. Dat kann net de Sënn oder de But sinn!

Dat heescht, och do ass et evident, dass, wa mer kënne bis zu 3% goen, et besser ass, wa mer et fäerdeg bréngen - an och dat soll keen Dogma sinn, well an der anti-zyklescher Politik, mengen ech, sollt d'Verschëldung an och den Defizit och heiansdo en Instrument sinn, fir kënnen antizyklesch ze wirken als Stat -, mä ech mengen, et ka keen Zil en soi sinn, fir bis dohinne an de Parametere kënnen ze goen.

Dat Lescht wëll ech och soen: Dir hutt gëschter gemaach, wéi wann et en Dissens kënnst sinn, dass een de Choix misst ma-chen an der Politik an deenen nächste Jo-ren, en Dissens opzebauen tëschent deenen engen, déi nëmme wëllen d'Recet-ten an d'Luucht setzen - zum Beispill d'Steieren eropsetzen -, an deenen aneren, déi Ausgabe wëlle reduzéieren. Ech mengen, dass et do dertëscht keen Dis-sens gëtt, mä dass een - esou, wéi mer et am Moment maachen - op deenen zwee Niveaue muss wirken. Et kann een dat eent maachen, et muss een dat anert ma-chen, an ëmgedréit. Ech mengen, dass et do keen Dissens gëtt, dass dat net oppo-séiert ass, dat eent zu deem aneren.

De Kolleeg Alex Bodry huet eng Rei vu Vir-schléi gemaach, déi ech am Steno-Stil nach eng Kéier wëll zrëckhuelen. Ech mengen, deem éischte war déi kritesche Analys, déi e gemaach huet iwwer eis Statsfinanzen. Ech mengen, ech kommen dorobber net méi zrëck.

Dat Zweet ass déi Diskussioun iwwert d'Zukunft vun eisem Steiersystem. Ma, Dir hutt gëschter gesot, Här Finanzminister, Dir hutt gëschter gesot: „Hu mer net vläicht e Steiersystem, dee schonn ze vill sozial gerecht ass?“ Ech mengen, dat war

ongeféier Är Terminologie. An da stellt ee jo och d'Fro, déi de Moie schonn disku-téiert ginn ass, iwwert de Spëtzezteiersaz, dee mer elo op 39% - vun 38% op 39% - erophuelen. Dem Här Meisch huet de Ver-glach mat der Belsch net gefall: Dann huele mer en anert Land, wat sécherlech ënner vill méi liberale Prämissen regéiert gëtt an deene leschte Joren, dass ass Hol-land. Holland huet am Moment e Spëtze-teiersaz, dee bei 52% läit. An der Eurozon läit de Spëtzezteiersaz an der Moyenne am Moment bei 46,4%, an Amerika läit de Spëtzezteiersaz am Moment bei 41,8%.

(Interruption)

Dat sinn also, dat sinn also...

(Interruptions diverses)

Ech wëll just domadder soen, et soll keen hei maachen, wéi wann e Spëtzezteiersaz vun 39%, deem absolut an der allgem-en-ger europäescher an internationaler Land-schaft kompetitiv ass, et soll een net ma-chen, wéi wa mer wierklech eng Steier-landschaft hätten, wou déi sougenannte Leeschtungssträger an eiser Gesellschaft, wéi se genannt ginn - ech fannen, dass et zwar vill aner Leit am Stat gëtt, déi och Leeschtungssträger sinn, déi net beim Spëtzezteiersaz leien -, mä wéi wann déi géife leiden ënnert där Steuerlandschaft, déi mer hei zu Lëtzebuerg,...

(Interruption)

...wéi se hei zu Lëtzebuerg ass.

Déi zweet Fro, déi de Finanzminister ge-stallt huet, war déi, och den Dissens ze maachen tëschent der Noutwendegkeet am Fiskale vu Lenkungsinstrumenter ze hunn - vu fiskale Lenkungsinstrumenter - an op där anerer Säit vun der Vereinfachung. Och dat, Här Finanzminister, menge mer, ass keen Dissens, deem ee soll do siche goen. Ech mengen, dass mer an Zukunft a ville Beräicher, am wirtschaftle-che Beräich, muer mat Sécherheet och am ökologesche Beräich, d'Fiskalitéit brau-chen, fir se als Lenkungsinstrument ze hunn. Dass dat heiansdo op d'Käschte geet vun der Vereinfachung, dat ass gewosst.

Mä ech mengen, dass een net derlaanscht kënnt, virun allem am ökologesche Be-räich, wann ech mer virstellen, wat eis an deenen nächste Joren - an do deelen ech dat, wat de Kolleeg Claude Meisch virdru gesot huet, dass mer eis, mengen ech, nach alleguerten däers net bewosst sinn -, wat eis déi Reduktioun um Niveau vun den Emissiounen, engersäits déi Zilsetzung vun de minus 28%, déi mer ënnerschrivwen hu bis 2012, a wat eis déi nächst Zil-setzunge vu minus 20%, vläicht souguer muer eng Kéier minus 30% um Niveau vun de Reduktiounen vun eisen Emissiounen par rapport zu 1990 wäerte kaschten. Dat gëtt en extrem héijen Effort!

Ech muss allerdéngs soen..., ech soen déi Zuel net gären, mä ech soen et emol awer eng Kéier, fir dem Claude Meisch ze soen, dass een och do muss oppassen - an ech weess jo, vu wat ech do schwätzen -, dass ee muss oppassen, wat ee mécht. Macht lech emol eng Kéier d'Rechnung! Ech mengen et schonn eng Kéier hei gesot ze hunn: Macht emol eng Kéier d'Rech-nung, wat de Lëtzeburger Stat déi Sub-ventiounen, déi decidéiert gi sinn ënnert der CSV/DP-Koalitioun an den Häre Goe-rens a Berger am Ëmweltministère, fir d'Fotovoltaik ze subventionéieren, wat déi de Lëtzeburger Stat an deenen nächsten 20 Joer wäerte kaschten! Déi 0,3%, déi dat u Stroumproduktioun an der Tëschenzäit bedeit, kaschten de Lëtzeburger Stat Mil-liarden! Milliarden! Dofir soen ech...

► **M. Claude Meisch** (*DP*).- Dir wësst jo awer, datt mer do eng aner Propos hunn!

► **M. Lucien Lux** (*LSAP*).- Ech soen, ech soen...

► **M. Claude Meisch** (*DP*).- Dir wësst jo awer ganz kloer, datt mer do eng aner Propos hunn.

► **M. Lucien Lux** (*LSAP*).- Ech mengen, dat war awer dat, wéi Der d'Verantwor-tung an deem Ministère hat...



► **M. Claude Meisch (DP).**- Dir wësst awer, datt mer do ganz nei Modeller wëlle goen.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- An ech ginn lech...

► **M. Claude Meisch (DP).**- Dat wësst Der!

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- ...an deenen nächste Stonnen...

► **M. Claude Meisch (DP).**- Dat wësst Der.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- ...ginn ech lech déi genau Zuel, wat dat de Lëtzebuerger Stat kascht - an den Här Frieden, dee weess, vu wat mer allen zwee schwätzen -, dass dat Milliarden bis 2020 u Subventionne wäert kaschten: fir 0,3% Produktioun iwwert d'Fotovoltaik! Elo wëll ech domadder d'Fotovoltaik an d'erneierbar Energie mat Sécherheet net verdamen. Mä et ass do relativ schnell geschoss ginn, ouni déi néideg Analysen ze maachen: dass et vläicht aner Weeër gi wieren, déi méi effikass gewiescht wieren.

(Interruption)

Mir müssen also gutt oppassen! Mir müssen also gutt oppassen, wat mer op deem Gebitt och do maachen.

Een anere Punkt vu Reflexioun, Här Finanzminister, géif ech lech gäre mat op de Wee ginn. Dat ass deen, dass mer an de Reflexiounen, déi mer ze maachen hunn, vläicht awer och déi Reflexioun sollte matmaachen, dass 80% - wann déi Zuel stëmmt -, dass 80% vun den Entreprises keng Steiere méi bezuelen.

Niewent der Landschaft, op déi ech nach eng Kéier herno zrëckkomme bei den Analysen, déi PwC gemaach huet, hu mer hei eng Situatioun, wou mer vläicht awer déi Reflexioun maache sollten - déi, wéi ech héieren, schonn amgaangen ass an den eenzelne Ministèren -, fir ze kucken, wéi mer eng gerecht Landschaft awer maachen, dass d'Entreprises awer nach hirer sozialer Verantwortung, déi se am Stat hunn, gerecht kënne ginn.

Wou sech do awer d'Fro stellt, ob een iwwert d'minimal forfaitaire Besteuerung fiert, wéi mer dat elo zum Beispill bei de SOPARFle maachen - an ech mengen, et ass richtig, dass mer et maachen, ech mengen, et ass kee vun deenen, dee mat 1.500 Euro wäert de Bierg of goen -, esou dass mer also och do déi Reflexioun net kuerzfristeg, mä mëttelfristeg musse maachen, wat fir eng Steierlandschaft dass mer do wëllen.

Drëtens war beim Här Bodry déi Fro: Wat sinn d'Prioritéiten? Ech mengen, dass et heibannen doriwwer e grouse Konsens gëtt. Op jidde Fall, an der Koalitioun gëtt et doriwwer e grouse Konsens, wéi et iwwerens an där Koalitioun a vill méi Punkten e grouse Konsens gëtt, wéi dat heiansdo no baussen esou d'Impressioun gëtt. Ech mengen, dass d'Fro, dass d'Schoul op där éischter Plaz steet vun den Investitiounen, dass dat heibanne vu jiddwerengem gedeelt gëtt. Ech mengen, dass heibanne jiddwereen deelt, dass d'Famill an d'Familljeeschungen un der zweeter Plaz oder un der drëtter Plaz stinn.

Ech mengen, dass d'Problemer vun der Mobilitéit, déi mer dobaussen all Dag - jiddwereen Einzelne vun eis - spieren à l'œil nu, mierken an esou virun, dass d'Problemer vu Mobilitéit, d'Investitiounen an d'Schinn, mä och an eenzel Stroosseprojeten, déi noutwendeg sinn, déi amgaange sinn an och noutwendeg wäerte sinn, dass déi noutwendeg sinn. An ech denken och, dass d'Wunnen - ech wäert herno nach e puer Zuele weisen -, dass och d'Wunnen, wou et erëm amgaangen ass, méi deier ze ginn, dass dat ee vun den Haaptpunkte wäert sinn.

E véierte Punkt - an ech mengen, et emol eng Kéier müssen ze soen, dass een awer wierklech dem Finanzminister dee Virwurf net ka maachen -, wa gesot gëtt, mir fueren heiansdo..., wann ech dat pejorativ géif ausdrécken, dass dat, wat mer an deene leschte Méint vun der Regierung erlieft hunn, heiansdo e Pilotage à vue

gewiescht wier um Niveau vun den Zuelen. Ech mengen, dass all Finanzminister - net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä ech hunn dat an allen anere Länner genausou erlieft - tributaire ass vun deenen Zuelen, déi e virgeluecht kritt, bei eis vum Statec, bei eis vun der Banque centrale, bei eis vun de Steieradministratiounen.

A wat mer do erlieft hunn: Wann een emol géif higoen an et géif een dat kucken, wat mer bei de Koalitiounsverhandlungen do virleien haten, wou déi fënnef Direkteren zesummesouzen a mat Bluttn ënnerschriven hunn, dass dat hir Previsiounen wieren, déi se der Regierung fir déi nächst Zäit mat op de Wee géife ginn. Wann een dat haut hält an et kuckt een d'Realitéit no iwwer engem Joer an esou virun, da gesäit een, dass och si sech net nëmmen ëm zéng Milliounen, mä ëm e puer honnert Milliounen schonn deemools net géiert hunn, mä dass dat déi Previsiounen waren, déi si - denken ech - en âme et conscience konnten de responsabele Politiker virleëen.

Dofir, mengen ech, muss een do e weidere Effort maachen, fir dat nach ze verbessern. Mä ech mengen, dass der Regierung an dem Finanzminister weder virzwerfen ass, dass se hei wollten eppes beschéinegen, nach wollten heiansdo express higoen an d'Saache méi schlecht duerstellen, wéi se a Wierklechkeit waren. Dee Comité, deen elo an der Diskussioun ass: Ech mengen, dass dat eng Diskussioun ass, déi mer an deenen nächste Woche sollte féieren, fir ze kucken, wéi mer dat nach besser kënne organiséieren. Mä mir wäerten och do och an Zukunft nach ëmmer Iwwerraschungen - hoffentlech positiver, an an deene leschte Méint waren et jo éischter där positiver - kréien.

Fënneftens hu mer, mengen ech, déi Suerg, déi ausgedréckt ginn ass souwuel vum Budgetsrapporteur wéi vum Finanzminister, fir eis elo schnell awer a Rou dohinner ze setzen an ze kucken, wéi mer opgrond vum Semestre européen eis Budgetsprozedur elo hei nei agencéieren. Ech mengen, mir kréie méi oft - den Här Frieden huet dat hei gesot - d'Geleeënheet, fir eis Politiken ze diskutéieren. Och do wëll ech soen - well deen ominéise Bréif vum Här Didier Reynders, dem Vizepräsident, vum President geschriwwen ginn ass un d'Lëtzebuerger Regierung -, ech wëll am Zesummenhang mam Index ganz kloer soen, dass fir eis an där Fro do vun der Koordination mat den europäesche Politiken d'Resultat entscheedend ass, dass d'Resultat et ass, op dat et ukënnt. De Wee op dat Resultat, mengen ech, do soll et d'Souveränitéit si vun eisem Land, fir ze decidéieren, wéi mer zu deem Resultat an zu deem Zil,...

(Interruptions)

...wéi mir zu deem Zil wëlle kommen. Ech stelle just fest...

► **M. Claude Meisch (DP).**- Den Eurogroup soll sech do eraushalen!

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Ech stelle just fest, Här Meisch, dass dëst Land an alle makroekonomeschen Donnéeën, déi ee kann analyséieren, dee beschte Schüler an der Europäescher Unioun ass, och mat engem Index! An dofir gëllt et...

► **M. Claude Meisch (DP).**- Mir hunn e puer Statistike presentéiert kritt dës Woch. Sidd do virsiichteg!

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- An dofir gëllt et - an ech soen lech herno e puer Zuelen nach...

► **M. Claude Meisch (DP).**- Sidd do virsiichteg, Här Lux!

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- An dofir gëllt et och an Zukunft, dass de Wee, wéi mir zu enger Rei vun Zilsetzunge wëlle kommen, dass dat eis souverän Aufgab hei am Parlament mat der Regierung zesummen ass, fir ze decidéieren, wéi mer dat wëlle maachen. Ech mengen, dat ass déi Appréciatioun, déi mer zu deem Prozess do hunn.

Déi sechst Erausforderung, déi eis de Budgetsrapporteur dohinnergeluecht huet, war déi vun der Veralterung vun eiser Gesellschaft, mat engem Bléck iwwer eleng d'Fro vun der Renteproblematik eraus. Mä ech mengen, mir wäerten d'Geleeënheet kréien an deenen nächste Wochen a Méint, doriwwer ze schwätzen. Fir eis ass et och do wichtig, mat der Schwaarzweißmolerei opzehalen.

Och do - ech soen dat just nach eng Kéier, an deenen nächste Woche wäerte mer et méi oft soen - huet sech gewisen, dass déi, déi an engem Moment hei zu ganz wéinigen nach waren, wéi et a Moud war, wéi et gegollt huet, an enger liberaler Euphorie, an enger Euphorie vun Individualiséierung, fir no Kapitaldeckungsverfahren ze jäizen, no privat gesteierten Instrumenter ze jäizen an esou virun, dass der do nach e puer heibanne waren, déi déi al traditionell Émlageverfahren an de Generationepakt hei verteidegt hunn. A Gott sei Dank waren der do, déi sech duerchgesat hunn, fir dass mer bei deem System bliwwen sinn an och an Zukunft wäerte bei deem System bleiwen!

Och do hu mer un enger Rei vu Schrauwen ze dréien. Do huet de Sozialminister - an ech betounen dat nach eng Kéier, well jo eenzel Leit do heiansdo eppes aneschters mengen - virun de Wahle schonn an der Sozialkommissioun vun der Chamber eng Rei vu Schrauwen dohinnergeluecht, an deenen ee muss dréien, fir och mëttel- a laangfristeg eise Rentensystem iwwert dee Wee do kënne ofzesécheren.

Mir hunn also iwwerhaupt, Här Meisch, mir hunn also als sozialistesch Fraktioun an och als Sozialisten an der Regierung iwwerhaupt keng Angscht viru Strukturreformen. Strukturreformen därefen näischt Pejoratives sinn. Mir därefen och dobaussen de Leit net Angscht maache mat deem Begrëff vu Strukturreformen. Strukturreforme sinn dofir do, fir de Sozialstat ze stärken, fir en ofzesécheren, fir un enger Rei vu Schrauwen ze dréien, dass mer an Zukunft dee Wuelstand de Leit kënne bréngen. Dat ass d'Aufgab, déi mer an der Regierung an an der Chamber wäerte gesinn. An ech mengen, dass mer do am Moment dobaussen weisen, dass mer capabel sinn, an deenen eenzelne Beräicher, an ech hu se schonn opgezielt, dee Match och kënne ze maachen.

An ech géif jiddwerengem heibannen, a virun allem de Liberalen, un d'Häerz leeën, déi Etüd - „Sharelife“ heescht se -, déi d'lescht Woch oder virun zwou Wochen erauskomm ass, wou 150 Wëssenschaftler aus 14 Länner sech iwwerluecht hunn, awéiwäit dass de Sozialstat net ëmmer direkt kuerzfristeg, mä wéi de Sozialstat op enger ganzer Rei vu Politiken: an der Gesondheetsversuergung, an der Liewensqualität, am Wuelstand, wéi sozialpolitesch Programmer extrem gutt Effeten hunn och op d'Ekonomie an op d'Kompetitivitéit vun engem Land.

Huelt lech eng Zäit iwwert déi nächsten Deeg - do kritt Der der jo -, fir déi Etüd eng Kéier genau ze kucken, well och do hu vill Leit gesot, dass se an Zukunft net méi wäerten déi Behauptung oprechterhalen, dass de Sozialstat, dass sozial Programmer, dass dat en Hemmnis ass fir ekonomesch Entwécklung. Déi 150 Wëssenschaftler komme just zum ëmgedréite Resultat a soen, sozial Politik ass ee wichtige Nerv vun enger gudder Wirtschaftspolitik a vun enger gudder Kompetitivitéit, déi iwwert d'makroekonomesch Donnéeën eraus e Gesamtbild versicht ze zeechnen.

(Interruption)

► **Une voix.**- Et seet keen de Contraire.

► **Une autre voix.**- 30 Joer laang...

(Interruptions)

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Ech kommen zrëck eng Kéier, fir ze soen, dass, an an deem Versuch, net Schwaarzweißmolerei ze maachen, si mir déi Lescht, an ech mengen an der Regierung gëtt dat gedeelt, déi soen (veuillez lire: fir net ze soen), dass mir dobaussen och am Sozialberäich eng ganz Rei vu Problemer nach hunn.

Mir hunn déi neisten Unicef-Studië fir Lëtzebuerg virun - wéini? - zwou, dräi Woche kënne kucken, déi seet, dass 11.000 Kanner hei zu Lëtzebuerg, all zéngt Kand, iwwer en ongenügenden Zougang zu Wuelstand, Bildung a Gesondheet verfügt. Lëtzebuerg läit do op der 15. Plaz ënner 24 OECD-Staten. Ech weess net ëmmer, ob déi Etüden ëmmer esou genau alles ëmraissen oder op de Punkt bréngen, mä Härgott, huele mer dat emol. A wann ech den Här Gilbert Pregno, dee jo dozou eppes ze soen, an eppes Intelligentes ze soen huet,...

► Une voix.- Jo!

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- ...wann ech dee liesen, ech mengen, dat war am Interview am „Wort“, dee seet: „Eine reiche Gesellschaft riskiert, sozial blind zu werden.“ An ech mengen, dass keen heibannen ass, deen net ka soen, dass een déi Tendenzen dobausse gesäit. Mir kommen herno nach op en anert Beispill an deem Zesummenhang zrëck. An an deemselwechten Interview seet den Här Pregno: „Es scheint, als sei wirtschaftliches Wachstum wichtiger als die Schaffung einer menschenwürdigen Gesellschaft.“

Ech wëll nëmmen heibannen am Numm vun eiser Fraktioun soen, dass eng Budgetsdebat fir eis d'Geleeënheet ass, och iwwert deen Tellerrand vu reng ëmmer makroekonomeschen Analysen, déi mer hei maachen, déi wichtig sinn, déi eminent wichtig sinn, dass mer dat Gefill, déi Sensibilitéit do solle behalen, fir ze kucken, wat sech heiansdo vu sozialer Détresse dobaussen, och an eisem Land, mécht, vill manner wéi op anere Plazen, mä ech mengen, et ass eis Aufgab, fir ze kucken, déi Feinfühlegkeet ze behalen, fir och un der Feinmotorik nach kënne ze dréien.

Mir mengen also, dass mer e staarke Sozialstat brauchen. Mir brauche kee Stat, deen Almose verdeelt. Dat trennt eis heiansdo mat Einzelnen heibannen. Mir brauchen e Stat, dee Rechter, awer och Flichten huet. An ech mengen, doriwwer musse mer eis Politik och kënne hannerfroen.

An da wëll ech, wat - mengen ech - och den Här Bausch an deene leschten Deeg e puermol gesot huet, a sécherlech no mir, mengen ech, och nach eng Kéier wäert soen, dee Virwurf, deen huet mech jo richtig gehäit, wa gesot gëtt, dee Spuerpaquet, dee mer do geschnürt hunn, dee géif eng ongerecht Verdeelung vun de Laaschte virhuelen.

An duerfir hunn ech mech nach eng Kéier amüséiert, gëschter, fir awer e puer Beispiller ze huelen, dass mer iwwert d'Fakte schwätzen an net einfach nëmme Saache soen, Floskelen heihinner geheien, an da mengt jiddwereen dobaussen, dat misst dann esou sinn.

E Mindestlounbezéier bei deem Spuerpaquet hei bezitt keng Krisesteier, bezitt keng Solidaritéitssteuer an natierlech och kee Spätzesteiersaz. Säi Bäitrag an deem Spuerpaquet do ass null. En Haushalt mat 4.000 Euro monatlichem Revenu bezitt dräi Euro méi Solidaritéitssteuer, 18 Euro méi Krisesteier a kee Spätzesteiersaz. Dat mécht 0,62% vu sengem Monatsakommes an 252 Euro méi pro Joer. En Haushalt mat 6.000 Euro bezitt néng Euro méi Solidaritéitssteuer, 34 Euro méi Krisesteier, kee Spätzesteiersaz, 0,91% vu sengem Monatsakommes a 516 Euro méi pro Joer. A mäi leschten ass een, deen 12.000 Euro de Mount verdéngt, dee bezitt 42 Euro de Mount méi Solidaritéitssteuer, 82 Euro méi Krisesteier a 40 Euro méi Spätzesteiersaz, 1,97% vu sengem Monatsakommes, an dat sinn 1.905 Euro d'Joer.

► **Une voix.**- An deen, dee seng Aarbecht verléiert? Wat huet deen, dee seng Aarbecht verluer huet?

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- An da wëll ech dem Här Bausch soen, ganz roueg soen, an der Fro vun der Progressivitéit, an der Gerechtegkeet vun deem Spuerpaquet par rapport zu deem, wat mer an de Steiere maachen, heescht dat am Konkreten, dass een, deen 12.000 Euro de Mount huet, dee verdéngt dräimol méi wéi deen, dee 4.000 Euro de Mount huet, mä e bezitt hei aachtmol méi - aachtmol méi! - an deem Steierpak als Belaaschtung, wéi deen, dee 4.000 Euro verdéngt.

Ass dat net eng Progressivitéit? Ass dat net eng gerecht Verdeelung? Ass dat net genau dat, wat mer ëmmer hei gesot hunn: Op schmuel Schëllere leeë mer manner an op breet Schëllere leeë mer méi?

Ech mengen, dass dat genau noweist,...

(Interruption)

An ech wëll och nach, Här Hoffmann, direkt, loosst mech just dat Argument nach soen, elo déi Zuel nach soen, an ech wëll als Erinnerung awer soe par rapport zu deem, wat hei gemaach gëtt, vun där legendärer Steierbomm, vun där geschwat gëtt, ech kommen herno op eng Bomm, déi vill méi Kaméidi mécht, wéi déi doten.



Wann ech gesot kréien, dass mer hei elo bei 240, 250, 260 Milliounen Euro méi Steiererhéijunge maachen, wëll ech just soen, dass...

(Interruption)

...déi lescht Regierung, déi virlescht Regierung nach 2002 Steiererlicherunge gemaach huet an Héicht vu 590 Milliounen Euro, an dass am Joer 2008 Steiererlicherunge gemaach gi si vu 600 Milliounen, dat heescht, an deene leschten...

► **M. Claude Meisch (DP).**- ...d'Upassung vun der Steiertabell mat dran. Dat stëmmt net, do war d'Upassung vun der Steiertabell.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Am Gesamtvergläich...

► **M. Claude Meisch (DP).**- Vergläicht dat, wat mateneen ze vergläichen ass. Wa mer iwwer Zuele wëlle schwätzen, mussen se stëmmen, Här Lux. Dat stëmmt net, déi Zuel do.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- ...ganz genau...

► **M. Claude Meisch (DP).**- Neen, si stëmmt net, well d'Upassung vun der Steiertabell ass do net mat dran. Rechent dat zesummen...

► **M. le Président.**- Här Meisch, loosst elo emol den Här Lux ausschwätzen...

► **M. Claude Meisch (DP).**- Dat reegt mech op, wann een hei Zuele gebraucht, déi verdréit sinn, déi net korrekt sinn an déi net kënne matenee verglach ginn.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Dir héiert net gäre Fakten.

► **M. Claude Meisch (DP).**- Dat do si keng! Dat do si keng! Et ass Fantasie!

(Interruptions)

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Floskele sinn eng Saach. An deene leschte Jore si vun deene successive Regierungen hei an engem vill méi grouss Mooss Steuerreduktion gemaach ginn, wéi dat, wat mer elo virleien hunn als Steieraugmentatioun. Dat ass jiddefalls eng Tatsaach. An et bleift am Saldo,...

(Interruption)

An et bleift am Saldo, dass et an deene leschten zéng Joer bäi Wäitem méi Steuerlicherunge gouf, wéi dee Pak, dee mer elo hei virleien hunn, hei dréit.

An ech soen um Niveau vun deem, wat de Virwurf vun der Steierbomm ass, well ech hat do esou d'Gefill, wéi wann Der lech d'Aufgab e bëssen opdeelt: Den Här Meisch huet haut e responsabelen Discours hei wëllen hale par rapport zu der Leidensfäegkeet vun den Entreprises; an den Här Etgen, deen huet de leschten Donneschdeg hei bei den Diskussiounen iwwert de Steierpak en Discours gehalen iwwert d'Leidensfäegkeet vun de Leit dobaussen. Dir musst nach kucken, dass Der d'Kohärenz hierstellt vun deenen zwee Discoursen. Ech soen lech just...

(Interruption)

► **Une voix.**- Dir net! Dir net, Här Lux! Macht lech do keng Suergen! Macht lech do keng Suergen!

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Ech weess, datt dat wéi deet, fir emol...

► **M. Claude Meisch (DP).**- Dat deet guer net wéi...

► **Une voix.**- Waart emol bis de Mëtteg!

► **M. Claude Meisch (DP).**- Mir hätte gären eng seriö Debatt, mir hätte gären eng ganz seriö a sachlech Debatt.

(Interruption)

Neen, déi si guer net seriö!

► **Une voix.**- Den Här Hoffmann hat...

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- De Punkt ass also deen, an dat ass dat, wat den Här Bodry, mat deem Der virdu jo versicht hutt, en do ze kritisieren, deen dat just gesot huet, dass ee just feststellt, wann een eenzel Beispiller rechent, dass déi eigentlech Bomm op d'Kafkraaft vun de Leit dobaussen, dat ass déi Proposition enger-säits, fir d'Indextranche vum nächste Joer ganz aussetzen.

Fir d'Rentner an d'Rentnerinnen dobausse kennt dann derbäi, dass d'Bomm nach méi aschleift, wann ee gläichzäitig higeet an

net nëmmen d'Indextranche aussetzt, mä och nach den Ajustement aussetzt. Do kennt Der all Zuelen..., ech erspueren lech déi elo, fir dass Der net nach méi nervös gitt. Ech erspueren lech elo déi Zuelen, déi weisen, dass dat, wat Dir proposéiert, vill méi eng Attack an eng Bomm op d'Kafkraaft vun de Leit dobaussen ass, wéi dat, wat am Steierpak hei ugeduecht ass.

Eleng wann een et um Niveau vun dem Pensionär mécht, deen 2.500 Euro Pension huet an dee mat Indextranche an Ajustement an deenen nächste Méint op 2.601 Euro géif kommen, deen huet duerch déi Propositionen, déi Dir macht, 972 Euro am Joer manner a senger Rent. Duerch de Steierpak huet en der 106 Euro manner. Dat heescht, d'Verhältnis hei ass de Bewäis derfir, dass déi eigentlech Bomm op d'Kafkraaft vun de Leit déi Propositione sinn, déi vun der DP haut gemaach gi sinn.

Woubäi ech lech net wëll a Fro stellen, dass et fir d'Debatt gutt ass, wann een de Courage huet, an deen hutt Der, fir kennen ze soen, dass Der op déi Indextranche do géift verzichten an op den Ajustement och géift verzichten. Dat hëlleft den Débat méi kloer ze maachen, wien hei wat fir eng Propositione mécht. Mä de Fait ass deen, dass, wann den Här Etgen d'lescht Kéier hei geschwat huet vun der Leidensfäegkeet, vum grouss Leide vun de Familljen dobaussen a vun de Leit dobaussen an esou virun, da wär d'Leiden ënner...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- ...Ärer Politik vill méi grouss, wéi et ënnert deem ass, wat dës Regierung proposéiert huet.

► **M. Claude Meisch (DP).**- A wéi leit déi nächst Generatioun, déi dat dote muss bezuelen? Wéi leit déi? Wie rechent fir déi?

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Wat de Spuerpak ubelaangt, wëll ech soen...

► **Une voix.**- Här Hoffmann, hutt Dir just keng Fro?

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Ech hunn dat virdu scho gesot an der Fro vum Comité de...

(Interruption et hilarité)

► **Une voix.**- Den Här Hoffmann hat eng Fro.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Ah, pardon.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Neen, et ass schonn eriwuer.

► **M. le Président.**- Fuert virun! Den Här Hoffmann stellt seng Fro...

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Ech wollt... Ah, pardon!

► **M. le Président.**- Stellt Der se dann elo, Här Hoffmann?

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Jo, meng Fro ass...

► **M. le Président.**- Also, den Här Hoffmann stellt lech elo seng Fro.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Meng Fro ass déi vun der Kohärenz. Op där enger Säit huet den Här Lux elo mat senge Beispiller wëlle beweisen, wéi héich dass déi héich Revenuë belaauscht wäeren an deem Krisepak, fënnf Minutten nodeem en eis erzielt huet, wéi niddreg dass eise Spätzesteiersaz ass par rapport zu anere Länner an Europa a souguer par rapport zu dem Duerchschnitt vun der Europäescher Unioun.

Et kann een net op där enger Säit quasi d'Progressivitéit an anere Länner als positiv Beispiller virhuelen, well dat wollt Der jo eigentlech maachen, an op där anerer Säit dann awer eng schwach Progressivitéit, déi mir hei hunn, probéieren ze verteidege mat Beispiller.

Duerfir froen ech lech weider: Dir misst jo elo nach eng Kéier...

► **M. le Président.**- Jo, stellt awer elo eng Fro, Här Hoffmann! Dir sidd elo hei amgaangen, schonn Är Ried vun de Moien oder de Mëtteg ze entaméieren. Stellt wann ech gelift Är Fro!

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Jo, jo. Ob den Här Lux bereet wär, dee Kohärenzproblem do ze erklären, an ob en och bereet wär, ze erklären, wéi et da mat senge Beispiller uewe weidergeet? Well do flaacht et of. An dat ass de Problem.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Ech denken, Här Hoffmann, mir hu jo an dësem Joer während laange Wochen an der Regierung an an der Koalitioun iwwert déi Froen do diskutéiert. An ech fannen, dass et fir dës Regierung a fir dës Koalitioun u sech e Bewäis ass vun demokratescher Stärkt. Eenzel Leit hu gemengt, dat ass jo Kaméidi an esou virun, si gi sech net eens an esou weider.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dat war guer net de Fall.

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Neen, ech hu fonnt,...

(Hilarité)

Neen, ech hu fonnt, Här Gibéryen, dass, wann eng Koalitioun et fäerdeg bréngt, a kuckt emol op aner Beispiller, wann déi Liberal eis dat hei virwerfen, da misste se jo emol nëmmen eng Sekonn e Bléck déi aner Säit vun der Musel geheien an dee wierkleche Polittheater, deen do während Wochen a Méint an enger Koalitioun tëschent Schwaarzen a Bloe viru sech geet.

Géint dat, wat do geschitt, an ech kéint nach aner Regierungen nennen an esou virun, hu mer hei, an ech mengen, dat ass d'Äntwert op d'Fro vum Här Hoffmann,...

(Interruption)

...hu mer eng Regierung, wou déi eng sécherlech vläicht méi de Poids leeën op dat, wat de Sozialstat an d'Rechter an d'Flichte vum Sozialstat ubelaangt, an déi aner um Niveau vun deem, wat um Niveau un der Kompetitivitéit muss geschéien. An dat si Kompromësser.

Ech soen lech dat ganz éierlech, Här Hoffmann: An eiser Fraktioun hätt ee sécherlech eng Majoritéit fonnt, fir am Spätzesteiersaz méi wäit ze goe wéi 39%. Ech wëll awer gläichzäitig soen, dass an deem Kompromëss, well dat gëtt jo vergiess, an deem Kompromëss hu mer derfir gesuergt zum Schluss an deene leschten Deeg, dass bei der Solidaritéitssteuer, dass do nach - wéi nennt een dat? - en Taux plus derbäikomm ass, fir déi grouss Revenuen nach mat 1% méi ze touchéieren. Dat ass e Kompromëss zum Beispill gewiescht um Niveau vum Spätzesteiersaz.

Mä ech halen dat awer net fir eppes Negatives. Ech halen dat fir eppes ganz Positives, dass an enger Demokratie, an enger Koalitioun während Woche kann driwwer diskutéiert ginn, wa mer emol an deem Land hei eng Kéier eis mussen dru winnen, dass mer e Choix musse maachen. Soss, wa mer jo de Choix haten tëschent A a B, hu mer décidéiert, dass mer A a B maachen. Elo musse mer dann emol eng Kéier décidéieren, dass et entweder A oder entweder B ass. An ech mengen, déi Diskussiounen hu mer gefouert. A si hunn zu enger Rei vu Kompromësser gefouert, wou Dir sot: „Wou ass do d'Kohärenz?“

Mä, ech fannen, dass dat eng Balance ass tëschent enger Rei vun Dëfen an enger Rei vun Iwwerzeegungen, déi sech an enger Koalitioun maachen. An ech fannen, dass dat éischter e positive Punkt ass, wéi dass et en negative Punkt ass.

Ech wollt soen, dass déi successiv Ännerungen, déi gemaach gi sinn un deem Steierpak, un deem Spuerpak villméi, eng Kéier am September am Zesammenhang mat der sougenannter Bipartite vun de Gewerkschaften an och elo zum Schluss nach eng Kéier a puncto bëllegen Akt, dat ass och eng Äntwert dorop.

A wann een déi Zuele kuckt, mengen ech, gesäit een dat jo, wat fir eng Previsiounen d'Regierung virleien hat, wéi se de Spuerpak geschnürt huet, deen éischte Spuerpak, deen am Fréijoer virgeluecht ginn ass. Mir sinn deemools ausgaangen, ech hunn déi Zuelen eng Kéier gekuckt, d'Previsiounen fir 2010 war en Taux de croissance vun engem klengen Prozent virausgesot ginn. Mir sinn elo bei 3,2%. Et ass virausgesot ginn en Defizit vu -4,4%. Mir sinn elo bei -2,2%. Et ass virausgesot gi bei der Création d'emplois, wat den Här Meisch hei nach ëmmer mécht, wéi wann näischt geschitt wär, dass mer e Minus hätte vu -0,6% an der Schafung vun neien Aarbechtsplazen oder dem Öffbau an deem Moment vun Aarbechtsplazen. A Wierklechkeet, mengen ech, si mer bal bei 2%, 1,8, 1,9% plus u Schafe vun Aarbechtsplazen. Dat heescht, déi successiv Ännerungen haten och domat ze dinn, dass een

eng flexibel Äntwert ginn huet op dat, wat reell geschitt ass.

Duerfir hu mer als LSAP-Fraktioun net zu Onrecht am Fréijoer gesot, mir wäeren net partant, fir elo schonn e Spuerpak ze schnüren op véier Joer, well mer wierklech décmment net wëssen, wat an deenen nächste Jore géif geschéien. A mir hunn duerfir d'Optioun geholl, fir e Spuerpak op zwee Joer, an dat ass nach e wäite Bléck, wann ee gesäit, wéi d'Entwécklung sech maachen, op zwee Joer ze maachen, an déi Flexibilitéit ze behalen, fir ze kucken.

A wann een eis Resultater kuckt par rapport zu deenen europäesche Länner, da gesäit ee souwuel am Taux de croissance, wann een dat vergläicht mat anere Länner, souguer der Bundesrepublik Däitschland, déi jo wierklech amgaangen ass, an ee richteg Wuesstum eranzekommen, och duerch eng Politik vun Niddreglounberäicher, déi se ganz bewusst gemaach huet, dass mer och do iwwert der Wuesstumsrat vun der Bundesrepublik an all deenen anere Länner leien.

Ech wollt e puer Bemierkunge maachen - mä d'Zäit leeft e bësse fort - och iwwert deenen europäesche Volet. Dass den Euro a Gefor ass, dass munches vun deem, wat an deene leschte Joren u monetärer an domadder och politescher Stabilitéit hiergestallt ginn ass, a Gefor ass, dat gesi mer all Dag, an dass dat dozou féiert, an ech hunn dat virdu gesot, och an deem Antisteierdiscours, deen Eenzelner féieren, dass mer hei populistesch Fuerderunge kruten no Erëmaféierung vun nationale Währungen. Dat ass jo eng Diskussioun, déi an Däitschland voll amgaangen ass oder jiddefalls versicht gëtt ugezönt ze ginn.

An der „Welt am Sonntag“ vun dem leschte Sonndeg huet ee geschrëwen: „Die Rückkehr der ehemaligen Währungen wäre wie ein Comeback von Modern Talking oder Lothar Matthäus.“ An dat gëtt och e bëssen dat erëm, mengen ech, wat ee spiert.

Ech wéilt och en anert Zitat, wat engem par rapport zu deene Wunderheiler, déi elo amgaange si sech breezemaachen, Rietsextremisten an aneren Extremisten, déi sech jo breezemaachen, fir déi Ängschten, déi Onzefriddenheeten, déi do gereizt ginn an esou virun, fir déi ze instrumentalisieren, an all déi sougenannten einfach Léisungen, déi einfach Gefiller, déi mer do gesinn. D'„Süddeutsche“ huet dat genannt: „Der faulige Geruch des Populismus liegt über der Szene.“ An ech mengen, et ass och genau dat, wat een am Moment e bësse spiert a villen anere Länner.

Ech hunn dee leschte Méindeg an der Zeitung eng Studië vun der Universitéit Bielefeld gesinn, déi virun allem zum Resultat kennt, dass deen Ustiech vu Rietspopulismus virun allem bei Besserverdenger ganz grouss ass, dass d'Besserverdenger a Krisenzäiten dat Gefill kréien, dass si just nach do sinn, fir all déi aner, déi am Zuch net esou matkommen, matzezéien.

Och dat ass an engem dompen Antisteierdiscours, deen een esou mécht, eppes, wat extrem geféierlech ass, fir deenen d'Gefill ze ginn, dass si déi sinn, déi just nach musse malochen, fir derfir ze suergen, dass et weidergeet. Neen, an dëser Gesellschaft, och a Krisenzäiten, maloch se alleguer, déi um Spätzesteiersaz grad esou wéi déi, déi an engem Mëttele regime sinn, a gradesou wéi déi, déi keng Steiere bezuelen, well se am Bau oder am Restaurant oder beim Coiffeur an esou virun och derfir suergen, dass et virugeet.

Ech wëll elo net laang op déi Léisungen agoen, déi am Moment an der Diskussioun sinn, och net den Dissens, dee mer säit gëschter spieren, an innerhalb vun der Europäescher Unioun och mat der Bundesrepublik Däitschland, déi Kritiken, déi de Premier a President vum Eurogroup gemaach huet, mä et ass eng Tatsaach, dass eng Rei vu Virschléi um Dësch leien, wou ee sech muss d'Fro stellen, wéi mer et fäerdeg bréngen, erëm eng Réckbesënnung zu der Gemeinschaftsmethod ze maachen, wéi mer déi drohend Renationaliséierung



vun de Politiken och am monetäre Beräich verhënnere, wéi mer aus der Spekulationsfal - gëschter géint Griichenland, haut géint Irland, muer géint Portugal, iwwermuer géint Spuenien -, wéi mer aus där Fal erauskommen a wéi mer d'politesch Unioun iwwerhaupt weiderentwëckelen.

An e lescht Zitat, wat ech fonnt hunn. Et ass schued, dass en net méi heibannen ass, ech reechen em et da per SMS no. D'„Frankfurter Rundschau“ huet virun e puer Deeg geschriwwen, a bedauerend geschriwwen: „Die Junckers dieser europäischen Welt wachsen nicht nach.“

Ech mengen, dat gëtt villes erëm, wat eis am Moment um Niveau vun der Europäescher Unioun feelt, dass eng Method do ass an och eng politesch Zilsetzung do ass, déi déi ass vun enger Gemeinschaft, vun engem Zesummeféieren. All déi Reaktiounen, déi mer spieren och aus der Bundesrepublik Däitschland, ginn am Moment leider Gottes an eng aner Richtung a si wäerte sécherlech der noutwendeger Regulatioun vun de Finanzmäert oder einfach och der Verflichtung vun de Banken an enger neier Deontologie, déi esou Krisen, wéi mer se erlieft hunn, verhënnert, net zoudénglech sinn.

An de Froen - zréck op Lëtzebuerg - wëll ech net nach eng Kéier aushuelen, fir ze soen, wat eis an der Realekonomie no der Bankekris dach awer u Schued ugeriicht ginn ass. D'Zuele vun der Aarbechtslosigkeit si scho vun Einzelne genannt ginn, déi drastesch an d'Luucht gaange sinn. Hei ass en Défi, dee bleift.

Mir mierken um Niveau vun dem Wunnengsmaat, dass d'Loyeren an d'Präisser erëm amgaange sinn an d'Luucht ze goen. An ech si frou, dass mat dem Zréckzéie vun der Fro vum bëllegen Akt d'Regierung ugekënnegt huet, fir derfir ze suergen, dass mer géifen an deenen nächste Wochen a Méint derfir suergen, dass mer en neie Wunnenspakt mat Wunnengshëllefen an enger Verzahnung vun den Hëllefen, enger Analys vun den Hëllefen, mat deem, wat mer elo diskutéiert hunn, géife maachen.

Ech mengen, dass dat eng wichteg Fro ass um Niveau vun deem, wat hei ze maachen ass. An och, an ech hunn déi Zuele vun der Unicef virdru genannt; déi um Niveau vum Aarmutsrisiko. 14,9% vun der Bevölkerung lafen d'Gefor, an d'Aarmut ofzegleiden. Ech mengen, dass dat en extrem schwierege Punkt ass, derfir ze suergen, dass mer déi Sensibilitéit behalen,...

(Interruption)

...dass mer et wierklech fäerdeg bréngen, derfir ze suergen, dass mer... A mir hunn zum Beispill bei de Familljenhëllefen dee Paradigmewiessel fäerdeg bruecht. De Finanzminister huet gëschter, wéi en dat esou oft mécht, well dat e grouse Pak duerstellt, derfir gesuergt, dass mer bei der Famill net nëmmen derfir gesuergt hunn, dass mer de Paradigmewiessel vu Geldleeschungen op Infrastrukturleeschungen fäerdeg bruecht hunn.

Mir hu mat der Desindexéierung 2006 vum Kannergeld mat véier Indextranchen, déi an der Tëschenzäit erfall sinn, iwwer 100 Milliounen net ausbezuelt, mä mir hunn awer iwwer 100 Milliounen méi an d'Infrastrukturen investéiert. An ech mengen, dat war dee richtege Wee, wéi e vum Här Meisch - mir si jo net an alle Punkten enger anerer Meinung -, dass et e richtege Wee war, fir derfir ze suergen, dass mer méi um Niveau vun de Sachleeschungen, um Niveau vun den Infrastrukturen investéieren, wéi um Niveau vun de Geldleeschungen, wou mer och do largement zu deene gehéieren, déi am meeschten an am beschte Leeschungen fir d'Famillje ginn.

Ech wëll e Punkt...

(Interruption)

► **M. le Président.**- Här Lux, erlaabt Der, datt den Här Hoffmann lech nach eng Fro stellt?

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Sécher, gären.

► **M. le Président.**- Här Hoffmann, wann ech gelift.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Dir hutt am Punkt vun den öffentleche Leeschungen Recht, amplatz Geldleeschungen. Mä just, sidd Der lech bewosst, dass dat, wat mir als relatiiv Aarmutsrisiko bezechen, ëmmer nëmme monetär gerechent gëtt? Dat heescht, wa mir soen: „Mir hu 15% Aarmer hei zu Lëtzebuerg un Aarmutsrisiko“, dat ass u monetäre Leeschungen gemooss; also um Akommes.

Dat ass net géint Är Iwwerleeung, gell. Et muss een awer oppassen: Dat eent kompenséiert net dat anert.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Ech mengen, et ass awer och richtig. Ech mengen, och Analysen hei an och am Ausland hu gewisen, dass déi Kanner aus männerbemëttelte Familljen oft méi hu vun Infrastruktur wéi vu Geldleeschungen.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Jo.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Och dat, mengen ech, ass fir hiert Gedeien, fir hir Entwëcklung: méi hunn um Niveau vun deem Déngen. Duerfir ass dee Wee, dee mer an der Koalitioun an och scho virdru gaange sinn, dee richtege Wee. An ech mengen, dass een do muss virufueren, fir um Niveau vum Sozialstat derfir ze suergen, dass déi Prämissen do erhale bleiwen.

Ech wëll e puer lescht Bemierkunge maachen: déi eng um Niveau vun der Bipartite mat de Gewerkschaften, an déi aner vun der Bipartite mat de Patronen.

Um Niveau vun der Bipartite mat de Gewerkschaften wëll ech soen, dass mer e Kompromëss um Niveau vum Index fonnt hunn an dass mer dee Kompromëss, dee mer do fonnt hunn, elo an deenen nächste Jore sollte konkret an aktiv befollegen.

Ech wëll also domadder soen, fir eis Fraktioun, dass mer eis un enger neier Indexdiskussioun, déi iergendeen am Januar wëllt entfachen, net wäerte bedeelegen. Dat, wat den 29. September ofgemaach ginn ass...

(Interruption)

Jo, jo. Duerfir soen ech et jo.

► **M. Claude Meisch** (DP).- Dir kritt erëm eppes diktéiert.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Dat, wat den 29. September decidéiert ginn ass...

Här Meisch, lauschtert emol gutt no, well ech hunn heiansdo d'Gefill, wéi wann d'Leit net richtig nogelies hätten, wat den 29. September decidéiert ginn ass. Mir sinn an der Fro vum Index.

(Interruption)

An ech wëll nach eng Kéier soen, wann ech mäi Parteipresident viru mer gesinn... An ech halen et nach ëmmer fir eng grouss Eier vun der Sozialistescher Aarbechterpartei, dass se et an der parteiinterner Demokratie fäerdeg bruecht huet, fir Saachen, déi an dësem Land dobausse bei de Leit och ganz konkret an heiansdo ganz aggressiv diskutéiert ginn, an engem parteiinternen demokratesche Prozess ze diskutéieren an dat zréckbehält an da weess, wéi se soll handelen.

Ech halen dat fir en extreme Plus vun där Partei par rapport zu deenen, wou dat „en petit comité“ gemaach gëtt an esou virun, oder wou keng kloer Linn ass, wou ee keng kloer Linn spiert. Hei ass eng kloer Linn gezu ginn.

Ech wëll och soen, den Här Gibéryen, dee sech jo drop gefreet huet, fir haut kënne seng Ried ze halen an ze soen, well en ëmmer gesot huet, d'Sozialiste bleiwen esou laang stoe bis se ëmfalen. Mä dës Kéier sinn d'Sozialiste stoe bliwwen. A seng Formule...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Nach! Nach!

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- A seng Formule... Här Gibéryen, déi Formule, déi Der do fonnt hutt, fir ze soen, d'Sozialiste sinn nëmmen e bëssen ëmgefall. Also, et ass schwanger oder net schwanger. Et ass ëmgefall oder net ëmgefall. A wann...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, neen.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- An an dësem Fall...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, neen. Dat eent geet net ouni dat anert, mä dat dote geet.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- ...sinn d'Sozialiste stoe bliwwen, riicht stoe bliwwen.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Et gëtt nach Pisatuerm.

(Hilarité)

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- An ech soen lech, dass an dem Accord, an dat wëll ech, dat wëll ech dem...

Kuckt emol wéi riicht!

Ech wëll dem Kolleeg Claude Meisch soen: An dem Kompromëss vum 29. September an der Bipartite vun de Gewerkschaften, do sti ganz prezis Saachen dran. Net nëmme fir déi nächst Indextranche, wou mer jo decidéiert hunn, fir ze soen, dass, wa se virum 1. Oktober erfält, se dann op den 1. Oktober décaléiert gëtt, mä och duerno hu mer eis eng Obligatioun gesat, fir all Kéiers dann, wa méi wéi eng Indextranche endéans vun enger Frist vun zwielef Méint erfält, fir eis zesummenzesetzen an ze négociéieren an ze kucken, wat mer da maachen.

Dat steet am Text vum Accord vum 29. September dran! An dat ass e grouse Fortschritt par rapport zu deem, wat mer bis elo haten.

Ech wëll lech och soen, och dem Här Bausch: an der Fro vun dem Eraushuele vun de Pétrolspräisser aus dem Wuerekurf. Net nëmmen, muss ech soen, dass ech d'Wahlprogrammer vun der DP a vun deene Gréngen nach eng Kéier gelies hunn, wou iwwert d'Eraushuele vun de Pétrolspräisser aus dem Wuerekurf näischt drasteet a wou déi zwou Parteien alleguer - och d'DP - sech ganz kloer derzou bekennen, dass se wëllen Accorden um Niveau vun der Tripartite hunn, wou se soen, dat soll nëmme geschéien am Accord mat Décisiounen vun der Tripartite.

An ech mengen, et ass jo dat dee Versuch, deen d'Regierung gemaach huet. An ech mengen, dass, wa muer, no där nächster Indextranche, wa sech...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Dir hutt eng aner Lecture vun deenen aneren hiren Texter.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Ech kéint lech se souguer virlesen.

► **M. Claude Meisch** (DP).- Ma, ech hunn en de Moien zitéiert.

(Interruption)

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Neen, ech hu vun der DP...

► **Une voix.**- Ah!

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Ech kann lech et awer virlesen: „Die DP wird das Indexsystem erhalten.“

► **M. Claude Meisch** (DP).- Dat hunn ech de Moie gesot.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- „...falls notwendig werden wir verschieben.“ - Dat hutt Der gesot, doriwwer hunn ech e Kommentar gemaach - „Diese Entscheidung muss mit den Sozialpartnern im Rahmen einer „Tripartiterunde“ diskutiert und getroffen werden.“

► **M. Claude Meisch** (DP).- Jo.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Getroffen werden! Also, net nëmmen diskutéiert, mä getraff ginn. Dir bekennt lech och do, wat d'Regierung gemaach huet, zu där Obligatioun, derfir ze suergen...

(Interruption)

► **M. le Président.**- Erlaabt Der, Här Lux, datt den Här Meisch lech eng Fro stellt? Här Meisch, wann ech gelift.

► **M. Claude Meisch** (DP).- Et ass jo wuel kloer, datt, wann een als Regierung wëllt untrieden an en ambitiöse Programm huet an do eppes wëllt bewegen, datt een dat da mat enger Tripartite wëllt maachen. Dat wäert fir d'Demokratesch Partei jo wuel och nach dierfe gellen. Eng Partei, déi d'Tripartite mat erfonnt huet, an en Instrument mat erfonnt huet, dat dësem Land munches Guddes gedoen huet.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Dat ass richtig.

► **M. Claude Meisch** (DP).- Wann dann awer an esou enger kruzialer Fro keen Arrangement an der Tripartite derbäi erauskënnt, dann ass et fir eis awer gradesou kloer, datt dann och d'Politik muss d'Verantwortung iwwerhuelen.

(Interruption)

Dat hutt Dir jo hei och gemaach. Dat hutt Dir jo och gemaach.

(Interruption)

Dir hutt d'Scheitern vun der Tripartite festgestallt an Dir hutt dann en aneren Arrangement geholl, deen Der lech soi-disant ofseene gelooss hutt vun enger Bipartite, woubäi ech awer mengen, datt een do muss soen, datt et eigentlech keen Arrangement ass, well et un der Realitéit vun deem, wat, wéini déi nächst Indextranche géif erfalen, an och datt duerno matenee muss geschwat ginn, jo glat a guer näischt ännert.

Well ech mengen, datt eigentlech ëmmer an esou Situatiounen misst matenee geschwat ginn, ob een dat op e Pabeier bréngt oder ob een et net op e Pabeier bréngt. Ech mengen, och do kënnt Der mer Recht ginn.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Ech wëll just...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Mä d'Demokratesch Partei wär bereit gewiescht, an esou engem Fall wéi deem doten, eben och dann, wann d'Tripartite net zu engem Accord kënnt, eng Décisioun ze huelen. Dir hutt eng Décisioun geholl an där doter Regierung, mä leider eng aner, an an eisen Aen eng falsch.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Ech wëll just soen, dass déi zwou Parteien, déi elo a scho virun e puer Méint hei am héijen Haus eng Motioun virgeluecht hunn, fir d'Pétrolspräisser integral aus dem Wuerekurf erauszuhuelen, dat net an hire Wahlprogrammer stoen hunn, an dass Der lech bekennt fir um Niveau vun der Tripartite. An näischt aneschers huet d'Regierung wierklech bis an dee leschten Dibbelchen - wéi ech virdru gesot hunn - versicht ze maachen.

(Interruption)

Ech wëll just soen, dass den Accord vum 29. September eng Obligatioun gëtt, fir matenee mat de Sozialpartner ze diskutéieren, wa mer an eng Tranchéspirale erakommen, wa mer also endéans vun zwielef Méint iwwer eng Tranche erausginn,...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Wéini war dat fir d'Lescht de Fall?

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- ...dass mer...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Wéini war dat fir d'Lescht de Fall?

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Där Beispiller hate mer och an deenen...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Dat ass awer scho laang hier.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- ...leschte Joren. Mä wann de Pétrolspräis sech vergaloppéiert, da wäerte mer déi Situatioun vill méi schnell kréien, an dann ass et de Moment, fir mat de Sozialpartner ze diskutéieren. Ech wëll lech just soen, dass d'Sozialpartner...

(Interruption)

...an d'Regierung fir d'Éischt emol musse kucken, wat dann iwwerhaupt d'Ursach ass, wann d'Tranchéspirale op eis zoukënn. Well wann ech d'Zuelen am Moment kucken, da sinn et éischter déi administréiert Präisser mat engem Plus vu 5,3%, déi d'Inflatioun doen ze galoppéieren,...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Wat fir ee Gesetz, wat Dir gestëmmt hutt?

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- ...wéi de Pétrolspräis.

Dat heescht, wann et haut de Fall ass, misste mer vill méi diskutéieren iwwert d'administréiert Präisser,...

► **M. Claude Meisch** (DP).- Wat fir ee Gesetz?

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- ...da misste mer diskutéieren iwwert de Waasserpräis, da misste mer diskutéieren iwwert d'Tarif fer zu Sandweiler. An iwwert d'Tarif fer bei der Post misste mer diskutéieren, wat mer do maachen, wat net ëmmer kohärent ass zu dem Versuch, derfir ze suergen, dass



mer hei d'Inflatioun an de Grëff kréien, jiddefalls dat, wat mer hausgemaach kënnen dobäi maachen.

(Interruption)

Um Niveau vun der Bipartite mat de Patronë wëll ech just soen, dass mir absolut d'accord sinn, dass een an enger Sortie de crise op alle Levele vun der Kompetitivitéit mat de Patronë kuckt, dat, wat intelligent a virun allem oft sektoriell ka gemaach ginn. Well ech halen eng betruechtend Art a Weis horizontal iwwer all Secteuren net onbedéngt fir déi intelligent Method. Et muss ee vill méi oft an d'Secteuren erakucke goen.

Ech mengen, dass een do intelligent Saache ka maachen. Jiddefalls, an ech widderhuelen dat, wat de Budgetsrapporteur gesot huet: Dass een de Patronë Kompenséierung geëtt fir d'Erhéijung vum Mindestloun, ass jiddefalls e Wee, souwuel an der Fro vun der Duerstellung wéi och effektiv e Wee, dee mat eis net ze goen ass.

Well wa mer dat eng Kéier ufänken ze maachen, da kréie mer bei all Mindestloun-erhéijunge muer Diskussiounen driwwer. A mir sinn dovun iwwerzeegt, dass déi Secteuren do absolut an der Lag sinn, fir eng Augmentatioun vum Mindestloun - déi mer d'nächst Woch jo hei wäerte stëmmen, an ech mengen unanime wäerte stëmmen - kënnen ze verkraaften.

Wann een nämlech um Niveau vun der Landschaft kuckt, da stellen ech just bei den Handwerksentreprise fest, dass dat déi dynameschste an der Groussregioun sinn, hei zu Lëtzebuerg. Déi schafen Aarbechtsplazen, iwwer 5% souguer. Et ass also wierklech net déi Schwaarzweißmolelei, déi mer heiansdo héieren.

A wann ech kucken - an et sinn déi lescht Zuelen, déi ech lech wollt nennen, an och dem Kolleg Claude Meisch nach eng Kéier wollt soen -, wann een higeet an et kuckt een d'Steierlandschaft, déi d'Entreprises dobausse virfannen, dann huet PwC jo virun e puer Wochen eng Analys vun 183 Länner virgeluecht, déi se analyséiert hunn, d'Steierlandschaft fir d'Entreprises.

An allen Zeitungen, ech ka mech nach erënneren, an de franséischen an an de belschen Zeitungen, stoung: den „champion du monde“. Dat war d'Terminologie. Den „champion du monde toutes catégories“ um Niveau vun der beschter Steierlandschaft fir d'Entreprises ass Lëtzebuerg.

21% mussen d'Entreprises, no Berechnunge vu PwC, un de Stat ofginn. Den europäeschen Duerchschnitt - lauschttert gutt no! - läit bei 44,2%, also dat Duebelt. Länner wéi d'Belsch - mä dat ass jo kee gudder Vergleich - leie bei 57%. Et muss een also, mengen ech, emol wierklech richtig kucken, wat d'Steierlandschaft ass a wat d'Froe vu Kompetitivitéit sinn, um Niveau vun der Fro och, dass 80% vun den Entreprises iwwerhaupt keng Steiere méi bezuelen. Dat, wat ech am Ufank scho gesot hunn, wat eng Reflexioun wäert ass iwwert dat, wat an deenen nächste Jore soll geschéien.

Duerfir mengen ech, dass een eventuell Erliichterungen, déi ee fir d'Entreprise mécht, dass ee ganz intelligent muss kucken, wat ee mécht, an op jidde Fall net a Form vu Kompensatioun fir Mindestlounerhéijungen oder aner Saache soll dohinnerleeën.

Ech hunn hei nach déi Zuelen, déi an engem Bericht vun der Branche vun den Handwierker virgeluecht gi sinn - wann een elo eenzel Riedner heibannen héiert, da mengt ee jo, mir wäeren amgaangen do an den totalen Ofgrond eranzegoen -, dass d'Zuel vun den Handwerksbetreiber an de Krisejoren 2008 an 2009 zu Lëtzebuerg ëm 5,1% zougeholl huet, dass also och d'Beschäftigungszuel an där Branche ëm 2,8% an d'Luucht gaang ass, net ëmgedréit.

Loosse mer d'Bild awer, mengen ech, dobaussen och kucken, wéi et och a Wierklechkeet ass. A well de Sozialminister nach ënner eis ass, misst een och eng Kéier de Versuch emol maachen, iwwer Fakten ze schwätzen.

► **Une voix.** - Geet et him schlecht?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Neen, en huet d'Betounung op „nach“ geluecht.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.** - Mir ass et nach ni esou gutt gaang.

(Hilarité)

► **M. Lucien Lux (LSAP).** - Et misst een dann emol eng Kéier... Dat diskutéiere mer vläicht fir dann den nächsten Dëschdeg, wa mer iwwert d'Gesondheitsreform schwätzen. Et misst een eis Sozialbäitrag, net Floskelen, Fakten hei diskutéieren - net Floskelen! Fakten diskutéieren -, a kucken, wéi eis sozial...

► **Une voix.** - Dat musst Dir nach soen!

► **M. Lucien Lux (LSAP).** - Ech hunn lech elo déi Steierlandschaft genannt. Mir missten emol eng Kéier d'Sozialbäitrag vu Lëtzebuerg analyséiere fir d'Entreprise mat de Sozialbäitrag an deenen anere Länner. Et misst een emol kucken, dass mer eng Stabilitéit vun eise Sozialbäitrag praktesch schonn iwwer 25 Joer zu Lëtzebuerg hunn, souwuel bei der Krankekeess wéi bei der Unfallversécherung wéi bei der Pensiounsversécherung wéi bei anere Gegebenheeten.

Och do, mengen ech, sollt ee kucken... Wann een Ofgaben a Sozialbäitrag am internationale Verglach matenee kuckt, da läit Däitschland bei 53%, da läit Frankräich bei 50%, an da läit Lëtzebuerg bei 36%, vergläichend just nach mat der Schwäiz, déi bei 29% läit.

Dat ass d'Kompetitivitéit vu Lëtzebuerg. Dat si Fakten. Dat sinn net déi Floskelen, déi heihinnergeluecht ginn, fir sech un eenzelne Saachen, un eenzelne sozialen Acquisé vun deene leschte Jore wëllen erunzewoen.

Dat ännert näischt drun, dass mer um Niveau vun deene 65 Propositionen, déi de Wirtschaftsminister gemaach huet, fir d'Kompetitivitéit ze verbessern, un déi mussen erugeen, dass mer, wat d'Prozeduren ubelaangt, souwuel um Niveau vum Stat wéi um Niveau vun de Gemengen, déi Reform vum Aménagement communal, hoffen ech jo, an eiser Kommissioun vun den Intérieursaffären endlech iwwert d'Bühn kréien, fir dass mer hei eng Entschlackung kréien, dass mer d'Reform vun der Nomenclature vum Kommodo-Inkommodo virhuelen, fir do zu enger Verbesserung, zu méi schnellen Décisiounen ze kommen, zu méi vereinfachten Décisiounen ze kommen.

Dat si Punkten, mengen ech, déi mir ganz gären hei mat ënnerstëtzen a ganz gär derfir suergen, dass mer op deene Punkten do weiderkommen.

Ech hätt gären nach iwwert d'Gesondheitsreform e puer Saache gesot, mä dat kënne mer en Dëschdeg en long et en large maachen, wann de Projet de loi vun der Regierung virläit. Datselwecht gëllt fir d'Rentereform, déi de Sozialminister amgaangen ass ofzeschléissen.

Ech si mam Kolleg Claude Meisch enger Meenung, dass mer eis méiglecherweis net genuch Zäit huelen, fir iwwer Cancún an iwwert dat, wat dat national heimeen an deenen nächste Jore wäert heeschen um Niveau vun der Reduktioun vun eisen Emissiounen a wat dat och finanziell am Zesummenhang mat der Fro vum Tanktourismus bedeit. Mä vläicht kënne mer eis am Januar zesumme mam Nohaltegkeetsminister, wa Cancún eriwuer ass, eng Kéier Zäit huelen, fir doriwwer ze diskutéieren, och en vue vun engem zweeten nationalen Aktiounsplang fir Lëtzebuerg, deen op sech waarde léisst, a wou mer frou wäeren, dass mer och an deem Partneriat, deen amgaangen ass diskutéiert ze ginn an eenzelnen Aarbechtsgruppen, dann och schnell zu Décisiounen kommen.

Ech wëllt zum Schluss an der Konklusioun soen, dass mir deem Budget hei ouni Ofstrécher kënnen eisen Accord ginn. Mir mengen, dass dat eng ausgläichend Äntwert ass op déi Défien, déi Lëtzebuerg brauch an deenen nächste Méint a Joren, souwuel wat seng Bierger a Biergerinnen dobaussen ubelaangt wéi och wat d'Ge-deie vun den Entreprises an der Kompetitivitéit ubelaangt.

Mir mengen, dass mer elo déi Strukturformen, déi mer amgaang sinn ze huelen, an engem schätzegen Tempo sollen diskutéieren an ëmsetzen, dass mer net sollte vergiessen, déi Reglementatioun aus den Erfarunge vun där Kris, déi mer elo erlieft hu vu Banken a Finanzwelt, ëmsetzen.

Eenzel Propositionen vun der Kommissioun leien um Dësch. An ech mengen, dass mer elo musse kucken, se esou schnell wéi méiglech ëmsetzen, esou wéi mer et elo fäerdeg brénge bei de Fongen. An ech mengen, dat ass e gudder Punkt, dee mer setzen, fir ze weisen, dass mer als Éischt sechs Méint virdru schonn déi Direktiv d'nächst Woch hei kënnen ëmsetzen an derfir suergen, dass eis Finanzplaz um Niveau vun de Fonge ka gedeien, an dass mer um Niveau vun der Budgetsgestaltung déi Ännerunge virhuelen, déi de Semestre europäen vun eis verlaangt, fir méi oft politesch Diskussiounen ze féieren.

Mir mengen, dass d'Grondhaltung vun deem, wat dës Koalitioun amgaangen ass fäerdeg ze bréngen, stëmmt, an duerfir wäerte mer dee Budget do och stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Lucien Lux. Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Budgetdebatten, déi fannen eiser Meenung no op engem Hannergrond statt mat villen Onsécherheeten, mat engem wirtschaftlechen Ëmfeld, wat total onstabil ass, an am Contraire zu där Meenung, déi heiansdo een e bësselchen hei mengt erauszespieren, wou geschwat gëtt vu Sortie de crise a vun „um séchere Wee“ schonn erëm ze sinn, wirtschaftlech gesinn, si mir net där Iwwerzeegung. Mir mengen, dass eng ganz Rei Onsécherheeten nach bestinn an duerfir een déi Budgetdebatten och um Hannergrond vun enger Analys dovunner muss féieren.

De Budgetsrapporteur huet gesot geschéit, et soll een ophalen, alles schlechtzerieden. Dat wär net gutt, wa mer géifen duerch ze vill negativ a pessimisteschen Analysen e Bild vun der Gesellschaft ginn, wat d'Leit géif éischter defensiv maachen a wat eigentlech och d'Gesellschaft dann net géif weiderbréngen.

Et muss een oppassen, wann een esou eppes seet. Dat ass sécherlech richtig, wann een eng Analys mécht, déi pessimistesche ass, an ee keng Ausweeër draus ofzeechent, keng positiv Ausweeër draus ofzeechent. Mä et muss een awer oppassen, wann een esou eppes seet, dass een net falsch Signaler gëtt, well wann een nämlech déi negativ Punkten net wëllt gesinn, dann huet dat och eppes domat ze dinn, dass een der Realitéit eigentlech net méi wëllt an d'A kucken.

Dann huet dat och mat engem Phänomen ze dinn, dee leider an der Politik vill ze vill oft iwwerhandgehol huet. Nämlech, dass d'Politik d'Tendenz huet, am Fong hir Aufgab ze gi just fir dës Legislaturperiode, dat heescht vun enger Wahl zu där anerer, an dann déi méi mëttel- a laangfristeg Konsequenzen, déi awer duerch d'Ausden-Aen-Verléiere vun der Realitéit kënnen entstoen, net méi gesi ginn. Wat eiser Meenung no awer net de Fall ass. Ech mengen, mir mussen zrëckkommen do-robber, an et gëtt och vun eis verlaangt, zumools an enger Kris, an esou enger Kris, an där mer eis befannen, dass d'Politik laangfristeg Perspektiven opzeechent, och d'laangfristeg Geforen opzeechent an deementspriedend och de Courage huet, fir kuerzfristeg, och wa Wahlen sinn 2014, eng Rei Saachen ze soen, eng Rei Décisiounen ze huelen, fir dass et laangfristeg net schifgeet.

Dat huet, wéi gesot, näischt mat Pessimismus ze dinn oder mat Panikmaachen ze dinn. Et huet eenzeg domat ze dinn, dass een d'Méiglechkeet notzt, fir éischters d'Geforen ze erkennen an duerch adequat Reagéieren op déi Geforen, dass een dofir déi Geforen, déi een erkannt huet, kann ëmgoen.

Fir d'Éischt wëll ech emol dräi Punkten erausräichen, déi mat deene Geforen ze dinn hunn, déi eiser Meenung no och dee beschte Beleg sinn, dass d'Geforen net aus der Welt geschaf sinn, dass mer eigentlech déi Kris och nach net iwwerwonnen hunn.

Dat Éischt ass emol d'Feststellung, dass mer eiser Meenung no näischt aus der Wirtschafts- a Finanzkris - an dat betrëfft elo net nëmme Lëtzebuerg, mä dat ass um

internationale Plang ze gesinn -, net vill oder fir net ze soen näischt geléiert hunn.

D'Hauptursach, ech wëll drun erënneren, an ech fannen et erstaunlech, dass déi Hauptursach, déi nach virun annerhallwem Joer quasi a jiddwerengem sengem Discours hei ëmmer erëmfonnt ginn ass, dass déi net méi de Moment zitëiert ginn ass. D'Hauptursach vun där Kris, dat war, an ech erënneren duerfir nach eng Kéier dorunner, d'Gier, fir ëmmer méi räich ze ginn, a virun allem, räich ze gi relativ schnell an och lassgeléist vun der ekonomescher Realitéit.

D'Finanzmäert, déi international Finanzmäert, den internationale Finanzsektor huet et fäerdeg bruecht gehat, duerch eng extrem Liberaliséierung an deene leschten 30 Joer vun deem Sektor an duerch ëmmer méi sophistiquéiert an ontransparent Finanzprodukter där Logik eng Dynamik ze ginn, déi eis an déi dote Situatioun bruecht huet.

Dat, wat in war an deene leschten 20 Joer, dat war net: Wéi geet et de Betriber reell um Terrain? Wéi vill Plus-valuen hu se wierklech geschafen? Wéi vill Aarbechtsplaze si geschafe ginn? Wat bedeit dat fir eis Gesellschaft, fir d'Weiderbrénge vun eiser Gesellschaft? Mä d'Haaptlogik war: Wéi kréien ech Wäertsteigerungsrate vu mindestens 25% pro Joer oder bannent engem Joer, an dat wa méiglech lassgeléist vun der ekonomescher Realitéit vum Terrain, wéi de wierkleche Wäert zum Beispill vun Entreprises ass, mä eigentlech nëmme baséiert op dem Wäert, dee verschidden Entreprises op de Boursen zum Beispill hunn. Dat war d'Mentalitéit vun der Shareholder-Value, déi eis an déi Kris do gefouert huet. A wéi gesot, virun allem d'Lasskoppelung vum Finanzsektor vun der reeller Economie.

Ech rappeléieren dat nach eng Kéier, well éischters an der Tëschenzäit déi dausende vun Aarbechtsplazen, déi zerstéiert gi sinn duerch déi Finanzkris, déi mer haten, zwar nach dovu geschwat gëtt, well mer e Chômage hunn, dee rapid amgaang ass weltwäit ze klammen, mä eigentlech kee méi dat an Zesummenhang bréngt mat der Ursach vun der Kris. An ech mengen, dass et awer wichteg ass, dass mer dat maachen. Well mir musse Léieren doraus zéien, fir dass mer net méi an déi nämlech Situatioun an Zukunft kommen.

Et gëtt sécherlech eng Rei minimal Usätz, wou versicht gëtt, d'Finanzmäert besser ze reguléieren, se besser ze kontrolléieren. Mä déi sinn awer ganz minimalistesch. Am groussen Ganzen huet sech an der Logik a virun allem an der Mentalitéit näischt geännert.

Wann Der kuckt, wat geschitt ass op de Boursen zënter der Finanzkris, zënter dem Plongéant, dee gemaach ginn ass op de Boursen Enn 2008, da stelle mer éischters haut fest, dass d'Valeuren op de Boursen quasi schonn erëm iwwert dem Niveau si vun deem, wat se ware virun der Finanzkris. Do kann ee sech d'Fro stellen: Huet dat mat der reeller Economie ze dinn? Jo oder neen? Ech behaupten neen. Déi Valeuren do, do ass amgaangen déi nächst Bulle sech opzebauen.

Virun allem, wat mech am meeschte frap- piert, dat ass, wann ech gesinn, déi Partystëmmung, déi schonn erëm existéiert, déi Bonizahlungen, déi ausbezuelet ginn. Déi Partystëmmung ass erëm a genau deem nämlechten Ausmooss, wéi se war virdrun. An dat Perverst dobäi ass jo, dass dat stattfënn um Hannergrond vun extrem miserabele Situatiounen fir ganz Bevölkerungsschichten, fir ganz Länner entre-temps, déi wierklech amgaange si richtig ofzesacken.

Wann Der gesitt, wat de Moment der ired- scher Bevölkerung bevirsteet mat deem Spuerprogramm, deen elo vu quasi alle Parteien entre-temps an Irland an d'Fenster, also op den Instanzewee geschéckt ginn ass, wann Der gesitt, wat dat fir d'ired- scher Bevölkerung wäert bedeiten, fir de Commun des mortels an Irland, a wann Der awer och gesitt an deem Spuerpak an Irland, wéi ongerecht dee verdeelt ass alt



erëm eng Kéier, a wann Der dat da vergläicht mam Hannergrond, deen ech vir-drü beschriwwen hunn, da soen ech lech, dann ass net nëmmen näischt geléiert ginn aus der Kris, mä wann dat esou weidergeet, da wäerte mer europa- a weltwäit sozial Spannunge kréien an deenen nächste Joren a Jorzéngten, déi wäerte ganz gewaltig ginn. Well et ass evident, datt de Gros vun der Bevölkerung net wäert stallhalen, datt dat doten esou weidergeet, datt näischt aus där Kris geléiert gëtt.

Doriwwer eraus gëtt et och nach net wéineg Ekonomisten, déi soen, déi eigentlech och déi nämlechte Analys maachen, an et gëtt och ganz vill souguer liberal Ekonomisten, déi dat soen. Et muss een emol net besonnesch kritesch sinn, fir déi Analys ze maachen, datt näischt Richteges doraus geléiert ginn ass an datt virun allem den Zäitraum vun deene Bullen a vun deenen Abréch vun enger zu där anerer ëmmer méi kuerz wäert ginn a virun allem d'Konsequenzen ëmmer méi desastréis wäerte ginn.

Ech wëll drun erënneren, datt mer 2001 schonn en ähnliche Phenomeen haten, wou eng Bulle geplatzt ass op de Boursen a wou mer eng éischt Chute no ënne gemaach hunn. An och do ass am Ufank en Discours, e ganz kriteschen Discours gefouert ginn. Deen ass nach méi séier vergiess gewiescht gi wéi dës Kéier bei där heite Kris, well d'Konsequenzen deemools an där Phas net esou dramatesch waren.

Mä et ass erëm weidergefuer ginn. A wéi gesot 2008 ass déi nächst geplatzt. D'Konsequenzen erëm méi dramatesch, de Schock erëm méi heftig. A wéi gesot, et gëtt eng ganz Rei Ekonomisten, déi analyséieren dat de Moment a soen, datt déi Ofstänn ëmmer méi kuerz ginn an d'Schockzoustänn ëmmer méi heftig wäerte ginn. A mir fäerten op alle Fall, datt, wéi gesot, well näischt draus geléiert ginn ass, mer amgaange sinn, erëm an déi nächst Falen ze lafen, an d'Konsequenzen dovunner nach méi dramatesch wäerte ginn.

Deen zweete Punkt, deen ee muss an de Raum stellen, wann een d'Analys mécht, ob mer aus der Kris eraus sinn oder net, dat ass deen Opschwung, dee mer de Moment hunn, déi 3% oder eppes iwwer 3% Wuesstum zu Lëtzebuerg, och international an och an der Eurozon: Op wat baséiert deen Opschwung iwwerhaapt?

Baséiert deen zum Beispill - dat wär jo déi wichtegst Fro, déi mer eis an der Europäescher Unioun misste stellen - dorobber, datt de Bannemaart an der Europäescher Unioun erëm massiv géif fonctionnéieren? Datt de Bannemaart géif esou fonctionnéieren, datt och innerhalb vun der EU d'wirtschaftlech Échangen um beschten Niveau wäeren?

Mä wann een awer d'Realitéit kuckt, da stellt ee fest, datt dat net de Fall ass. Den Opschwung gëtt gezunn haaptsächlech an Europa de Moment vun Däitschland. A firwat huet Däitschland deen Opschwung? Net duerch de Bannemaart an Däitschland oder den europäesche Bannemaart, mä well den Export vun Däitschland an der däitscher Industrie haaptsächlech a Richtung vu China, Indien, Brasilien, dat heescht vun deenen Pays-émérgenten, déi amgaange sinn enorm ze wuessen, well deen erëm absolut um Maximum fonctionnéiert an dat ebe mécht, datt de Wuesstum esou ass, wéi en haut ass.

Dat heescht, et huet guer näischt domat ze dinn, datt mer innerhalb vun Europa an enger gesonder Situatioun wäeren, mä et ass reng, mir gi gezunn eigentlech vu Pays-émérgenté wéi China, Indien oder Brasilien. Mir hunn et eigentlech deenen ze verdanken, datt mer dee Wuesstum vun 3% erëm am Moment kennen, zum Beispill zu Lëtzebuerg oder och da liicht ënner 3% oder souguer liicht ënner 2% an der Europäescher Unioun.

Elo muss een natierlech och do kucken, et kann ee sech d'Fro stellen, jo, an einfach dovunner ausgoen, datt déi dee Wahnsinns-wuesstum vun 9, 10, 11% a China,

iwwer 11% a China, da kann ee soen, ma dee geet einfach esou weider, do gëtt et keng Problemer, dat ass elo e Fait, a mir wäerten eis nach laang Joren elo kënnen einfach esou dorunner och an Europa beräicheren, andeem mer eis do drunhänken.

Och dat ass awer äusserst a Fro ze stellen. Well et gëtt immens Geforepunkten. Zum Beispill a China gëtt et net wéineg Analysten, déi de Moment Suergen hunn iwwert d'Entwécklung a China an zum Beispill och do fäerten, datt a China eng Immobilië-blos ka plazen, déi déi ganz chinesesch Ekonomie kann zolidd un d'Stottere bréngen, wat dann natierlech erëm eng Kéier direkt Konsequenzen hätt. Dat heescht, mir stinn, och wat den internationale Kontext an där Hisiicht ass, op ganz wackelege Féiss.

Deen drëtten Punkt, dat ass d'Energieproblematik. Mir liewen an enger Gesellschaft a mir hunn eng Ekonomie, déi, wat d'Energieproblematik ubelaangt, zu 80% ofhängeg ass vun de fossilen Energieträger haut. Energie ass dat Wichtigst oder mat dat Wichtigst haut ginn am Fonctionnement vun eiser Gesellschaft a vun eiser Economie. Deen, deen d'Energie besetzt, dee ka villen décidéieren. Et ass och deen, deen d'Energie besetzt, déi benotzt gëtt an eiser Gesellschaft, dee sech ka beräicheren. Mä virun allem, wéi gesot, déi grouss Ofhängegkeet vun de fossilen Energieträger, déi huet grouss Risike fir de Fonctionnement vun eiser Ekonomie.

Rezenterweis sinn zwou Studië virgestallt ginn, déi eng vun der Internationaler Energieagentur, an dat anert ass eng Geheimstudie, déi ass erauskomm e bëssen och ongewollt, dat ass eng Studie, déi déi däitsch Bundesregierung bei der Bundeswehr an Optrag ginn huet, fir analyséieren ze loosse, wat d'Risike wäeren duerch d'Energieverknappung, haaptsächlech natierlech d'Verknappung vun de fossilen Energieträger, fir d'Gesellschaft a fir d'Ekonomie.

Bei där éischter vun der Internationaler Energieagentur, déi jo net onbedénkt bekannt sinn, datt se besonnesch kritesch si par rapport zu den Uelechkonzerner, well se och zu ganz groussen Deeler éischter oft als Lobby geschafft hu vun deenen, obscho se jo missten eng onofhängeg Roll spillen, mä ëmmerhi stelle se fest, datt dee sougenannten „peak oil“, dat heescht de Moment, wou mer op der maximaler Fördercapacitéit vum Pétrol zum Beispill waren, datt deen 2006 wahrscheinlech stattfonnt huet, an datt innerhalb vun deenen nächsten zéng Joer 30% vun der aktueller Uelechproduktioun, also vun den aktuellen Uelechfelder, déi de Moment also ausgenutzt ginn, datt déi an deenen nächsten zéng Joer erschöpft wäerte sinn. Dat heescht, datt d'Probabilitéit, datt mer vun haut un déi maximal Fördercapacitéit vun 2006 net méi kennen erreechen, datt déi ganz grouss ass. Dat heescht am Kloertext, datt mer ëmmer manner capabel sinn, aus dem Buedem erauszeförderen.

A wa mer dann op där anerer Säit natierlech héije Wuesstum hu respektiv den Energieverbrauch an haaptsächlech dee vun de fossilen Energieträger ëmmer méi massiv an ëmmer méi séier klëmmt, virun allem och eben dann erëm eng Kéier an deem heite Fall a China, Indien oder Brasilien, da brauch ech lech net ausrechnen, zu wat dat féiert: Dat féiert derzou, datt de Präis vun dem Rohstoff extrem deier gëtt. A wann Der wësst, datt 80% vun eiser Ekonomie ofhängeg ass vun deem Rohstoff, da wësse mer, datt dat enorm dramatesch Konsequenzen huet fir eis Ekonomie.

Dat heescht, mir sinn an enger Situatioun, wou mer riskéieren, datt d'Inflatioun, jee nodeem wéi de Wuesstum sech entwéckelt, ganz schnell wäert ugeheizt ginn duerch steigend Energiepräisser. Mir sinn eigentlech do an enger immenser Fal entre-temps ukomm, well op där enger Säit hätte mer gär Wuesstum, a mir wëssen, datt de Wuesstum wichteg ass fir eis Ekonomie a fir eise Sozialstat. An op där anerer Säit wësse mer awer, wa mer Wuesstum kréien, da gëtt dee Rohstoff, dee gréisstendeels mat responsabel ass, fir datt mer de Wuesstum kënnen iwwerhaapt schafen, ëmmer méi deier duerch de Fait, datt d'Produktionsanlagen op Volltour lafen an ëmmer méi drastesch op Volltour lafen.

Wann Der kuckt, wat de Statec geschriwwen huet gëschter an enger Note, an engem Avis zu der Inflatioun fir dës Joer, da stellt Der fest effektiv, datt d'Inflatioun, déi mer dës Joer haten zu Lëtzebuerg, datt et een Deel hausgemaachten Inflatioun gëtt, mä e gudden Deel, e ganz groussen Deel net hausgemaach ass an ausschliesslech eben ofhängt vun de Pétrolspräisser.

Ech hat an der Finanzkommissioun, wéi mer mam Statec d'Geleëenheet haten ze schwätzen, en vue vun deem Accord, dee getraff ginn ass mat engem vun de Sozialpartner, wat den Index ubelaangt, gefrot, vu datt jo elo decidéiert ginn ass, datt déi nächsten Indextranche fréistens den 1. Oktober 2011 soll erfalen: „Wou misst dann Är Meenung no de Pétrolspräis, vu datt dee jo esou eng grouss Roll spillt, obscho jo déi meescht Leit dat net wëlle wouerhuelen, wou misst deen da landen, fir datt mat Sécherheet virum 1. Oktober am Normalfall d'Indextranche géif erfalen?“ Do hunn ech als Äntwert kritt - an dat war elo virun dräi Wochen, do stoung de Pétrolspräis bei 82 Dollar de Barrel -, ongeféier bei 90 Dollar de Barrel misst en ukommen, dann ass et zimlech sécher, datt am Normalfall d'Indextranche scho virum 1. Oktober erfält. Dat heescht, natierlech 90 Dollar de Barrel net elo een Dag, mä eng gewëssen Zäit, dräi, véier Méint, zwee Méint, also datt eng gewësse Stabilitéit op deem Präis géif kommen.

Abee, de leschte Freideg hunn ech d'Zeitungen opgeschloen, d'Wirtschaftssäiten, an et huet sech jo schonn déi Woch vir-drü bemierkbar gemaach, datt de Pétrolspräis amgaange wär ze klammen.

A wat stoung an de Wirtschaftssäiten an den Zeitungen? «Le baril de Brent de la Mer du Nord s'échange à 91,22 dollars.» Dat heescht, mir waren de leschte Freideg bei 91,22 Dollar. Mir waren entre-temps gëschter schonn eng Kéier bei iwwer 92 ukomm. Et ass elo liicht zrëckgaang op 90,92.

Mä virun allem, wann Der liest, wat gesot gëtt, dat ass, datt déi magesch Barre vu 90 Dollar iwwerschratt ass an datt d'Analysten dovun ausginn, dat déi soubal net méi wäert ënnerschratt ginn, virausgesat natierlech, datt - wirtschaftlech gesinn - d'Situatioun sech esou entwéckelt, wéi se de Moment prognostizéiert gëtt, ëmmer dat virausgeschéckt. Dat heescht, mir sinn elo schonn an deem Zeenario vun iwwer 90 Dollar de Barrel. Dat heescht och ganz kloer, datt, wann deen Accord net getraff gi wär mat de Sozialpartner, d'Indextranche mat ganz, ganz grousser Wahrscheinlechkeet virum 1. Oktober 2011 erfäll wär.

Elo stellt sech natierlech d'Fro - dat ass de Moment nach e bësse méi schwierig, fir d'nächst Joer virauszegesinn -, wat passéiert, wann dee Präis weider klëmmt, a wann en zum Beispill nach eng Kéier esou e Saz mécht, wéi deen, deen e gemaach huet an deene leschten - an ech wëll dat nach eng Kéier hei ënnersträichen -, an deene leschten dräi Wochen? Et ass jo net eng Saach méi vu Méint beim Pétrolspräis vun de Schwankungen, mä an dräi Wochen ass en 10% esou vill, ass en 10% iwwer 10% an d'Luucht gaangen! Wann dat elo an der éischter Halschent vum nächste Joer sech géif confirméieren, de Präis géif nach eng Kéier esou sprangen, mä dann ass et zimlech kloer, da réckelt net nëmmen déi Indextranche vum 1. Oktober ëmmer méi wäit no vir, da fält déi à la limite vläicht schonn am Abrëll oder am Mee. An dann op emol si mer am Zeenario, datt e Risiko besteet, datt mer am Normalfall vläicht souguer schonn eng zweet Indextranche missten ausbezuelen am Joer 2011, wéi gesot, jee nodeems wéi dat sech entwéckelt. Da si mer am Zeenario, wou an dem Accord dann drasteet, datt dann erëm eng Kéier misst frësch verhandelt ginn.

Firwat soen ech dat hei nach eng Kéier alles? Mä einfach, fir drop hinzeweisen, datt mer an enger ganz fataler Logik hei sinn, an et geet och hei net drëms, wa mir dat hei ënnersträichen an eis eng kloer Meenung dozou gemaach hunn, wat mer och dozou proposéieren, fir opzeweisen, wien hei 100% an net 50%, mä et geet eis hei drëm, drop hinzeweisen, datt mer an enger ganz dramatescher Dynamik hei dra

sinn, datt hei onheemlech vill Aarbechtsplazen domadder verbonne sinn, mat där dote Problematik, datt ganz vill sozial Problemer natierlech och domadder verbonne sinn an datt et héich Zäit gëtt, datt mer hei handeln, datt mer hei wierklech engersäits um Indexmechanismus eppes mussen änneren an anersäits awer och mussen higoen, Contrepartie maachen, nämlech den Ausstieg aus de fossilen Energieträger. Dat heescht, de Leit Méiglechkeeten zur Verfügung ze stellen, datt se sech kënnen wieren duerch hiert Verhale par rapport zu deem, wat do amgaang ass ze passéieren.

Duerfir ass eis Propos och kloer. Mir sinn der Meenung zu där Indexproblematik, an ech widderhuele se hei nach eng Kéier an zwee Sätz, datt een engersäits hei misst d'Pétrolspräisser aus dem Wuerekuerf eraushuelen. Dat wier dann, entweder ganz oder zumindest deelweis neutraliséieren - dat misst een emol nach kucken. Et kann ee jo kucken, et gëtt jo verschidde Méiglechkeeten, wéi een dat kéint ugoen.

Awer parallel dozou misst d'Regierung alles maachen, fir d'Energieeffizienz hei am Land ze förderen, fir de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, iwwer all méiglech Mechanismen, fir kënnen sech ze wiere géint déi héich Pétrolspräisser, andeem se op aner Verhalensweisen, op méi energieeffizient Haiser kënnen zrëckgräifen, fir manner Hëtzes mussen ze bezuelen an esou weider, den öffentlichen Transport förderen an esou weider an esou fort. Dat heescht, eng ganz Panoplie vu Mesurë missten absolut Prioritéit kréien, och bei den öffentlichen Investitiionsausgabe vun dëser Regierung, fir datt d'Leit Alternativen och an der Gesellschaft reell hunn.

Mir kënnen nach eng Zäit laanscht déi Problematik diskutéieren, mä ech soen lech, si wäert eis treffen, well d'Realitéit ass evident. Mir wäerten dann och gesinn, wat mer méi laang waarden, wat et méi schwierig gëtt, fir Léisunge fir deen dote Problem ze sichen.

Véierte Punkt, deen derzou gehéiert, eiser Meenung no, datt mer mengen, datt d'Kris net eriwuer ass: Dat ass déi ganz Klimaproblematik. De Moment ass jo zu Cancún eng Verhandlung amgaangen. Do brauch ee sech net ganz vill ze erwaarden, wat dobäi erauskënnt, mä dat wëllt jo awer net heeschen, datt de Problem net méi do ass. De Problem ass leider, eiser Meenung no, vill ze vill an den Hannergrond geréckelt, a virun allem gëtt och hei vergiess, datt niewent der dramatescher Konsequenz, déi dat Ganz kann hu fir d'Mënschheet, sech hei och eng knallhaart finanz- a wirtschaftspolitesch Fro hannen-drü verstoppt.

Ech wëll lech nach eng Kéier dorunner erënneren: Den Oliver (veuillez lire: Nicholas) Stern, den engleschen Ekonomist, huet e Rapport gemaach fir d'englesch Regierung virun enger Rei Joren, deen en elo aktualiséiert huet, kierzlech, iwwert de Käschtepunkt fir d'Gesellschaft, fir d'Ekonomie vum Näischtmaachen an deem doten Dossier. An duerfir ass dat och ee vun de Voleten, déi ganz kloer fir eis zu der Kris gehéieren, an deen alles anescht ass wéi positiv geléist. Woubäi mer - an dat ass jo, wat dramatesch ass - sougott déi technesch wéi déi materiell Méiglechkeeten hätten, fir haut positiv kënnen un déi Fro erunzegoen, an derbäi och nach kéinten, wirtschaftlech gesinn, immens bénéficiaire Saache maachen.

Ech bedauern och duerfir am Numm vu menger Fraktioun erëm, datt, wann ech de Budget 2011 kucken, 142 Milliounen am Kyoto-Fong drastiechen, mä datt 70% vun deenen 142 Milliounen ausschliesslech derfir geduecht sinn, fir eis fräizekafen eigentlech. Dat heescht, dat si Suen, déi gi mer an d'Ausland. Mir sinn der Meenung, datt, wa mer den Undeel vun deem, wat mer heiheem maachen, géife vergrësseren, dat och ganz nützlich wär fir Aarbechtsplazbeschafung hei zu Lëtzebuerg, fir datt d'Plus-Value un deene Suen och hei am Land wär. Hei gi mer mam Scheckheft Suen an d'Ausland, an dat ass sécherlech net de Wee, dee mir géife goen.

Duerfir, generell gesinn, si mir der Iwwerzeugung, datt et kee Grond gëtt, fir sécherlech a Panik ze verfallen, awer och kee Grond gëtt, fir an Euphorie ze verfallen, an datt eigentlech dat Damokles-



schwert, dat iwwer eise Finanzen hänkt, nach ëmmer driwwer hänkt, och wann d'Situatioun sech de Moment kuerzfristig gesi liicht opgehellt huet, mä och dorop, wat een doraus ka maachen, wäert ech nach zrëckkommen.

Ech kommen nach fir d'Éischt op d'Recetten ze schwätzen, an haaptsächlech, dat heescht da logescherweis zu de Steieren. Ech hu scho gesot, nach d'lescht Woch hei, mir sinn der Meenung gewiescht, datt een hätt sollen an dëser Legislaturperiod eng generell Steuerreform aleeden, an dat aus villfältege Grënn.

Ech wëll haaptsächlech op eppes agoen, wat gëschter de Finanzminister hei gesot huet, wéi en iwwert d'Steierpolitik geschwat huet. En huet gesot, dräi Prämissen wiere wichteg, wann een dann déi Recommandatioun, déi de Budgetsrapporteur och a sengem Rapport geschriwwen huet, wëllt ugoen an elo a Richtung wëllt goen, fir eise Steiersystem ze hannerkucken respektiv eng Reform eventuell ze maachen. Dat Éischt, sot en, dat wär d'sozial Gerechtegkeet; dat Zweet, dat wär d'Leeschtung an eiser Gesellschaft; an dat Drëtt, dat wär den internationale Kontext.

Ech wëll fir d'Éischt zu der sozialer Gerechtegkeet eppes soen, an ech mengen, do gëtt et och am meeschten derzou ze soen, wa mer iwwer Steieren schwätzen. Ech wëll haaptsächlech daitlech maachen un enger ganzer Rei Punkten, datt sozial Gerechtegkeet an eise Steiersystem, och wa mer zu Lëtzebuerg sécherlech méi niddreg Steieren hunn, generell, dat heescht och fir Leit, déi manner gutt dru sinn, wéi vläicht a villen anere Länner, mä datt sozial Gerechtegkeet, eiser Meenung no, an eise Steiersystem net méi ginn ass, well et einfach vill ze vill Diskrepanz gëtt tëschent deene verschidde Leit oder Gesellschaften, déi hei zu Lëtzebuerg musse Steiere bezuelen.

Dat Éischt, wat mer musse feststellen emol, an dat huet de Budgetsrapporteur a sengem Rapport jo och zu Recht geschriwwen, dat ass, datt et iwwerall an Europa an deene leschten 20 Joer eng ganz staark Verlagerung ginn ass vun der Besteuerung, ewech vu Kapital Aarbecht hin zu den indirekte Steieren. Dat heescht, ewech am Fong vun der Progressivitéit, déi jo derfir do ass, fir fir Steiergerechtegkeet ze suergen, zu der Netprogressivitéit. Dat ass emol schonn eng éischt Feststellung, déi ee muss maachen, déi sécherlech vun engem soziale Standpunkt hier net déi optimalst ass.

Dat Zweet ass, mir hunn och, zum Beispill, Steieren op d'Verméigen hei zu Lëtzebuerg ganz ofgeschaaft. Och doriwwer kann ee sécherlech diskutéieren am Sënn vu Gerechtegkeet, ob dat richtig ass.

An dat Drëtt - den Här Bodry huet dat och beschriwwen a sengem Rapport -, dat ass, datt zum Beispill d'Besteuerung vu Grond a Buedem zu Lëtzebuerg, e schreift a sengem Rapport «est jugé dérisoirement bas». Dat heescht, datt dee ganz, ganz niddreg ass am internationale Verglach souwisou, mä och am Verhältnis gekuckt dann zur Besteuerung virun allem vun anere Saachen.

An dee véierte Punkt ass, an dat ass fir mech dee frappantste vun der Entwécklung vun deene leschten 20 Joer, dat ass, datt de Ratio vum Steuerakomes tëschent der Steuer, déi erhuewe gëtt op de Ménagen oder de physische Persounen par rapport zu de Steieren, déi bei de Betriber erhuewe ginn, datt dee sech kontinuëllech verschlechtert huet, zu Ongonschte vun de private Persounen, also de physische Persounen an de Ménagen.

Den Här Bodry huet en Tableau a sengem Rapport publizéiert, wou en den Zäitraum vun 2000 bis 2009 ervirsträicht, an do gesäit ee gutt, datt zum Beispill d'Besteuerung vun der Kollektivitéit do ëm 36% eropgaang ass, dee vun de Ménagen ëm 64%. Dat heescht, et ass schonn e gewaltigen „gap“ entstanden tëschent de Steieren, déi agedriwwen ginn an eiser Gesellschaft engersäits op d'Ménagë respektiv d'physisch Persounen an op d'Kapitalgesellschaften virun allem op där anerer Säit.

Wann den Här Lux virdru gesot huet, gemengt huet missen eng Réplique ze ginn op dat, wat ech d'lescht Woch hei gesot hunn, andeem en hei wollt ënnersträichen,

datt dee Steierpak esou gerecht wär, deen hei gestëmmt gi wär, da wëll ech éischstens dat nach eng Kéier rappeléieren, wat den Här Hoffmann hei an enger Zwëschefro gesot huet, wou ech him honnertprozenteg Recht ginn, datt et engersäits souguer bei de physische Persounen, bei de Ménagen net sozial gerecht ass.

Mä virun allem, wat mech am meeschten oder wat eis am meeschte gestéiert huet, dat ass, wann ech d'Verhältnis kucke bei deene Steuererhéijungen, déi mer d'lescht Woch oder déi d'Majoritéit d'lescht Woch hei decidéiert huet, engersäits vun de physische Persounen an de Ménagen, par rapport zu deem, wat eragedriwwen gëtt zu de Betriber. 168 Milliounen kommen eran iwwert d'physisch Persounen an d'Ménagen a ganzer zwielef Milliounen komme vun den Entrepreneuren. Dat heescht eigentlech, d'Verhältnis, dat sech ganz staark zu Ongonschte vu physische Persounen a Ménagen déi lescht 20 Joer entwéckelt huet, dat gëtt duerch dat, wat d'lescht Woch decidéiert ginn ass, nach verschlechtert.

Fënnefte Punkt ass d'Konkurrenz mam Ausland. Ech brauch dorobber net méi anzegoen. Ech mengen, et si schonn e puer Virriedner, déi hu menger Meenung no zu Recht hei ënnerstrach, datt mer, wat d'Konkurrenz... Selbstverständlech gëllt et ëmmer opzepasst, éischstens soll de Stat jo och souwisou net ze vill Steieren anzéien, net méi wéi en der brauch, an zweetens muss natierlech den internationale Kontext gekuckt ginn.

Mä ech mengen, déi Zuelen, déi haaptsächlech vum Här Lux hei virdru zitéiert gi sinn, déi sinn awer richtig, déi Zuelen. An déi bestätegen eigentlech, datt mer am internationale Kontext largement konkurrenzfäeg sinn an datt d'Steieren eigentlech zu Lëtzebuerg wäit, wäit ënnert deem leien, haaptsächlech d'Betribssteeieren, wat se am Ausland sinn. An duerfir soll een och net hei eppes un d'Wand molen, wat net ass.

Et ass wichteg, datt mer virun Ae behalen, datt, wa mer weider esou fueren an dat... Mir sinn zu Lëtzebuerg jo do net..., d'Bevölkerung hei reagiert jo net aneschtens par rapport zu der Entwécklung vun de Steiere wéi soss iergendwou am Ausland. Wa mer weiderfueren, deen Déséquilibre, dee besteet hei, ze verschäerfen, déi ongerecht Situatioun ze verschäerfen, da wäerte mer eng Kéier gréisser sozial Problemer kréien.

Wat d'Leeschtung ubelaangt, kann ee vill doriwwer diskutéieren. Ech hunn e Problem domadder, wann ëmmer vun de Leeschtungsträger einfach esou geschwat gëtt. Ech hätt gär léiwer, et géif een dat definéieren, wann een dat seet, wat d'Leeschtungsträger da sinn. Wat mengt een domadder? Mengt een domadder nëmme Leit, déi - loosse mer soen - am ieweschte Management vun Entreprise setzen, oder zielt de portugiseschen Aarbechter, wéi den Här Hoffmann virdru gesot huet, am Gruet net dozou? Wat versteet een ënner Leeschtungsträger?

Selbstverständlech kënnt et drop un, opzepasst, datt een net esou staark besteiert, datt een d'Leit, egal wien et dann ass, ob et de portugiseschen Aarbechter am Gruet ass oder de Manager uewen ass, decouragéiert, fir méi Leeschtung ze bréngen oder fir iwwerhaapt ze schaffen oder méi ze schaffen. Natierlech muss een dorobber oppassen am Steiersystem. Mä einfach esou emol ze soen, d'Leeschtung oder d'Leeschtungsträger musse mat, déi Fro muss berücksichtegt ginn, wann een iwwert d'Steieren diskutéiert, ouni awer dann ze soen, wat een domadder mengt, dat halen ech fir ganz problematesch a geféierlech.

An dann dee leschte Punkt, deen ech wëll uschneiden, ass natierlech, datt d'ökologesch Dimensioun nach ëmmer komplett fehlt an eise Steiersystem. An et gëtt vill Ursachen. Eng hunn ech virdru beschriwwen, firwat ee misst schleunigst derfir suergen, déi ökologesch Komponent dranzekréien. Mä et gëtt awer och eng sozial Ursach. Et gëtt einfach nach ëmmer net erkannt, datt mer op ganz villen Niveauen och iwwert déi ökologesch Komponent herno sozial Ausgläicher kéinte schafen, wann ee sech emol d'Méi géif ginn, sech seriö domadder ausenanerzesetzen.

Dozou gehéiert natierlech och déi ganz Diskussioun iwwert - bon, den Här Bodry schreift a sengem Rapport vun der Vereinfachung vum Steiersystem. Ech géif net soen d'Vereinfachung vum Steiersystem, mä wat mer misste maachen, mir missten déi ganz Abattementer, déi et an eise Steiersystem gëtt, haaptsächlech déi fir d'Betriber, déi missten eng Kéier duerchforst ginn, an da misst gekuckt ginn, wat fir eng haut nach Sënn maachen a kee Sënn méi maachen. Vläch misst een och neier aféieren. Ech mengen, dat steet éischer un. Vereinfachung vum Steiersystem, dat ass ëmmer einfach gesot a liicht gesot.

Wann ee wëllt déi dräi Zilsetzungen, déi e Steiersystem soll hunn, déi jo och vu Verschiddenen an och am Rapport beschriwwen sinn, wann een déi wëllt anhalen, dann ass eng Vereinfachung vum Steiersystem, wéi se elo an Däitschland vun engem gewëssenen Här virun e puer Joer proposéiert ginn ass, datt een herno d'Steiererklärung um Béierdeckel kéint maachen, ech mengen net, datt dat ka funktionnéieren, wann een déi dräi Zilsetzungen, déi d'Steieren awer nun eemol hunn, wëllt a Betruecht zéien.

Bei den Dépensen, do kann een natierlech elo vill driwwer diskutéieren, ob 19% Verschëldung respektiv 1,4 Milliarde Verschëldung, ob dat vill ass oder net vill ass. Et ass sécherlech net vill, wann een et vergläicht mat deenen Tabellen, déi mer an deene leschten zwou Wochen an den Zeitungen konnte liesen, wat verschidden aner Länner betrëfft. Mä ech mengen awer, datt et vill ass, virun allem, wann ee gesäit, wéi séier datt d'Schold zu Lëtzebuerg haaptsächlech an deene leschten zwéi Joer an d'Luucht gaangen ass.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, vu wou mer hierkomm sinn. Mir si vun engem Taux hierkomm vun ënner 7% nach virun der Kris, a mir landen no der Kris bei 19% respektiv bei 1,4 Milliarde Verschëldung. Dat heescht, mir kënnen net soen, mir hätte keng Verschëldung. Virun allem riskéiert awer och fir e klenge Land wéi Lëtzebuerg eng héich Verschëldung vill méi séier zu engem grouse Problem ze ginn, wéi fir e groust Land wéi Däitschland oder Frankräich, déi mat enger méi héijer Verschëldung och méi laangfristeg sécherlech kënnen besser oder kënnen éischer liewe wéi e klenge Land wéi Lëtzebuerg. An d'Beispill effektiv vun Irland beleet ganz séier, wéi schlëmm et ka goe fir e klenge Land wéi Lëtzebuerg. Irland ass do e ganz gudde Verglach, wa mer eis net mat deene Froen ausenaner setzen.

Elo gëtt et fir den Ofbau vun de Scholden nëmme dräi Méiglechkeeten. Et kann een higoen an den Ofbau integral iwwer Steuererhéijunge maachen, andeem een einfach méi Suen erantzitt.

Et kann een den Ofbau vun de Scholden esou maachen, andeem ee bei den öffentlichen Investitiouns Ausgabe kierz geet fir déi nächst Joren. Dat heescht, erofschrauwe geet.

Oder et kann een och decidéieren, datt ee sech seet: „Voilà, d'Konjunktur zitt elo erëm un an d'nächst Joer hu mer 3% Wuesstum. Dëst Joer hate mer schonn eppes iwwer 3% Wuesstum. Tipptopp, d'Scholden baue sech also vum selwen of, well duerch dee Wuesstum kréie mer jo elo an deenen nächste Jore Méieinnahmen, an da kënnen mer déi Méieinnahmen notzen, fir d'Scholden ze tilgen.“

Déi drëtt Variant, dat ass déi, déi mir op alle Fall absolut oflehnen. Mir mengen net, datt et soll ustoen, fir d'Suen, déi mer elo d'nächst Joer erwirtschaften, datt déi Sue solle genotzt ginn, fir d'Scholden vu gëschter ze bezuelen.

Éischstens ass ze soen, datt et net sécher ass, datt mer eis op deen Zeenario kënnen verlossen. Mä virun allem menge mir, datt mer müssen och do zu Lëtzebuerg eng Léier draus zéien, wat mer mat eise Suen an deene leschten 20 Joer gemaach hunn. Mir hunn an den 90er Jore scho gesot: „Mir hunn eng Finanzplaz, dat ass e Glécksfall, esou wéi se de Moment funktionnéiert. Déi Suen, déi se eis eraspullt an d'Statskeess, déi Plus-valuen, déi se eis bréngt, kommt, mir huelen dach en Deel vun deene Suen a mir verdeelen déi net a

mir bauen en Zukunftsfong op a mir leeën déi Suen dodran. An déi Suen däerfen nëmme genotzt ginn, fir Lëtzebuerg ekonomesch ze diversifizéieren, fir ze investéieren an öffentlech Strukturen an esou weider. Dat heescht, fir d'Zukunft vum Land opzebauen.“

Mir haten och eng Kéier eng Motioun hei an der Chamber erabruecht, déi ass ofgelehnt ginn an den 90er Joren. A leider hu mer de Feeler gemaach, datt mer eigentlech vill ze vill Suen eiser Meenung no vun deenen héije Plus-valuen, déi mer an där Zäit do haten, datt mer déi genotzt hu reng, fir an de Konsum ze ginn, an net, wéi gesot, fir d'Zukunft vum Land opzebauen.

Mä ech mengen, mir müssen awer elo dann e Bilan endlech dovunner zéien, a wa mer erëm d'nächst Joer dann 3% Wuesstum hunn, net erëm an déi nämlech Feeler verfallen. An donc ass eis Meenung, datt déi Plus-valuen, déi sech baséieren op d'Joer 2011, well, wat et jo ëmmer esou schwierig mécht ze diskutéieren, dat ass, well mer, wann d'Recettë vum Stat gekuckt ginn, eng Mëschung hunn am lafende Joer vu Recetten, déi op d'lafende Joer baséieren, a Suen, déi nach vun der Vergaangenheet sinn, vu Solde vun der Vergaangenheet. Dat heescht, wa mer elo reng kucken, dat, wat ze erwaarden ass, wat mer vu Plus-valuen erakréien duerch de Wuesstum vun 3% d'nächst Joer, menge mir, dass déi Sue misste genotzt gi virun allem fir öffentlech Investitiouns Ausgaben, fir d'Land op d'Zukunft virzubereeden, an net fir d'Scholden vu gëschter ze tilgen.

Do gëtt et och Méiglechkeeten dann, wann een de Courage huet, fir dat esou ze diskutéieren, de Leit dat och esou verständlech ze maachen, an dann d'Scholden aus eegener Kraaft - déi vu gëschter - ofzebauen.

Dat Éischt ass, de Stat bei sech selwer, d'Frais de fonctionnement vum Stat. De Budgetsrapporteur huet elo relativ vill geschriwwen a sengem Rapport iwwert den „zero-based budgeting“. Wat näischt aneschtens ass wéi dat, wat mir nach virun engem Joer gesot hunn, datt een e Screening misst maache vu sämtleche Statsausgaben.

Ech wëll net behaapte selbstverständlech, datt mer eleng doriwwer d'Scholden kéinten ofbauen, mä ganz sécher ass do vill méi dra wéi dat, wat mer bis elo gemaach hunn. An et kritt een och am Fong och dat nëmme erausgefiltert, wann een deen dote Wee geet, fir dat ze maachen.

Et ass beim Stat oder bei enger Gemeng oder wou och ëmmer net aneschtens, wéi bei den Haushalter oder bei deem Einzelnen: Wann ee ganz vill Suen huet, da leescht ee sech eng ganz Rei Saachen, déi gewëssemooosen och e Luxus sinn, déi net onbedéngt noutwendeg si fir de Fonctionnement vum Stat an och net onbedéngt noutwendeg sinn, fir déi Déngschtleeschungen zum Beispill haut nach kënnen weider unzebidden, déi de Stat ubitt. Mä et leescht ee sech e bësse Luxus, an do gëtt et sécherlech vill Spillraum, wou kënnen Aspuernesser gemaach ginn.

Déi fënnt een awer eréischt eraus, wann een déi Analys am Detail mécht. Dozou gehéiert natierlech och d'Fro iwwert d'Roll vum Stat. A mir müssen an dësem Parlament emol eng Kéier eng Debatt féieren iwwert de Rôle vum Stat. Wat soll de Stat maachen iwwerhaapt? Wat kann e maachen? Wat soll e selwer maachen oder wat soll e maache loosse? Alles dat si Froen, déi dozou gehéieren an déi och natierlech mam Käschtepunkt vum Fonctionnement vum Stat ze dinn hunn.

En zweete Punkt, wou an deenen nächste Joren... - ech hu gesot, mir müssen aus eegener Kraaft déi Scholden vun der Vergaangenheet ofbauen -, an deen zweete Punkt, wou do sécherlech Aspuerpotenzial méiglech ass, oder loosse mer et anescht ausdrécken: wou et méiglech ass, derfir ze suergen, datt mer net erëm schonn déi Suen, déi mer kréien, erëm nei ausginn, dat ass d'Fonction publique selwer. Ech



soe ganz däitlech: Meng Fraktioun ass der Meenung, mir hunn a mir brauchen eng gutt Fonction publique, mir brauchen och eng, déi gutt bezuelt ass. A si ass och de Moment gutt bezuelt. Mir brauchen nëmmen d'Vergläicher ze maache mat eisen direkten Nopeschlänner. Mir brauchen och net wäit sichen ze goen. Dat soll esou sinn an et soll esou bleiwen.

Mä ech mengen awer, fir déi nächst Joren - well déi Situatioun esou gutt ass - misst et méiglech sinn, mat der Fonction publique ze diskutéieren, datt mer eng Lounpolitik maachen an deenen nächsten dräi, véier Joer an der Fonction publique, déi eis erlaabt, wéi gesot, aus eegener Kraaft d'Schold ofzebauen. Dat heescht, déi ganz, ganz moderat ass, déi sech éischter op qualitativ Elementer opbaut, wéi zum Beispill d'Weiderbildung an der Fonction publique an esou weider an esou fort, an net op prozentual Lounerhéijungen.

Dozou gehéiert och déi Diskussioun, déi jo elo lassgeléist ginn ass duerch den Audit, dee gemaach ginn ass, dee virgestallt ginn ass viru kuerzem, wou elo e Blocage besteet. Ech wëll mech haut net am Detail doriwwer ausloossen, well ech éischters deen Audit nach net ze liese kritt hunn, mä zweetens och, well ech mengen, well mer déi Diskussioun am Detail kréien. Ech wëll awer just nach eppes rappeléieren, wat d'Meenung vun eiser Fraktioun ass - grondsätzlech - an där doter Fro.

Mir si grondsätzlech der Meenung, datt de Statut vun der Fonction publique sécherlech e wichtegt Element ass, fir de Beamten ze schützen viru politescher Willkür. Mä de Statut däerf net dofir do sinn, datt d'Fonction publique sech selwer blockéiert, en däerf net dofir do sinn, datt bei der Fonction publique Leit kënnen schaffen, déi de Statut ausnotzen, well se eng Garantie d'emploi hunn iwwer hiert ganz Liewe laang eraus, an eben net wëllen d'Fonction publique esou fonctionnéiere-loossen, wéi se eiser Meenung no misst fonctionnéieren: nämlech en Déngschtreeschter fir d'Gesellschaft.

Dofir menge mer, datt et berechtigt ass, datt een iwwert déi Froe schwätzt. Eis Meenung ass och do ganz kloer, déi kennt Der och schrëftlech noliesen, déi hu mer am Juni d'lescht Joer ofgestëmmt. Mir si bereet, iwwert dee Wee ze diskutéieren a mir fannen dat eng ganz wichteg Diskussioun am Kontext och vun der Weiderentwécklung vun dësem Land.

Ech kommen dann zu engem anere Punkt, deen och vum Rapporteur an och vum Finanzminister gëschter ugeschwat ginn ass, dee mat dem Spueren ze dinn huet, an dat ass dat sougenannte Schlagwuert vun der Finanzéierbarkeit vun der Sozialpolitik.

Éischters emol muss ech do feststellen, datt et eng ganz Rei Saache gëtt, wou dës Majoritéit seet, mir missten doriwwer diskutéieren, déi vun hinne selwer agefouert gi sinn. Et ass jo net esou, datt mer an deene leschten... - wann ech emol zréckrechnen, déi heite Koalitioun, déi war tëschent 1984 an 1999 15 Joer en continu um Pouvoir, an elo nach eng kéier vun 2004 un, wann alles normal geet, nach eng kéier zéng Joer: Dat heescht, 25 Joer war déi Koalitioun hei um Pouvoir. An de Gros vun de Sozialleeschungen, déi mer haut hunn, sinn effektiv vun där Koalitioun hei geschaf ginn. Donc, wat ech emol vermessen, dat ass eng selbstkritesch Approche vun der eegener Koalitioun par rapport zu enger Rei Mesuren.

Ech huelen nëmmen eng als Beispill eraus. Dat ass déi, déi mer d'lescht Woch dann ofgeschwächt hunn, nämlech de Forfait d'éducation. De Forfait d'éducation ass agefouert ginn - ech wëll emol net méi iwwert de Grondprinzip diskutéieren, ob et iwwerhaupt richtig war, deen anzeféieren, dat hu mer jo d'lescht Woch gemaach -, mä wann ech kucken, wéi en agefouert ginn ass. Do ass sech emol keng Sekonn d'Fro gestallt gi vun der sozialer Selektivitéit. Well dee Forfait d'éducation ass jo ausbezuelte ginn u jiddwereen, deen am Fall ass, fir en ze kréien, onofhängeg vu senger eegener Verméigenssituatioun. Do

ass sech net fir fënnef Sou iergendeng Fro gestallt ginn iwwert d'sozial Selektivitéit.

Dat war eng Proposition vun der CSV. Dofir, Här Finanzminister, Dir waart déi Zäit jo och schonn an der Regierung, an an där Partei hat Der schonn e gewichtegt Wuert ze schwätzen. Dat Schéint: Deemools, wéi déi Measure do vun Ärer Partei proposéiert ginn ass, schéngt Der net vill Afloss gehat ze hunn, wéi déi Measure do agefouert ginn ass.

Et sinn awer och aner Saachen, wou virun allem d'CSV sech ganz schwéiergedoen huet an der Vergaangenheet, wann et drëm gaangen ass, Choixen ze treffen. Wann ech d'Kannerbetreung huelen: D'CSV huet eréischt eigentlech virun de leschte Parlamentswahlen eng kéier geholl an der Approche par rapport zu der Kannerbetreung, ewech vun de Geldleeschungen hin zu de méi Sachleeschungen. D'CSV war während Jorzéngten den absolute Verfechter ausschliesslech vu Geldleeschungen, wann et ëm Kannererzéiung a Familljepolitik gaangen ass.

An d'CSV huet et ëmmer fäerdeg bruecht an där do Diskussioun, fir Nuancen op der Säit ze looschen a souguer gesellschaftspolitesch Phenomeener net wëllen ze gesinn. Zum Beispill nämlech deen, datt mer an Zwëschenzäit an enger Gesellschaft sinn, wou béid Partner schaffen a wou d'Kannerbetreung haut ganz aneschtens organisiert gëtt wéi nach virun 20 Joer. Dofir, mir waren nach ëmmer oppen, fir déi Saachen ze diskutéieren. Mä mir géifen emol endlech gäre gesinn, wann et dann ëm d'Praxis geet, ob dann och nach d'Bereitschaft do ass.

Mir hunn och do eng Rei Propose gemaach schonn an eisem Pabeier am Juni, wéi een do kéint méi selektiv virgoen, wéi ee kéint op där enger Säit d'Kannerbetreung -zum Beispill - an och d'Kannerbetreungsstrukture qualitativ flächendeckend aféieren a gratis, wann een dann natierlech op där anerer Säit och bereet ass ze soen, wou een da wëllt Suen aspuere respektiv déi Sue siche goen, déi een da brauch, fir dat eent kënnen ze leeschten. Mir kënnen net alles hunn! Et kann een net flächendeckend qualitativ Kannerbetreung ubidden an op där anerer Säit nach fir jiddwereen, egal wéi héich säin Akommes ass, méiglechst héich Familljen- a Kannerzoulagen! Dat ass sécherlech net dat, wat de Sënn dovunner ass a wat och ka laangfristeg funktionnéieren!

Och do gëtt et eiser Meenung no sécherlech Aspuepotenzial, wann een am Virfeld eng Diskussioun gefouert huet och do, wat een ënner sozialer Selektivitéit versteet, wann et net drëms geet, d'sozial Selektivitéit als Schlagwuert ze benotzen, fir einfach monter mam Bulldozer duerch de Sozialstat ze fueren an de Sozialstat wëllen ofzebauen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*). - D'Pensiounen, och do läit eis Positioun um Dësch. Si läit schrëftlech um Dësch, an den Här Braz huet se an enger Interpellatioun nach eng kéier méi wéi däitlech hei gedroen. Mir stinn dozou a mir sinn och bereet - wann d'Regierung da bereet ass -, op dee Wee ze goen, fir eise Pensiounssystem laangfristeg och fir déi nächst Generatiounen ofzesécheren, fir do mat Reformen ze maachen.

Fir eis sinn do zwou Saache just wichtig, déi mer fannen, datt se mussen respektéiert ginn. Dat Éischt ass d'Vergaangenheet, an déi däerf net ugetaacht ginn. Dat heescht, mir müssen hei derfir Suerg droen, datt alles dat, wat Leit sech vu Rechter opgebaut hunn an der Vergaangenheet, respektéiert gëtt. An dat Zweet ass: Mir müssen en Ënnerschied maachen, wa mer iwwer Pensiounen diskutéieren an iwwer Pensiounsalter virun allem diskutéieren, tëschent Leit, déi ënner penibelen Aarbechtskonditiounen mussen schaffen, a Leit, déi normal Bürosstonne mussen schaffen an esou weider an esou fort. Dat heescht, do muss eng Differenz gemaach ginn.

(**Interruption**)

Wann déi zwou Garantiëgi sinn, si mir bereet, an eis Positiounen an d'Richtungen, wou mer bereet si matzegoen, déi leie scho laang um Dësch. Mir wiere frau, wann dat bei allen anere Parteien och esou wier.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*). - Da kommen ech, wann et ëm d'Dépense geet, zu der Wourecht vum Budget. An do, muss ech soen, fällt et engem jo ganz schwéier hei, e positiven Avis driwwer ofzeginn. Well eleng dat, wat nach aussteet un Diskussiounen - anscheinend sollte se jo sinn am Laf vun dëser Woch, du si se annulléiert ginn -, nämlech mat de Patronatsorganisatiounen. Elo si se op Enn Dezember verluecht ginn. Mä iergendwann eng kéier wäerte jo déi Diskussiounen op en Enn gefouert ginn!

An dann huelen ech jo un, datt dat, wat an der Bipartite erauskomm ass - an ech wëll dem Här Lux soen, hien huet hei gesot, seng Partei géif net mat op dee Wee goe vun deem, wat do versprach ginn ass an der Bipartite, ech ginn awer emol nach dovun aus, datt keng Diskrepanz besteet tëschent senger Fraktioun an de Regierungsmembere vu senger Partei -, ech gi jo och emol dovunner aus, datt dat, wat d'Regierung do deklaréiert huet no der Bipartite, datt dat d'Meenung war vun der gesamter Regierung, wat do proposéiert ginn ass. Donc kann ee jo awer net maachen, wéi wann ee vun näischt eppes géif wëssen a mat näischt ze dinn hätt.

Bon, mir hu jo zwar bei dëser Koalitioun schonn an där Hisiicht viles an deem leschte Joer erlieft. Mä nach bleift awer hei, datt bis auf Weiteres d'Regierung jo zu deem steet, wat se an der Bipartite mat de Patronatsorganisatiounen ofgemaach huet. An de Fait, datt jo och där Ronnen nach solle stattfannen, deit jo drop hin, datt do soll iergendeppes dobäi erauskommen. D'Zilsetzung war jo do, fir déi Méibelaaschtung, déi d'Entreprisékréien duerch de Mindestloun an duerch d'Indextranche d'nächst Joer, datt déi soll an iergendenger Form kompenséiert ginn. An iergendenger Form! Et huet nach kee Mënsch éischters ausgerechent, wat et géif genau kaschten. A Gott sei Dank net, well soss géifen eis wahrscheinlech d'Hoer zu Bierg stoen.

An zweetens virun allem d'Form, do gëtt et net vill Méiglechkeeten. Et gëtt bal ausschliesslech nëmmen de Steierwee, wou dat ka goen. A wann dann donc eppes ausgehandelt nach gëtt oder sollt ginn, dann huet dat en Impakt op de Budget vum nächste Joer.

An donc entsprécht dat, wat mer am Budget hei stoen hu vun Zuelen, net der Wourecht da mat grousser Wahrscheinlechkeet zu deem, wat herno Enn des Joers wäert erauskommen. Iwwert d'Recettë wëll ech elo emol net spékuléieren. Dat ass eng aner Diskussioun. Mä hei geet et jo elo nëmmen iwwert d'Dépenses, iwwert de Manque à gagner, deen eventuell entsteet duerch de Fait, datt en Accord getraff gëtt mat de Patronatsorganisatiounen.

Dat heescht, och hei stelle mer fest, datt mer nach e Budget hei ofstëmmen e bësse wéi eng Virwëtzut. Herno kann eppes ganz aneschtens dobäi erauskommen, wéi dat, wat d'Majoritéit an deem heite Fall da wäert hei stëmmen.

An dann dee leschte Punkt, deen eis besonnesch stéiert bei där ganzer Diskussioun, dat ass bei den öffentliche Investitiionsausgaben, do ass keng Diskussioun gefouert ginn an et gëtt och keng kloer Linn, wat déi genau Prioritéitesetzung vun dëser Regierung ass. Et sinn zwar och gëschter erëm eng Rei Punkten esou opgezielt ginn. Och vum Finanzminister. En huet gesot, op wéi enge Punkte bei den öffentliche Infrastrukturausgaben am meeschte géif investéiert ginn d'nächst Joer. An en huet domadder e bëssen implizit wëlle wahrscheinlech dann ënnersträichen, wat dann d'Prioritéite wiere vun der Koalitioun.

Mä d'Fro, déi sech jo awer stellt, dat ass, ob et richtig ass, fir zum Beispill iwwerhaupt bei den öffentliche Investitiionsausgabe kierzen ze goen. Dat ass déi éischt Fro.

An zweetens, wann een dann Ëmschichtunge mécht: Op d'Käschte vu wat sollen déi gemaach ginn?

Et ass hei gesot gi gëschter a virgëschter, datt dee Spuerpak équilibréiert wär, well zu engem Drëttel géif e sech aus Steieren zesummesetzen, an da kéim en Deel, e groussen Deel dovunner, dat wär eben

d'Strecke vun den Investitiionsausgaben oder d'Zrécksetzen, d'Kierze vun den öffentliche Investitiionsausgaben.

An do grad läit de grouse Problem eiser Meenung no, datt bei den öffentliche Investitiionsausgaben eiser Meenung no net hätt solle gekierzt ginn. Mir hätten et misse fäerdeg bréngen, bei de realen Ausgabe vum Stat méi anzespueren an deementsprechend d'öffentlech Investitiionsausgaben, haauptsächlech do, wou mir fannen, wou mer grouss strukturell Defiziter hunn, déi héich ze halen. An dat geschitt net.

Duerfir sinn och dann am öffentliche Transport, och wa vill investéiert gëtt sécherlech dran, awer Projete verschobe ginn an der Zäit oder elo emol op Äis geluecht ginn. Duerfir sinn och am Schoulberäich zum Beispill Schoulgebaier, Lycéeën, déi solle gebaut ginn, déi net gebaut ginn.

Dat sinn alles Signaler, déi am Fong am Widdersproch sinn zu deem, wat d'Regierung op där anerer Säit da seet, wa se feststellt zum Beispill, datt de Schoulberäich fir si ee vun deene wichtigste Beräicher wär, wou iwwerhaupt dat Land hei misst an deenen nächste Joren investéieren, wou een nëmme kann ënnerschreiwen, mä wou een an der Praxis dann awer gesäit, datt duerch déi falsch Spuerpolitik dann déi Prioritéiten net ëmmer esou eescht geholl ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. François Bausch** (*déi gréng*). - Mir hunn och insgesamt - an do soen ech dem Rapporteur Merci, datt en dat opgeworf huet - eng Diskussioun dës kéier iwwert d'Approche vun der Chamber zu dem Budget insgesamt. Dat heescht, wéi mer de Budget géifen a sollen analyséieren. An ech ginn him honnertprozenteg Recht, datt mer net genuch d'Aufgab maachen hei am Parlament, fir méi och d'Ressorten eenzel ze kucken.

Elo muss ee sech just d'Fro stellen: Éischters, wat fir een Zil soll dat hunn? An zweetens, wéi soll een dat maachen?

D'Zil ka jo dann nëmme sinn, datt d'Chamber och de Courage huet, wéi et an anere Parlamenten iwwerengs och ass, fir, wann d'Ressorten eenzel gekuckt ginn, dann och emol Amendementer ze maachen, zum Beispill op där enger Säit vläicht d'Krediter kierzen ze goen, vläicht op där anerer Säit och emol e Kredit bäizesetzen. Dat heescht, Amendementer anzubringen zu deenen eenzelne Ressorten. Dat ass eng Tradition, déi gëtt et an anere Parlamenten.

Mir ware viru sechs, siwe Joer eng kéier beim Bundestag, dat war, wéi mer deemools d'Budgetkontrollkommission an dësem Parlament geschafen hunn, do hu mer ons ugekuckt, wéi do d'Exekutioun vum Budget am Bundestag suivéiert gëtt. A mir haten dann d'Chance, éischters an engem Finanzausschuss derbäi ze sinn, an zweetens awer och an enger Sitzung vum Budgetkontrollausschuss derbäi ze sinn. An do hu mer gesinn, wéi haart et do hiergaangen ass an datt eigentlech och do am Budgetkontrollausschuss zum Beispill d'Fro Majoritéit/Opposition iwwerhaupt keng Roll spillt, well do geet et jo nëmme méi ze kucken, ob dee Budget, dee gestëmmt ginn ass, och uerdentlech exekutéiert gëtt.

Bei dem Finanzausschuss huet een awer och ganz gutt kënnen feststellen, datt de Courage besteet do vum Parlament, de part et d'autre, emol verschidde Ministèren, verschidde Verwaltungen op d'Fangeten ze klappe respektiv Amendementer eranzubringen.

Wéi gesot, wa mer deen Exercice wëlle maachen an Zukunft, fir all Departementer duerkzekucken, da gëtt dat awer nëmme Sënn, wa mer och de Courage hunn, d'Zil domadder ze verfollegen, fir och heiansdo Amendementer ze maachen.

(**Interruption**)

An da stellt d'Fro sech och nach hannendrun: Wat ass méi adequat, fir dat ze maachen? Ass dat Adequaatst, fir dat ze maachen, hei an der Plénière eng Diskussioun ze féiere vun - ech weess net - enger Woch oder zwou Wochen, wou mer da géifen all Ressort duerkhuelen? Oder ass et net awer méi adequat, dat an der Finanzkom-



missioun ze maachen? Soit, datt d'Finanzkommissioun méi fréi taagt, anescht taagt oder méi oft taagt, jee nodeem wéi, dat muss een da gesinn.

Ech mengen oder mir mengen, datt dat Zweet méi richtig ass. Well wa mer hei an der Plénière ufänke méi laang ze diskutéieren, mir wëssen all, wéi et ass, da sinn d'Wierfelen awer plus ou moins gefall. Dat féiert sécherlech net derzou, datt mer de Courage zum Beispill hätten, en Amendement ze maachen. Par contre, wa mer et an der Finanzkommissioun géife maachen, da wär dat duerchweegs méiglech.

Souwisou muss mer jo d'Approche an der Finanzkommissioun komplett iwwerdenken, duerch déi ganz Problematik vum Europäesche Semester, wat mer wäerte kréien, dat heescht, datt mer vill méi fréi mussen an der Finanzkommissioun eis wäerte misse mam Budget befaassen. An duerfir wär dat wahrscheinlech eng gutt

Geleeënheet, fir déi zwou Saache mateneen ze verknäppen an deementspreechend eng aner Approche ze wien.

Ech wëll dem Här Bodry iwwregens och soen, datt hien net deen Eischten ass, deen dat doten opgeworf huet. Säi Wirtschaftsminister, säin heitege Wirtschaftsminister a Parteikolleg, de Jeannot Krecké, hat, wéi hie selwer Rapporteur war an der Zäit, déi dote Fro och opgeworf an den 90er Joren. A mir hunn et, wéi gesot, ni fäerdeg bruecht, eis eeschthaf domadder ausereenzenetzen. Ech mengen awer, datt et noutwendeg ass, datt dat gemaach gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, ech veroden lech kee Geheimnis: Dir hutt erausgespuert aus mengen Analysen, datt meng Fraktioun dës Budget net wäert stëmmen. Mir sinn och der Meenung, datt dës Regierung, dës Koalitioun nach méi wéi déi virdrun dem Term gerecht gëtt, deen den Här Biltgen

geprägt hat, wéi se gegrënnt ginn ass 2004, wéi se sech zesumme fonnt huet 2004, nämlech: d'Koalitioun vun der arithmetescher Vernunft.

Et kann ee bal soen, datt dës Koalitioun wierklech d'Koalitioun ginn ass eischter vun der banaler Gestiou.

(Interruption)

Si bréngt et net méi fäerdeg, fir wierklech couragéiert un Dossierer erunzegoen. An et ass eigentlech,...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Wann een an der leschter Legislaturperiod nach e bëssen amüséiert konnt deen Term ëmmer erëm kommentéieren, esou muss ech soen, datt een an dëser Legislaturperiod dat net méi ka maachen, well mer eis an enger ganz anerer Ausgangsposition befanne wéi nach 2004.

Dës Land bräicht eigentlech am Moment eng Regierung, déi wierklech zesumme stéing, déi sech eens wär, déi handlungsfäeg wär an déi déi richtig Analys géif maachen. Dat ass awer bei dëser Regierung net de Fall.


Här President, wéi gesot, mir stëmmen dës Budget op alle Fall net.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här François Bausch. Domadder géife mer fir de Moie mat eisen Diskussiounen ophalen, a mir kommen de Mëtteg um hallwer dräi erëm zesummen. Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung vun de Moien ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.21 heures)



Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011 (suite)

- Discussion générale (suite): M. Gast Gibéryen, M. André Hoffmann, M. Xavier Bettel, M. Jean-Louis Schiltz, M. Alex Bodry
- M. Luc Frieden, Ministre des Finances
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Motion 1: M. François Bausch, M. Alex Bodry, M. André Hoffmann, M. Claude Meisch, M. Gast Gibéryen
- Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo et Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

► **M. le Président.** - Ech maachen d'Sitzung op.

D'Chamber fiert de Mëtteg weider mat de Budgetsdebatten. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Gast Gibéryen age droen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011 (suite)

Discussion générale (suite)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, och wann et eng Traditioun ass, datt een ufanks vun der Ried vum Budget dem Rapporteur Merci seet fir seng Aarbecht, déi e gemaach huet, esou ass et, trotzdeem et eng Traditioun ass, - mengen ech - awer een ugebruechte Merci, well de Kolleg Alex Bodry huet och, wéi dat scho seng Virgänger gemaach hunn, dës Kéier sech intensiv an dat Dokument ageschafft an huet e gudde Rapport gemaach. An ech mengen, mir konnten alleguer an der Finanzkommissioun dat feststellen.

Et ass och esou, datt e Rapport vun engem Rapporteur net ëmmer onbedéngt eng Diskussioun erëm pigelt, déi an der Kommissioun gemaach gëtt, mä datt dem Rapporteur och seng perséinlech Iddie mat an de Rapport erafléissen. Dat ass eng Bereicherung duerfir och an der Vergaangenheet gewiescht, well dann awer Iddien zu Pabeier komm sinn, déi ëmmer e gutt Noschlowierk waren, wa mer an der politescher Diskussioun hei stoungen. Duerfir och de Merci vun eiser Säit un de Kolleg Alex Bodry fir säi gudde Rapport.

Här President, ëmmer méi héiert een, wann ee mat de Leit am Land schwätzt, Sätz wéi: „Wou féiert dat hin?“ Oder: „Wou steiert dat Land, wou steiert Lëtzebuerg hin?“ Et ass eng Besuergnis, déi Leit zum Ausdrock bréngen; Leit, déi sech Suergen ëm d'Zukunft vun eisem Land maachen. D'Ursaache si verschidde. Si gi vun der finanzieller Situatioun vum Stat, verbonne mat ëmmer gréissere Problemer an de Schoulen oder Verkéiersproblemer, Wunnungsproblemer, Infrastrukturproblemer an esou weider; den Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft, déi ëmmer méi wäertlos an onorientéiert zu enger reng op Materialismus opgebaute Gesellschaft sech entwéckelt huet - dat an engem internationalen ëmmer méi onsécheren Ëmfeld; an engem Europa, wat ëmmer méi Pouvoiren u sech rappt a gläichzäitig eng Politik am Interesse vun der multinationale Konzern a géint d'Interesse vun normale Bierger mécht, wou déi national Souveränitéiten ëmmer méi ënnert d'Diktat vu Bréissel gestallt ginn.

Vill Leit komme sech ëmmer méi friem hei an hirem Land vir, well hei ni eng richtig Integrationspolitik praktizéiert ginn ass. D'Lëtzebuurger an d'Netlëtzebuurger lieue méi niewentenee wéi mateneen. E Land, wou d'Sprooch vum Land Lëtzebuerg ëmmer méi an d'Hannertreffe geréit. E Land, wou d'Jugend muss auswanderen, fir sech an hirer Famill kënnen nach eng Wunneng ze leeschten. E Land, wou zwar all Joer nach zousätzlech Aarbechtsplaze geschaf ginn, d'Zuel vun der Frontalieren awer wiißt a gläichzäitig och de Chômage hee heem wiißt. Awer och e Land, wou trotz engem ni do gewieschte Räichtum iwwert d'Jorzéngten ëmmer méi Leit ënnert d'Aar-

mutsgrenz fale mat steigender Tendenz - bis elo bal 15%.

Wat och bewise gëtt doduerch, datt d'Unicef an enger rezenter Studie elo vun uganks Dezember festgestallt huet, datt hei am räiche Lëtzebuerg iwwer 11.000 Kanner ongenügend Zougang zu Wuelstand, Bildung a Gesondheet hunn. Lëtzebuerg rangéiert ënner 24 Länner do op der 15. Plaz.

Et gëtt awer och bewisen doduerch, wann ee kuckt d'Entwécklung, déi de Stat bezilt fir Bezéier vun der Deirechtzoulag. Am Joer 2000 waren dat 5.339 Persounen. Zéng Joer méi spéit sinn et der 20.112, also eng Verviefachung bannent zéng Joer.

D'RMG-Bezéier: 2002 hate mer 6.246 Stéit oder 10.500 Persounen. 2010, also aacht Joer méi spéit, huet et sech verduebelt op bal 10.000 Stéit an iwwer 18.000 Persounen. D'Suiciden, wou Lëtzebuerg am Spëtzeloton läit mat ëmme offiziell ongeféier 70 Doudeger pro Joer, wouvun de Gros tëschent 25 a 60 Joer läit, also Leit, déi am aktive Berufsleue stinn.

D'Kriminalitéit, déi an de leschte Jore massiv zougehooll huet. De Schoulsystem, wou d'Ofgäng ouni Réussite rekordverdächtig sinn, an am internationale Vergläich Lëtzebuerg bei den Entwécklungslänner rangéiert. Dat, trotz deem deierste Schoulsystem weltwäit. An déi lescht Deeg hunn eis dat opgrond vun dem Resultat vun der Pisa-Etüd op en Neits bewisen. De Chômage ass an de leschte Joren op Rekordhéicht geklommen.

All dës Themen, Här President, Sujete maachen ëmmer méi Leit Kappzerbrieches hei am Land, a se froe sech mat Recht: „Wou steiert dat Land hei hin? Wou leien d'Ursaachen? Wat huet d'Politik falsch gemaach, datt eist Land sech haut an esou enger Situatioun befënnt?“ D'Budgetsdebatte sinn dofir eng gutt Geleeënheet, fir déi Analys ze maachen.

Här President, ech fänken u mat der Finanzsituatioun vum Stat. Iwwer Jorzéngten hat dës Land Plus-valuen a Milliardenhéicht. Haut sinn d'Keesen eidel - egal, wann d'CSV virun de Wahlen behaupt huet an elo nach geleeëntlech weider versicht ze behaupten, datt dank der CSV mir haut nach Reserven hätten. Den Här Finanzminister huet geschter souguer nach gesot, datt dank enger laangfristeger vorsichtiger Finanzpolitik mir haut nach Reserven hätten.

Richtig ass awer, datt dank der CSV, déi iwwer Jorzéngten d'Steiergelder zur Fënster erausgeworf huet, mer haut keng Reserve méi hei am Land hunn. Fir datt dat net soll esou opfalen, muss de Budgets- a Finanzminister vill mat de Chiffere jon-

gléieren. Mir nennen dat och: Budgetsmanipulationen. Den Här Luc Frieden wier sécherlech Weltmeeschter an de Budgetsmanipulationen a wann et en Nobelpreis géif gi fir Budgetsmanipulationen, géif den Här Frieden dee sécherlech konkurrenzlos gewannen.

Mat wat fir Tricken...

(Interruption)

...gëtt hei iwwer Jore versicht, d'Budgets normen an -zifferen ze friséieren? Den éischten Trick zum Beispill 2006 - do huet deen Trick och nach funktionnéiert. Do ass een defizitäre Budget presentéiert gi vun 300 Milliounen. D'Tripartite ass ageruff ginn. Doropshin, well e sollt defizitär sinn ass, ass de Sozialofbau decidéiert ginn. E puer Beispiller: Indexmanipulation, massiv Erhéijung vun der Autossteuer, Erhéijung vun de Baitreeg vun der Fleegeversécherung vun 1% op 1,4%, verschidde Famillenzoulage sinn net méi indexgebundene ginn. An herno konnte bei de Konte keen Defizit, mä Plus-valuen an der Héicht vun 240 Milliounen festgestallt ginn, ouni datt am Joer Budgetsjoer 2006 déi Moossnamen, déi decidéiert gi waren, hiren Niederschlag fonnt hunn. Dat war eréischt an deem Joer duerno.

Den zweeten Trick, dee gemaach ginn ass, dat war beim Budget 2009, och Wahlbudget genannt, well 2009 war jo bekanntlech d'Joer, wou d'Wahlen waren. Virun de Wahlen ass dës Budget am Gläichgewicht presentéiert ginn. Jiddweree wosst, datt de Budget awer defizitär wier. An d'ADR huet dat och ëmmer ganz kloer gesot. D'CSV awer presentéiert aus Tradition an lwwerhiefléckheet virun de Wahlen keen defizitäre Budget.

D'Konten, déi mer elo viru 14 Deeg hei an der Chamber awer gestëmmt hunn, hunn de Contraire bewisen an annerhaleft Joer no de Wahlen dann d'Wourecht un d'Liicht bruecht, datt dee Budget mat enger Milliard Defizit ofgeschloss huet. Virun de Wahlen gëtt also e Budget schéi friséiert.

An den heitege Budgetsrapporteur Alex Bodry huet deemools - ech schwätze vum Budget 2009 - am November 2008 am „Lëtzebuurger Land“ geschriwwen: „Budgetminister Luc Frieden sei zweifelsfrei ein Zauberer.“

An dës Joer stoung am „Lëtzebuurger Land“ vum 8. November genau dat geschriwwen, wat d'ADR am Dezember 2009, also bei der Diskussioun vum Bud-